

(La séance publique est ouverte à 14.00 heures.)

1. Ouverture de la séance publique

M. Claude Wiseler, Président | Ech maachen d'Sëtzung op.

2. 8444 – Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2025 [...]

8445 – Projet de loi relative à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2024-2028 (suite)

D'Chamber fiert de Mëtte mat den Debatten iwwert de Staatsbudget fir d'Joer 2025 weider. Et hu sech scho fir de Mëtten nach ageschriwwen: d'Madamm Sam Tanson, den Här Sven Clement, den Här David Wagner, d'Madamm Diane Adehm, den Här André Bauler an den Här Franz Fayot. An d'Wuert huet elo déi éischt Riednerin vun de Mëtten, déi honorabel Madamm Sam Tanson. Madamm Tanson, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale (suite)

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Merci, Här President. Ech hunn dem Finanzminister och eppes matbruecht.

(Mme Sam Tanson dépose une pomme sur le pupitre.)

Här President, Dir Dammen an Härren, merci fir d'éischt emol der Rapporteuse fir hiren interessante Rapport iwwer e Sujet, deem eis sécherlech alleguerter ganz vill betrëfft an dee sech lues a lues an eis Gesellschaft aschläicht an deem mer ganz bestëmmt och musse Reegelen, ganz kloer Reegele ginn. Dat schéngt mer eng Prioritéit ze sinn, zemoos um Niveau vun den eethesche Standarden. Duerfir merci, dass Der Iech domat ausenanergesat hutt.

Eng Zuel awer ass mer an d'A gestach an Ärem Rapport, déi Der ernimmt: D'KI kéint d'Méiglechkeet ginn, relativ kuerzfristeg d'Produktivitéit vu Lëtzebuerg ze steigern, ëm 9 % ass déi Zuel, déi Der zitëiert. An dat ass eng Zuel, déi mer, denken ech, sollten am Kapp behalen, wa mer och iwwer méiglech Finanzéierungsquelle vum Pensioussystem nodenken.

A mir kréien deemnächst, mir hunn et nach de Moien héieren, d'Geleeënheet – e bësse méi spët wéi ugeholl, mee mir kréien d'Geleeënheet –, iwwert dee System ze debattéieren. Mee eppes huet mech scho frappéiert an der Differenz am Discours an am Agéiere vun dëser Regierung – oder loosse mer soen der CSV – an zwee Dossieren, déi enk matenee verbonne sinn: de Pensioussystem an d'Staatsfinanzen.

Bei de Pensioune kuckt Der op 2070 a warnt, dass mer elo mussen handeln – mir hunn et de Moien och nach eng Kéier héieren –, well soss déi nächst Generatioun géng mat eidelen Hänn dosto. Beim Staatsbudget ass d'Visioun e bëssen eng aner oder de Patient vläicht e bësse méi kuerzsichtig. Do schéngt et méi drëm ze goen, einfach „manner“ ze maachen, heescht, manner Recetten erakréien, andeem massiv d'Steieren erofgesat ginn, an awer och manner an d'Zukunft vum Land investéieren. Do ass de Bléck op déi Jonk, op d'Generatiounegerechtkeet verschwonne.

Dëse Widdersproch tëscht Wäitsicht verlaangen an anescht handeln, dee fënnt een och bei Iech selwer erëm, Här Minister, tëschent deem, wat Der déi lescht Joren hei als Oppositionschef gesot hutt, an deem, wat Der haut als Finanzminister maacht. Dat hei ass jo, wéi Der selwer sot, den éischte Budget, deem esou richtig Är Handschrëft dréit. An eigentlech, wann een

Är sëllege Rieden déi lescht Joren hei zum Budget gelauschert huet oder nogelies huet, dann hätt jo eppes misse ganz prominent an dësem Budget ze fanne sinn, an dofir hunn ech en och haut matbruecht: den Apel fir den Duuscht. Eh ben, ech muss Iech enttäuschen, ech hunn en net fonnt, an och déi sëllege Commentateure vun Ärem Budget hunn e batter vermësst. Den Apel fir den Duuscht schéngt Iech definitiv aus der Täsch gefall ze sinn um Wee vun der Chamber an d'Jofferegässel.

An dat ass och ee vu véier groussen Ënnerscheeder tëscht deem, wat Dir maacht, an deem, wat mir géinge maachen: Dir setzt nämlech nëmmen d'Recetteméiglechkeeten erof, leet näischt op d'Säit an zeechent net op, wou nei Recettë kënnen derbäikommen. Et ass eng Politick vum „Manner“, an dësem Fall: manner Reserven, manner Recetten.

Wisou ass et esou wichteg, ons Staatsfinanzen ofzesécheren? Et ass schonn a ville Rieden heibannen an dobaussen ugeklongen: Mir liewen an engem ganz onstabelen internationale Kontext. An ech muss Iech soen, vill vun de Constaten, déi Der gemaach hutt beim Depot vum Budget, si Constaten, déi mer absolutt deelen. Dir hutt geschwat vun ëmmer nach donkele Konjunkturwelleken, vu grousser politescher Ongewëssheet a ville grouse Länner, vun enger Klimakris, déi net ofhëlt, vu Kricher, der Digitaliséierung a wirtschaftlecher Transformatioun an der Wichtegkeet vun der Sozialpolitik.

An eebe well mer eigentlech an der Essenz déi selwecht grouss Defien an der Welt erkenne wéi Dir, fält eis ëmsou méi an d'Aen, dass dëse Budget kee Budget ass, deem Äntwerten op déi Erausforderunge liwwert. An och wann een Iech de Moien erëm nogelauschert huet, zeechent Dir op där enger Säit dat dote Bild vun der Weltlag, wéi se ass, an op där anerer Säit dat schéint rosarout Lëtzebuerg, an deem mer liewen. Dir hat Är Ried am Oktober mam Kompass dekoréiert, dee mir nach déi Woch virdrun op enger Pressekonferenz vermësst haten, mee ausser baussen drop hu mer de Kompass net erëmfonnt. Dofir war déi Ried beim Depot dach symptomatesch, well Der do phaseweis eigentlech just – an dofir hunn ech de Moie gelaacht, wéi Der sot, Dir géngt keng Floskelpolitik maachen –, genau wéi och de Moien, relativ vill Floskelen uneneegereit hutt. E Beispill, Dir hutt wuertwiertlech gesot: „Eis Finanzpolitik ass Alldagspolitik fir d'Leit. En inklusiiv Lëtzebuerg heescht: e Land, an deem jiddereen derzougheiert.“

Fir eis ass dat, wéi gesot, symptomatesch fir eng Regierungspolitik, déi a ville Beräicher Konsequenz vermësse léisst, ausser et geet ëm Steiererlichterungen oder – bis elo och nëmmen an der Ukënnegung, an Dir wäert doudséchere heiru gemooss ginn – administrativ Vereinfachung. An, esou fair muss ee sinn, mat e puer Ausnamen – an dat hunn ech d'lescht Woch och hei duerfir ënnerstrach –, déi geziilt do ënnerstëtzen, wou et wichteg ass, wéi zum Beispill de steierfräie Mindestloun, d'Erofsätze vun der Besteuerung an der Steuerklasse 1a oder och nach de Crédit d'impôt barème. Dat si gutt Mesüeren, déi mer och do wéinst ënnerstëtzt hunn.

Mee doriwwer eraus gëtt virun allem ofgewart, lavéiert, mat Testballone geschafft an dann nees zrëckgeruddert. Dat weist sech och budgetär, zum Beispill bei dem Hickhack ëm d'Transitiounsprimmen, ëm den Energiepräisdeckel, ëm d'Logementsmesüeren – alles Saachen, wou spët decidéiert gëtt, well ee kee kloer Plang huet oder sech net traut an de betraffene Leit am Endeffekt domat op d'Nerve geet, well se net wëssen, wou se finanziell wäerten dru sinn an e puer Wochen, Beispill – ech kommen nach dozou –: d'Netzkäschten.

An och wat déi pluriannuel Finanzementer ugeet, ass dëse Budget alles anescht wéi staark. Do feelen am Pluriannuel plazeweis vill Milliounen am Verglach zum leschte Pluriannuel, wéi zum Beispill bei den Infrastrukturen. A wann dem Statec seng Previsiounen weider no ënne rutschen, da riskéieren déi vill Milliounen, ganz séier zu extreem ville Milliounen ze ginn.

Dobäi kënnt ons Schold, déi laut der Cour des comptes net reequilibréiert gëtt, an déi feelend Reserven, eppes, wat beonrouegt a woumat Dir als Deputéierten Iech och ëmmer beschäftegt hutt. Insgesamt stellt de Rechnungshaff Iech keng ganz gutt Zensur aus. An ech hu mech gefrot, ouni elo wëlle Comptoirpsychologie ze maachen, ob se net eigentlech, mat all deenen Discoursen, déi Der hei gefouert hutt, vun Iech eng aner Politick erwaart haten an do wéinst e bëssen enttäuscht sinn.

Dir sot hei am Dezember 2020: „Jo, an do ass et verpasst ginn, an ech huelen et nach eng Kéier, den Apel fir den Duuscht op d'Säit ze leeën, well et woussst een, dass déi Recetten do vun de Steieren [...] net rekurrent géife weider an d'Luucht goen. An amplaz den Apel fir den Duuscht ze huelen, amplaz en Deel op d'Säit ze setzen, fir a méi schlechten Zäite Scholden eventuell ofzedecken, wat ass geschitt? Et ass eng Halligalli-Politik gemaach ginn, gratis hei a gratis do!“

(Brouhaha)

„Jo, den Tun krut eppes, de Pier krut eppes an de Misch huet och eppes missen an der Dräierkoalitioun kréien.“

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Wie sot dat? Ech?

Mme Diane Adehm (CSV) | An der Dräierkoalitioun?

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Majo, Dir musst nolauschteren, Madamm Adehm. Ech hunn Äre Finanzminister zitëiert.

Et ass scho bemierkenswäert, wéi Dir elo hei op Äre eegen Aart a Weis eng „Halligalli-Politik“ bedreift, wat och ëmmer d'Definitiou dovunner ass. Bei Iech gëtt d'Géisskan ganz breet gestreet. An et kënnt nach dobäi, dass et absolutt net chiffréiert ass, wat dee ganze „Manner“ kascht, deem Der an d'Weeër geleet hutt.

2 Milliarden Déchet fiscal ginn eleng am Pluriannuel op de Konto vum Entlaaschtungspak, dee mer déi lescht Woch hei diskutéiert hunn. Der Zentralbank no kann d'Baisse vun der Betrëbsbesteuerung ëm 1 % bis zu 600 Milliounen a véier Joer kaschten. Wéi wëll d'Regierung dat géigefinanzéieren? Mat nach méi Tubakverkauf? Dat wieren dann zousätzlech knapp 3 Milliarden Zigaretten, déi mer iwwer véier Joer verkafe missten. Dat ka jo keen hoffen. D'Realitéit ass: Dës Regierung huet kee Plang, wéi se dat finanzéiere soll.

Här Minister, ech hu mech an de leschte Woche méi wéi eng Kéier gefrot, wéi Dir géngt hei an der Opposition optrieden, wann en anere Minister esou eng Budgetpolitik géng bedreiwé wéi déi, déi Dir hei maacht: eng Politik, déi weider Scholde mécht, déi keng Erspuernisser mécht an d'Recettë vum Staat dobäi erofsetzt. Ech sinn zur Konklusioun komm, dass dee Finanzminister kee schéine Moment dee Moment hätt.

An ech muss soen, wéi ech och de Moien nogelauschert hunn, war ech och e bëssen erstaunt an ech wonnere mech, dass Är Koalitiounskollege vun der DP net awer e bësse méi rose sinn, well Der ëmmer erëm hir Finanzpolitik awer nach weider duerstellt, wéi wann déi net seriö gewiescht wier.

(Interruption)

Mee wéi ech dem Gedanken nach e bëssen nogaange sinn, sinn ech dun awer zur Konklusioun komm, dass

et u sech absolutt net erstaunlech ass. Dir hutt et jo och an Ärer Landgemeng, wéi Der ëmmer sot, fäerdegbruecht, déi héchste Schold unzeheefen, déi eng Gemeng hei am Land ugesammelt huet. Erstaunlech ass just, datt Der hei op dëser Plaz an där Roll, an där ech elo sinn, e ganz aneren Discours gefouert hutt.

A jo, mir sinn effektiv och net fir eng Austeritéitspolitick. Mee mir sinn awer och net fir eng Politick, déi muer nei Problemer schafft, andeem se ganz kuerzfristeg Léisunge sicht. D'Cour des comptes schreift an hirem Avis dat, wat mer all wëssen: datt mer an enger oppener Ekonomie sinn an extreem ofhängeg si vun den Evolutiounen am Ausland.

D'Cour erënnert an deem Kontext un hiren Avis fir de Budget 2021, an deem se gefrot hat, datt no der Kris – well dat gött ëmmer e bësse vergiess an all deem, wat een esou hei héiert, do ware mer nämlech matzen dran an der Kris – misst gekuckt ginn, wéi een de Budget nees kéint an den Equiliber bréngen. En Avis, deem Dir en long et en large zitëiert hat 2020 an Ärer Ried. Esou villen vun deem, wat Dir deemools gesot hutt, kéint ech Iech elo haut och hei soen. Wat mech dobäi stéiert, ass déi Vehemenz, mat där Der deemools eppes agefuert hutt, wat Der haut, wou Der jo kéint, net maacht. Well wéi schreift d'Cour des comptes? „Or, le présent projet de budget ne fait pas état d'une quelconque stratégie de rééquilibrage budgétaire à court et/ou moyen terme.“ An och de Conseil national des finances publiques freet sech, wéi e Potenzial un „accroissement de ses moyens“ de Staat nach hätt am Fall vun zukünftigen ekonomeschen a politesche Schocken.

De Bléck op eng méi laang Dauer oder och d'Previsibilitéit vum Budget gött och net méi einfach doduerch gemaach, datt d'Estimatioun vun de Recettë fir all Budget nach ëmmer e Bléck an d'Glaskugel ass. Dat dierft jo eigentlech duerch d'Digitaliséierung vun den Deklaratiounen net sinn, grad bei der Schätzung vun de Solden. Mir hoffen, datt e besseren Echange vun Donnéeën tëscht de Verwaltungen an Institutionen do geschwé Remedur schafft, a proposéieren awer en attendant nach eppes aneres, ech kommen nach drop.

D'Recettë sinn also, wéi schonn esou dacks, wéi duerch e Wonner zolidd an d'Luucht gaangen am Verglach zu de Previsiounen. Haaptsächlech zwee Elementer suergen derfir, datt d'Recettë méi héich ausfalen. An esou leed et mer och deem, dat ze soen, dat huet näischt mat der Politick vun der CSV/DP-Regierung vun deem leschte Joer ze dinn. Do brauch ee just d'Zuelen ze kucken, anescht wéi dat vläicht hei de Moien duergestallt gouf. Dat eent sinn déi enorm Benefisser, déi d'Banke gemaach hu wéinst den héijen Zënse. Dat anert sinn – onerwaart? – Solden, déi erakoume vun engem groussen Transporteur, deem an der Covidzäit ganz gutt geschafft huet. Déi méi héich Recettë ginn also net op en Opschwung zrëck, nee, si baséieren haaptsächlech dorop, datt d'Leit vill méi un Zënse hu misse bezuele fir hir Kreditter op hiren Haiser an Appartementen.

Fir där net esou geneeër Planung vun de Recetten entgéintzewierken, déi jo virun allem wéinst ënnerschatene Solden esou ongenee ass, fanne mir eng Propos vum Romain Bausch vum Conseil national des finances publiques, déi en an der Kommissioun gemaach hat, extreem sympathesch. An ech deposéieren och eng Motioun an deem Sënn.

Motion 1

« relative à la réalisation d'une épargne en faveur du bien-être des générations futures »

La Chambre des Députés,
considérant

– que les recettes de l'Administration centrale pour 2024 ont été sous-estimées d'environ un milliard d'euros dans le projet de budget 2024 par rapport au compte prévisionnel et que le taux de variation par rapport à 2023 se trouve nettement au-dessous de la moyenne historique ;

– que le Conseil national des finances publiques estime qu'une sous-estimation des prévisions de recettes de l'Administration centrale est probable aussi pour l'exercice 2025, sachant que le taux de variation estimé (5,2 %) figure en-dessous de la moyenne historique (6,4 %) ;

– l'existence du Fonds souverain intergénérationnel du Luxembourg (FSIL) créé en 2014 et ayant comme mission la réalisation d'une épargne dont les revenus pourront être utilisés pour contribuer au bien-être des générations futures ;

– que l'alimentation budgétaire annuelle du FSIL s'élève actuellement à 50 millions d'euros aux prix de 2015, ajusté pour tenir compte des variations de l'indice des prix à la consommation, correspondant prévisionnellement à 63,5 millions d'euros en 2025 ;

– que selon la loi du 19 décembre 2014 relative à la mise en œuvre du paquet d'avenir – première partie, le Gouvernement peut décider au plus tôt vingt ans après la date de constitution du Fonds, ou lorsque les avoirs du Fonds dépassent 1.000 millions d'euros, d'affecter au budget de l'État au maximum 50 pour cent des revenus dégagés par les avoirs du Fonds au cours de l'exercice précédent ;

– qu'au 31 décembre 2023, le FSIL faisait état d'un actif d'environ 600 millions d'euros et qu'en 2023, la performance du fonds s'élevait à environ 10 % en 2023 ;

– qu'une alimentation supplémentaire du FSIL permettrait de générer des revenus nettement supérieurs capables de contribuer au financement d'investissements importants dans l'avenir et de constituer un axe supplémentaire de recettes budgétaires notamment en temps de crise,

invite le Gouvernement

– à canaliser à l'avenir au moins partiellement les recettes budgétaires supplémentaires en cas de sous-estimation des recettes vers une alimentation supplémentaire du FSIL afin de réaliser une véritable épargne dont les revenus pourront être utilisés pour contribuer au bien-être des générations futures.

(s.) Sam Tanson, Djuna Bernard.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Tanson.

Mme Sam Tanson (déi gréng) | De Romain Bausch proposéiert, datt déi Recetten, mat deenen een net gerechent hat, an e Fong ugeluecht ginn, als Apel fir den Duuscht. Mir hu jo esou e Fong scho mam Fonds souverain intergénérationnel, a mir plädéieren derfir, datt déi Recetten, déi en sus kommen, ganz einfach op d'Säit geluecht ginn. Dat hätt an onsen Aen zwee Effekter: Et géng ee sech vläicht Méi ginn, d'Solden esou genee wéi méiglech an de Budget anzeschreien, an dann hätte mer méi e realistesch Budgets-projet, iwwert dee mer hei géingen diskutéieren. A wann effektiv onerwaart zousätzlech Recetten erakéimen, déi da wierklech onerwaart wieren, da géng een déi Suen, mat deenen ee jo eigentlech net gerechent hat, kënnen op d'Säit leeën.

Et kënt bei de Recetten nach eng aner Inconnue derbäi: déi vun der Mindeststeuer op d'Entreprises, déi mer virun engem Joer hei gestëmmt hunn. Weeder de Budget nach d'Steierverwaltung konnten eis Opschloss doriwwer ginn, ob doduerch elo méi oder manner Suen erakommen. Wat vun Experte virun allem bedauert gouf, dat ass, datt net wéinstens duerch verschidden Hypothese probéiert gött, méi genee ze chiffréieren, wat d'Resultat dovun ka sinn,

mat zum Beispill alternativen Zenarien, esou wéi mer dat och am Covid gesinn hunn.

Deen zweete groussen Ënnerscheed tëscht Iech an ons ass deem, datt Der a wichtegen Zukunftsfroen den Invest erofschrauft. Dir maacht datt engersäits am Pluriannuel vum Logement an anersäits am Pluriannuel vum Klima- an Ëmweltfong.

Ier ech an den Detail ginn, wollt ech awer nach ervirsträichen, datt ech am Budget an an Ärer Ried keen een neie grouse Projet eraushéieren hunn, sech also hei confirméiert, datt Dir d'Regierung vum „Manner“ sidd, an dësem Fall: manner Investitiounen an déi kommend Generatiounen.

Am Laf vun de Kommissiounssätzungen huet ee souguer eraushéieren, datt déi puer Saachen, déi am Koalitionsaccord virgesi waren, wéi zum Beispill e Militärspidol, vum Dësch sinn. An der Mobilitéit gött weiderhin dem François Bausch säi PNM ëmgesat. A punkto Tram wäert an dëser Legislaturperiod och näischt Neies entstoen. Et wäerte just 2,5 nei Kilometer gebaut ginn, déi schonn decidéiert waren, an dat och op enger onkomplizierter Streck um Kierchbiereg, géintwärt 16,4 Kilometer iwwert déi zéng Joer virdrun. Och dat féint een an den Zuelen erëm: Den Invest an den Tram geet déi nächst dräi Joer ëm 30 Milliounen Euro am Verglach zu deem viregte Pluriannuel erof. Idem bei den internationalen Zuchstrecken, beim Fonds des routes a souguer engem vun Äre Projets phares, dem Ausbau vun der N7 op véier Spueren. Och do héiert een näischt méi. Am Géigendeel, duerch déi Studien, déi amgaange sinn, verzögert sech den aktuelle Projet, esou wéi e virgesi war, an och dat gesäit een am Pluriannuel. D'Ambitioun vun dëser Regierung ass bis ewell beim Weiderdenke vun den Infrastrukturen zu Lëtzebuerg net ze erkennen.

Dat selwecht göllt fir den Ausbau am abordable Wunnensbau. Är Prioritéit beim Logement läit ganz kloer beim Stäerke vun der Demande – bis elo mat määssegem Succès. Dir hutt e ganze Pak hei stëmme gelooss mat engem Desequilibrium en faveur vun den Investisseuren a Multipropriétaires. Jo, mir wëllen och, datt de Bausektor bestoe bleift, an déi vill Fail-litten an dësem Secteur dëst Joer, déi maachen eis extreem Suergen. Mir sinn awer der Meinung, et wier méi sënnavoll gewiescht, iwwer eng Steigerung vun de Marchés publics, eng Acceleratioun vum VEFA-Opkaufprogramm an eng Acceleratioun vum Bau vun den effentleche Wunnengen ze fueren, wéi doriwwer, Scho-Propriétaires mat steierleche Moossnamen ze ënnerstëtzen, fir vill weider Wunnengen ze kafen, déi se duerno kënnen deier verlounen.

Mir fannen et gutt, datt Der den Enregistrement fir Persounen, déi en Eegenheem kafen, erofsetzt. Mir kéinten eis déi Mesür souguer dauerhaft virstellen, gebonnen u Konditiounen, mee mir verstinn net, datt Der dat och fir d'Investisseure maacht, déi als eenzeg Konditioun duerno hunn, d'Immobilie zwee Joer ze halen. Et ass net gebonnen u soss Bedéngungen, zum Beispill par rapport zum Loyer, dee gefrot gött.

Déi Politick, déi Der do maacht, ass och, contrairement zu deem, wat Der de Moie gesot hutt, net faktebaséiert. Et gött einfach an de Raum gestallt, Är Moossnamen hätte gewierkt, och wann d'Zuelen eng aner Sprooch schwätzen. Dat war nach an engem Artikel am „Tageblatt“ e Méinde ganz däitlech ze liesen. Dobäi kënt nach, datt Der se absolutt net am Budget chiffréiert hutt, weeder déi Baisse vum Enregistrement nach d'Verlängerung vun de Logementsmesüren. Mir hoffe jiddwerfalls, datt et no dëser Verlängerung endlech gedoen ass domat. Bis dohi wäerte sech d'Zënse jo och esou stabiliséiert hunn, datt de Marché nees unzitt. An da kënt Der soen:

„Gesitt Der, et wierkt!“ Et kéint ee bal mengen, Dir géingt se elo verlängeren, bis dann endlech Beweegung an de Marché kënnt an Der dann herno kënnt soen, et wär duerch Äre Meritt.

A grad déi schiedlechst vun dese Mesüren, den Amortissement accéléré, déi gëtt och weidergefuert, eppes, wou mer laang dru geschafft hunn, fir et endlech ofzefiederden, eppes, wat Dir deemools och begréisst hat. Ech zitieren: „Zum Amortissement bei de Mietwunnengen: Do soen ech Iech riichteraus, do hate mer ënnerschiddlech Diskussiounen bei eis an der Partei! [...] Jo, dat ass 2002 ënner enger schwartz-bloer Koalitioun agefouert ginn. Mee et ass mat Recht de Moien drop higewise ginn, datt natierlech déi Plusvaluen 2002 net an deem Mooss um Marché immobilier waren, wéi dat haut ass. An duerfir, dat soen ech Iech riichteraus, Här Finanzminister, begréisste mer, dass Der dese Regimm do ofstuuft“. Wann een dat esou liest, dann ass dat haut alles nach ëmmer richteg. An et gëtt fir ons kee Grund, déi Mesür ze verlängeren. Et huet een also d'Gefill, wéi esou dacks bei Iech an der Partei, datt des Kéier déi aner Stëmme sech duerchgesat hunn.

Och den SPV (ndlr: Special Purpose Vehicle), deen Der jo mat virgestallt hutt, also dat Instrument, wat soll de Promoteuren eng Garantie ginn, wa se net genuch vun hiren Appartemennter verkauf hunn, gëtt quasi net genotzt, wat de Gaston Reinesch dozou verleet huet, an der Kommissioun ze soen, den Drock wier wuel net héich genuch bei de Promoteuren. De Logementsminister huet hei viru Kuerzem an der Chamber gesot, datt et mol Zäit wier, datt och bei de VEFAs d'Promoteure missten eppes um Niveau vun de Präisser maachen. Bei den Haiser am Bestand sinn d'Präisser zolidd erofgaangen, ganz einfach well d'Leit hu mussen oder wëlle verkafen, mee et schéngt de grouss Promoteuren am Land nach ëmmer gutt genuch ze goen, vu datt trotz Flaute bei den Neibauten d'Präisser nëmme kuerzfristeg erofgoungen, fir elo erëm eropzegeen. Ouni Drock ginn déi Präisser nëmmen an eng Richtung, nämlech an d'Luucht. An d'Regierung ass leider net gewëllt, Drock op d'Promoteuren ze maachen.

Déi mëttlerweil falend Zänsen, zesumme mat den décke Steiervirdeeler vun deser Regierung fir Investisseuren a Spekulant an ëmmer méi grouss sozial Ongerechtegkeeten, dat ass „rocket fuel“ fir den nächste Spekulationsboom am Immobilien. Kommt, mir steiere matzäit géint a kucke prioritär, datt Jonker an Eegenotzer sech Immobilie leeschte kënnen. A kommt, mir widderhuelen net déi Feeler, déi an der Vergaangenheet gemaach goufen, wou all kënschtlech Spekulationsdemande gutt war, fir de Marché unzefeieren an d'Präisser weider an d'Luucht ze dreiwien!

Mir sinn dowéinst der Meenung, datt et un der Zäit wier, mol déi Texter ëmzesetzen, déi d'Multipropriétaires an d'Flicht huelen, déi net bauen oder déi eng Wunneng hunn a se eidel stoe loossen. Well och dat ass en extreem wichtegt Element am Wunnengsbau: Mir hunn extreem vill Potenzial, wat eidel steet, wat net genotzt gëtt. Et wier gutt, wa mer géingen alles drusetzen, dat mol ze mobiliséieren. Beim État de la nation hat de Premier d'Amendement zur Mobilisierungstax bis Enn des Joers ugekënnegt. Ech hu bis elo nach net matkrut, datt des déposiert gi wieren. Mir erwaarden ons, datt Der dat ëmsetzt, wat Der hei versprach hutt, och zum Beispill e seriösen Deckel bei de Loyalpräisser, déi kontinuierlech klammen.

Mir vermessen, datt des Regierung net mat där selwechter Energie, wéi se de Multipropriétaires ënnert d'Ärm gräift, derfir suert, datt méi bezuelbare Wunnraum op de Marché kënnt. Dat gesäit een och beim Pluriannuel vum Logement abordable. Dee klëmmt net, esou wéi et nach am Budget vun 2024

geplangt war, iwwert déi nächst Joren. Au contraire, an och dat gëtt quasi an all Avis relevéiert: E geet erof am Verglach zum Pluriannuel, dee viru sechs Méint hei gestëmmt gouf. De Pluriannuel 2024 huet fir 2025 Dépense vu 633 Milliounen am Fonds spécial pour le logement abordable virgesinn, iwwerdeems der elo nach 461 drastinn. An déi ganz Trajectoire am Pluriannuel bleift bedeiend manner dynamesch. Dat sinn iwwert déi nächst dräi Joer 500 Milliounen manner fir de Logement abordable!

D'Salariatskummer werft Iech eng gewësse Kreativitéit, voire eng Tromperie vir bei Ären Annoncen am Oktober a si bescheinegt Iech, datt Der effektiv hei e signifikante Richtungswissel ageschloen hätt, nämlech deen, datt déi zukünfteg Investitiounen vum Staat an den abordable Wunnengsbau erofgeschrafft ginn. D'Salariatskummer – a mir deelen déi Aschätzung – seet, datt esou eng Revisioun no ënnen absolut inkohärent an onverständlech ass vu de Besoin an abordablem Wunnraum.

Här Minister, mir sinn der Meenung, dat ass de falsche Wee an e ganz schlecht Zeeche fir de Wunnraum zu Lëtzebuerg. Et geet net duer, de Promoteuren et esou einfach wéi méiglech ze maachen, Wunnengen ze schafen, se mussen och bezuelbar si fir déi Leit, déi eng Wunneng brauchen. Mir brauche Wunnenge fir Leit, déi am Land wëllen en Daach iwwert dem Kapp hunn, net fir Leit, déi wëllen e Spekulationsobjekt kafen.

Mme Djuna Bernard (déi gréng) | Très bien!

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Dat selwecht gëllt weiderhi fir d'Ausspillen tëscht Ëmwelt a Baukris. All Elementer, all Sondagen an Etüden, weisen et: ...

(Mme Sam Tanson ouvre une bouteille d'eau.)

Ech géing och an den Apel bässen, mee da läit en net méi do.

(Interruption)

Et ass net de Schutz vun onser Natur, dee mécht, datt mer net genuch Wunnengen um Maart hunn. Et sinn eng sëlleg aner Hürden, alle virop d'Gemeengeprozeduren, déi eng Brems duerstellen. Mee wat mécht des Regierung? Se presentéiert e Risepak mat 100 Mesüren, fir de Bau ze acceleréieren. An haut, op den Dag sechs Méint duerno, wat ass bis elo do passéiert? Grad hei huet elo exklusiv den Ëmweltminister geliwwert, mat engem Pak, an deem de Mouvement écologique zum Beispill kee gutt Hoer léisst an dee riskéiert, d'Begründung an onse Stied an Dierfer auszuhéieren. Wéi ass et mat all deenen aneren, vill méi pertinente Baustellen? Op wat gëtt do gewaart? Mir wiere frou, wann d'Prioritéiten net op Augenwischerei géinge geluecht ginn, mee op dat, wou de Schong wierklech dréckt.

Mee datt Ëmwelt a Klima keng Prioritéit vun deser Regierung sinn, dat gesäit een och bei den Zuelen aus dem Budget. Beim Ëmwelt- a Klimafong stellt d'Chambre des Salariés fest, datt déi viregt Pluriannuelle méi ambitiéis waren. Ganz besonnesch soulevéiert d'Salariatskummer, datt de Budget fir déi national Mesüren tëschent 2025 an 2028 stagnéiert, eppes, wat si inakzeptabel fënn, wann een d'Urgence vun der Klimakris kuckt an d'Dringlechkeet vun der Dekarbonisierung an der Mobilitéit an am Wunnen.

Mee grad hei huet des Regierung de Leit e Stréch duerch d'Rechnung gemaach. Dat gesäit een unhand vun direkt e puer Beispiller. Dir hutt zwar wuel elo decidéiert, datt den Niveau vun der steierlecher Ofsetzbarkeit bei den elektresche Leasingsautoen héich bleift. Mir fannen dat gutt, mee wéi ass et mat all deene Leit, déi kee Leasingsauto vun hirem Patron kënnen kréien? Eh ben, fir déi gëtt et elo manner Primm. Mir versti wierklech net Är Logik. Genee déi

Argumenter, déi Dir elo virbruecht hutt, fir d'Avantage op den elektresche Leasingsautoen ze verlängeren, nämlech datt mer bei den Immatrulationsnet net do sinn, wou mer wëllte sinn, dat ass jo dat, wat mer Iech och gesot hu bei de Primme fir d'Privatleit. Wisou alt nees nëmmen déi ënnerstëtzen, déi vum Patron eppes ugebuede kréien a wou hannendrun och eng zimmlech haart Lobby vun de Leasingsfirmen ass? Oder ass et eng Fro vum zoustännege Minister?

Mir bedauern déi Onkohärenz an der Virgoensweis hei extreem a mir froen op en Neits, datt Der dat iwwerdenkt an d'Primme fir d'Privatleit och nach zwee Joer um selwechten Niveau haalt, geneesou wéi Der et elo bei de Leasingsautoen maacht. Mir erwaarden ons, datt Der dann op d'mannst, vu dass Der dat anert net wäert maachen, de Leasing social, eng vun de Mesüren aus dem Klima- an Ëmweltplang, elo zügeg ëmsetzt, fir datt jiddweree sech en Elektroauto ka leeschten.

An dann dat anert Suergkand: d'Onofhängeggi vun de fossilen Energie beim Heizen. D'Ëmklammen op d'Wärmepompe gëtt elo direkt e puermol schikanéiert. Op där enger Säit mussen d'Leit elo d'Wärmepompen extern kontrolléiere loossen, mee virun allem gëtt et ab dem 1. Januar fir all déi Leit, déi den Ëmsting scho gemaach hunn, definitiv méi deier. Fir d'éischt emol, well jiddweree fir d'Energie wäert mussen méi bezuelen. Obwuel virun allem d'Elektreschpräisser nach ee Joer sécher wäerten héich bliwen, gëtt den Deckel um Elektresch ëm d'Hallschent erofgeschrafft. Et ass dat falscht Signal zum falsche Moment.

D'Elektreschpräisser sollen ab 2026 erofgoen. Et ass wichteg, datt mer d'Ëmklamme fir d'Privatleit esou einfach wéi méiglech maachen an déi belounen, déi de Schratt gemaach hunn, an net ëmgekéiert. Zemoos well d'Regierung jo och der Meenung ass, datt och op laang Dauer kee weider ënnerstëtzend Mesüren néideg sinn, fir eeben déi Transition am Wunnengsbau hinze kréien an do manner Emissiounen hinze kréien. Genee dowéinst misst d'Regierung eigentlech alles maachen, fir de Leit net Angscht ze maachen, ëmzeklappen.

Stand haut wësse vill Leit nach net, wat se genee mussen ab dem 1. Januar maachen, fir esou mann wéi méiglech ze bezuelen. An ech wënschen och jiddwerengem bonne Chance, dee probéiert, dat fir sech selwer erauszefannen. Verstitt mech net falsch, et ass gutt ze steieren, wéini ee soll consomméieren, fir datt de Réseau et packt. D'Fro ass, ob deen ageschloene Wee wierklech dee richtegen ass.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | Nuets kachen.

(Hilarité)

Mme Sam Tanson (déi gréng) | O, ech mengen, Här Di Bartolomeo, um Kachen eleng wäert et net scheitern.

(Interruption par M. Mars Di Bartolomeo)

An dee Chaos, mat deem dat hei gemaach ginn ass, mat enger feelender Kommunikatioun, dee gëtt dat falscht Signal. Et kënnt nach derbäi, datt eng ganz Partie Geräter – an do schwätzen ech elo net vun der Kachmaschinn, mee éischer vun der Wärmepompe a vum Elektroauto – hir elektresch Consumatioun net drosselen oder steiere kënnen.

A wat mécht den zoustännege Minister? E verstoppt sech hannert dem ILR. Dobäi, wann een dem Vertrieeder vum ILR gutt nogelasschert huet virun e puer Deeg um 100,7, da konnt een eraushéieren, datt hir Decisioun net un e geneeën Datum gebonnen ass. Hei ass en Dossier einfach lafe gelooss ginn an net seriö geholl ginn.

Wisou ass dann hei net proaktiv vun der Regierung kommunizéiert ginn? Dir kommunizéiert dach soss esou gär iwwer Mesüren. Ass et just, well dat hei de Bierger eppes kascht? Dir loosst d'Leit jiddwerfalls einfach am Ree stoen.

Ech sinn awer ganz frou, de Moien dem Marc Spautz nogelauschert ze hunn, dee fonnt huet, mir sollten a sechs Méint eng Evaluatioun maache vun där neier Struktur. An ech deposéieren dann eng Motioun, wou mer d'Regierung opfuere, dat och ze maachen.

Motion 2

«Impact de la nouvelle structure tarifaire des prix de l'électricité»

La Chambre des Députés, considérant

– la directive (UE) 2019/944 relative aux règles communes pour le marché de l'électricité, qui met l'accent sur la protection des consommateurs, notamment les plus vulnérables, et qui autorise les États membres à adopter des mesures visant à garantir des prix électriques abordables et équitables ;

– l'augmentation des factures d'électricité des ménages, en raison de la réduction du plafonnement étatique des prix de l'électricité ;

– l'introduction d'une nouvelle structure des tarifs d'utilisation du réseau à partir de 2025 payée par les ménages ;

– le plan de développement du réseau national, estimant à 300 millions d'euros les investissements nécessaires pour le réseau de transport sur la période 2024-2034, afin de répondre aux besoins futurs, y compris l'intégration accrue des installations de production décentralisées utilisant des sources d'énergie renouvelables, le déploiement de solutions de stockage et l'électrification des transports ;

– que la transition énergétique nécessite des prix d'électricité abordables pour favoriser l'électrification, les technologies durables, ainsi que la compétitivité des entreprises et de l'industrie ;

– que la transition énergétique requiert une flexibilité accrue à tous les niveaux du système énergétique ;

– l'impact direct et indirect de l'augmentation des prix de l'énergie sur l'inflation et le pouvoir d'achat des citoyens ;

– notre motion parlementaire n° 4436 du 4 décembre 2024 au sujet du prix de l'électricité pour les ménages renvoyée devant la Commission de l'Économie, des PME, de l'Énergie, de l'Espace et du Tourisme,

invite le Gouvernement

– à procéder à une évaluation de l'impact de la nouvelle structure tarifaire des prix de l'électricité sur les factures des ménages et sur l'avancement de la transition énergétique après six mois en 2025, et envisager les ajustements nécessaires pour réagir en cas de développement ou tendance négative.

(s.) Sam Tanson, Djuna Bernard.

Mme Djuna Bernard (déi gréng) | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Tanson.

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Ech fannen et och fatal, wa gesot gëtt: „Elo ass et nach net esou schlëmm, well et hu jo nach net esou vill Leit eng Wärmepompe an en Elektroauto.“ Grad déi Leit hei ze bestrofen, déi als Éischt mat op dee Wee gaange si fort vun de fossilen Energien, ass fir eis definitiv de falsche Wee. An och elo ze soen: „Mee et bleift awer nach méi bëlle, en Elektroauto ze hunn esou am alldäeglechen Gebrauch“, dat ass dach awer relativ zynesch, well beim Invest an déi méi deier Technologien ass dat dote jo awer alles matagerechent ginn. A schliisslech sot Der

de Leit: „Majo, mee wann Der elo nach Solarzellen derbäi installéiert, da geet d'Rechnung nees op.“ A wat hutt Der gemaach? D'Aidé fir d'Solarzelle si gekierzt ginn, eier d'Leit woussten, dass dat hei géing op se duerkommen. Loscht maachen op klimafrëndlecht Liewe geet anesch!

Mme Djuna Bernard (déi gréng) | Très bien!

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Mir sinn hei absolut net mat Iech d'accord. Mir fannen och, dass d'Regierung sech an deem Dossier hirer Verantwortung entzunn huet. Duerch all déi Haussen am Elektresch, déi hei derbäikommen, huet Der de Leit, oder ville Leit, nees eppes aus der Täsch eraus, wat Der hinnen duerch d'Upassung vun der Steiertabell ginn hutt. Dat ass definitiv och eng finanziell Mogelpackung, en „Nettoklau“. D'Chambre des Salariés huet an hirem Avis virgerechent, dass et um Enn bei engem mëttleren Revenu just fir Leit aus der Steuerklasse 1a mat all deenen dote Mesüre wierklech „méi Netto vum Brutto“ gëtt.

Den drëtte groussen Ënnerschied ass, dass Der onst Land weider méi ofhängeg vum Tubak maacht.

Dëst Joer si 50 % méi Zigarette verkaf gi wéi 2019 a 70 % méi Tubak. Dat ass enorm! An dat an Zäiten, an deenen aner Länner, gradewéi d'EU-Kommission, vu „générations sans tabac“ schwätzen. Jo ...

(Mme Sam Tanson tousse et boit de l'eau.)

Et kënnt net vum Fëmmen.

(Hilarité)

Jo, Dir setzt d'Accisen dat nächst Joer nach eemol ëm 5,5 % erop. Ech hunn Iech och dofir felicitéiert no der Presentatioun vum Budget. Mee d'Erniichterung war och relativ grouss, wéi mer duerno an der Kommission erkläert kruten, dass genau gerechent gi wier an dass d'Accisë wierklech och nëmme géinge genau esou vill an d'Luucht goen, dass jo nëmme den Konkurrenzeffekt an den Attraktiounseffekt bei den Nopeschlänner net géinge verluer goen.

Wéi schreift et d'Cour des comptes? Et feelt eng kohärent an integréiert Approche beim Kampf géint den Tubak. Och de Fait, dass et aktuell a scho säit 2020 keen Antitubakspang gëtt, ënnersträicht dëst.

A jo, Här Minister, dat ass net just Är Verantwortung. Och déi viiregt Regierung hätt do scho missen aktiv géigesteieren.

(Interruption)

Et ass net, wéi wann dat net vun e puer Leit gefuerdert gi wier. An ech ka mech do ganz gutt an de Spiegel kucken. Mee dat eleng soll keng Excuse sinn, fir et elo net ze maachen, virun allem au vu vun der Dynamik an den anere Länner an och vun der EU-Kommission, déi ons à terme kéint de Krunn vun den Accisen zoudréien. A wann ee gesäit, wéi wichteg d'Recettë vun den Tubaksaccisë bis 2029 wäerte ginn, mat estiméierte bal 2 Milliarden, dann ass et un der Zäit, driwwer nozedenken, méi ferm géigenzesteieren an déi Recetten a Relatioun ze setze mat, wéi d'Cour des comptes et schreift, de „medezinneschen a soziale Käschen“, déi vum Tubak geschaf ginn.

Ech erënneren och an deem Kontext drun, dass Dir selwer – an ech mengen, et ass elo déi lescht Kéier, dass ech Iech wäert zitieren –, wéi Der nach an der Opposition waart, eng Aktualitéitsstonn zu deem Sujet virun zwee Joer hei ugefrot hutt. Dir stoungt deemools hei net mat engem Apel, mee mat engem Pak Zigarette virun Äre Kolleeginnen a Kolleegen a sot: „De Lëtzeburger Staat, dee kasséiert [...] 800 Milliounen Euro.“ Dat ass elo zwee Joer hier, 800 Milliounen Euro. Elo si mer an de Previsiounen ganz

geschwé bei 2 Milliarden. „800 Milliounen Euro un Tubaksteier [...]“. An et kommen dozou nach eng Kéier 220 Milliounen Euro TVA, also insgesamt iwwer 1 Milliard oder ronn 1.500 Euro pro Awunner u Steiere just vum Tubak. Jo, Dir Dammen an Dir Härren, dat ass am Verglach zu deenen anere Budgetposten eigentlech carrement verréckt“, hutt Dir deemools erkläert an des Recettë mat anere verglach.

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Wie sot dat?

(Hilarité)

M. André Bauler (DP) | En huet jo awer e Mea culpa gemaach.

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Dir hat ... Ech weess, Här Roth, de Problem ass, Dir hutt wierklech extreem vill gesot zu all deene Sujeten, déi Der elo selwer musst traitéieren. Dat ass eeben e bëssen ... Dat féiert dann heiansdo zu esou Situatiounen wéi där heiter.

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Mee wësst Der, contrairement zu Iech stinn ech derzou.

Mme Sam Tanson (déi gréng) | O, ech stinn och zu allem, wat ech gemaach hunn, Här Roth.

(Exclamations)

Dir hat och fënnf Froen un d'Regierung gestallt, déi ech Iech eigentlech hei zrëck stelle kéint. Ech hu mech dowéinst gefrot, ob Der mëttlerweil eng Äntwert op Är eege Froen hutt, well och wann een dat do nach eng Kéier alles noliest, weess een net richtig, wou Der hiwollt mat där Aktualitéitsstonn. Mee ech zitieren Iech: „Et gëtt ëmmer vun engem gewollte Lenkungseffekt geschwat um Niveau vum Spritt, fir den Tanktourismus anzedämmen. Duerfir ass meng Fro: Ass dese Lenkungseffekt net gesicht oder net gewollt um Niveau vun dem Tubak? Wa kee Lenkungseffekt gesicht sollt ginn, firwat ass dat dann esou? Drëtt Fro: Sollt den Differentiel tëschent Lëtzebuerg an den Nopeschlänner erofgesat gi wéi beim Tanktourismus? Véiert Fro: Wëll d'Regierung de Verkaf vum Tubak an Zigarette fir de perséinlechen Bedarf besser encadréieren? A fënneft a lescht Fro“, an dat ass och eng ganz pertinent: „Wann den Direkter vun Enregistrement vu méiglechem Schmuggel a méiglecher Geldwäscherei schwätzt, gëtt dat dann och den zoustännegen Autoritéite matgedeelt? A wa jo, wiwvill där Fäll goufen et der? A wa jo, a wiwvill vun deene Fäll si Sanktiounen duerch Gerichter gesprach ginn?“

Mir fannen et onresponsabel, op d'Käschte vun der Gesondheet vun de Mënschen an andeems mer d'Gesondheetspolitik heiheem an déi vun onsen Nopeschlänner ënnergruween also nees ze riskéieren, an de Schmarotzereck ze kommen. An déi Rechnung, déi geet och net wierklech op. De soziale Käschtepunkt vum Tabagismus gëtt a Frankräich op 156 Milliarde geschat. Dat sinn 2.300 Euro netto pro Joer pro Awunner. Eng Pi-mol-Daume-Rechnung – dat passt jo e bëssen an de Kader hei – ergëtt da fir Lëtzebuerg e soziale Käschtepunkt vun iwwer 1,5 Milliarden. Do kréie mer da mat den Tubaksaccisen esou just genuch eran, fir de Käschtepunkt vun onsem eegenen Tabagismus ze finanzéieren.

A wa mer scho bei den indirekte Steiere sinn: Et gesäit een och, dass Géigesteieren hëlfe kann an dass ee sech ka lues a lues onofhängeg maache vu Recetten, déi net nohalte sinn. D'CO₂-Steier – an ech zitieren nach eemol d'Cour des comptes – ass effikass, fir d'CO₂-Emissiounen erofzesetzen. Dat gesäit een dorun, dass d'Recetten um Carburant erfoginn, de Gasolë ëm ganzer 40 % zënter 2019 an de Ben-sinn stagnéiert iwwert déi nächst Joren. Et gesäit een also, dass déi Kombi aus CO₂-Steier mat sozialer Offfiederung an Aidë bei den Elektroautoen hëlleft, fir den Ausstieg ze schaffen. A wéi schreift d'Cour des

comptes? „La taxe CO₂ doit être considérée non pas comme une contrainte mais comme un investissement dans un avenir durable.“ Dat seet ons national Cour des comptes, net iergende grénge Verain.

An ech ennersträichen hei gären nach eemol och den Avis vom Rechnungshaff, dee Pisten opzeechent, wéi mer ons Steuerrecettë kënnen diversifiëren iwwert déi nächst Joren. Mir erwaarden ons, datt och heiriwwer nogeduecht gëtt, net nëmmen doriwwer, wéi mer d'Recettë kënnen erofsetzen.

Éier ech zum Schluss kommen, wollt ech awer nach eng positiv Nott erabréngen. Wat mer gutt a richtig fannen, dat ass déi ennerschiddlech geziilt Ennerstëtzung vun den enneschten Akommeskategorien an d'Entlaaschtunge fir d'Leit aus der Steuerklass 1a. Dat ass wichteg. Mir wëssen alleguer heibannen, datt grad elengerzéiend Famille méi e groussen Aarmutsrisiko hunn. Mir halen Iech dat zegutt. Mee dat, wat bis elo gemaach gouf, geet nach net duer. A jo, Dir sidd eréischt ee Joer am Amt, et kann een net alles maachen, mee den zoustännegen Minister ass vläicht awer schonn e bësse méi laang an der Regierung. Dowéinst hoffe mer, datt de Plang géint d'Aarmutsbekämpfung, dee jo schonn e puermol ugekënnegt gouf an och eng prominent Plaz am État de la nation, deem éischte vum Premierminister, krut, geschwë kënn.

Mee eng Zuel irritéiert mech, déi hei iergendwéi esou mantrahaft widderholl gëtt. Dat sinn déi faméis 47 %, déi am Budget fir Soziales ausgi ginn. Bon, dat soll de sozialen Touch vun där Regierung ennersträichen. Wann een de Budget vun 2019 kuckt, do waren et 48 %. Dofir, ech weess net, wéi prominent een dat soll an de Raum stellen. Mee virun allem heescht déi Zuel iwwerhaapt näischt. Et kann een och soen: „100 % vum Budget“, ech hoffen emol, „gi fir d'Allgemengheet ausginn.“

(Interruptions)

De véierte groussen Ennerscheid – an dat betrëfft elo méi d'global Politik vun der Regierung – ass d'Aart a Weis, wéi Der Politik maacht an op wien Der lauscht, wat en Impakt kann hunn op ons Ekonomie an onst Zesummeliewen.

Et gouf sielen eng Regierung, déi bannent esou kuerzer Zäit esou vill Acteuren aus der Zivilgesellschaft géint sech opbruecht huet. Den Aarbechtsminister probéiert, d'Gewerkschaften ze erniddregen, den Ëmweltminister trëtt arrogant op géintwärt dem Mouvement écologique a bënnst se net an, de Kooperationsminister stéisst mat senger Annonce betreffend d'Sensibiliséierungsarbecht vun den ONGen e ganze Secteur virun de Kapp, vun der Caritas schwätze mer léiwer guer net. Mir schwätzen och léiwer net méi vum Heescheverbuert. Och dee war keng Glanzstonn fir d'Mënscherechter, idem den neie Platzverweis. An elo kaum ass a Syrien den Assad gestierzt ginn, kréien d'syresch Flüchtlingen, déi zum Deel scho ganz laang op eng Äntwert waarden, gesot, elo géngen hir Demandé mol net traitéiert ginn, obwuel an hirem Heemechtsland alles anerwéi Friden an Demokratie herrscht an een och schonn déi éischt Echoe vun Aschränkunge vun de Fraerechter aus dem Land héiert.

Mir hoffe jiddwerfalls, datt déi Couacken aus de vergaangene Méint net weiderginn an datt zum Beispill och de Sozialdialog hei am Land net elo eng staark riets Kéier hält. Mir schwätze gär vun onsem friddlechen, stabille Kader, deen en Attraktivitätsfactor ass. Deen hu mer och an onse Betriber.

An ech gesinn elo, den Här Keup setzt hei. Wann ech em virdrun de Moien nogelasscht hu mat der Attraktivitéit vu Lëtzebuerg an eise Betriber, wou der dann déi Zuelen opgeléicht hutt vun der Immigration zu Lëtzebuerg, do hunn ech mech gefrot ... Ech

gesinn Iech d'lescht Woch hei stoen, wéi Der gejubelt hutt, wéi mer d'Betriebsbesteuerung ëm 1 % erofgesat hunn, fir méi kompetitiv ze sinn, wéi mer Primme fir d'Impatriéé gestëmmt hunn. Dat hutt Der hei alles bejubelt. An haut kommt Der heihin an Dir rechent eis vir, dass déi Immigration problematesch wier. Jo, ech weess, Dir maacht den Ennerscheid tëscht sougenannter „gudder“ Immigration ...

M. Fred Keup (ADR) | Genau, genau!

Mme Sam Tanson (déi gréng) | ... a „schlechter“ Immigration, mee ech muss Iech soen, Här Keup: Dat, wat Der de Moie gesot hutt, huet mech wierklech schockéiert, ...

M. Fred Keup (ADR) | O, mee Dir sidd e bësse sensibel.

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Genau!

... well de Mënschen e Käschtpunkt ...

M. Fred Keup (ADR) | Nee, iwwerhaapt net!

Mme Sam Tanson (déi gréng) | ... op d'A ze drécken, fir ze soen: „Dat eent si Gudder, well déi bréngen eis eppes eran, dat anert si Schlechter“, an dat e puer Deeg, nodeem mer hei Zeremonien haten, wou mer deene Leit geduecht hunn, ...

M. Fred Keup (ADR) | Dat huet näischt domat ze dinn!

Mme Sam Tanson (déi gréng) | ... déi fir eis gekämpft hunn, wou een drun denkt, dass virun 80 Joer Leit hei aus där Géigenden an aner Länner gezu sinn, hu missen zéien. Déi haten och näischt, fir do ze iwwerliewen! Wa mir hei just dono kucken ...

M. Fred Keup (ADR) | Dat stëmmt net, wat Der zielt!

Mme Sam Tanson (déi gréng) | ... ob déi Leit, déi heihinner kommen, kënnen selwer fir sech suergen, ob déi eis finanziell eppes bréngen, wa mir esou géingen iwwerleeën, da kéinte mer éischstens de Buttek zoumaachen an zweetens wiere mer an totaler Kontradiktion mat deem, wou vill Lëtzebuerger, vill Europäer profitéiert hunn am Zweete Weltkrich, wou se verfollegt gi sinn, well se déi falsch Relioun haten.

Dat, wat Dir gesot hutt, dat ass net, wéi Der selwer behaupt, dass Der elo ukomm wäert an der politescher Mëtt hei an Europa. Dat, wat Dir gesot hutt de Moien, dat war soss näischt wéi mënscheveruechtend!

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fred Keup (ADR) | Dat, wat Der ... Nee, nee, nee, dat, wat ech sot, dat ass dat, wat an Europa iwwerall gesot gëtt vun alle Parteien mëttlerweil!

(Coups de cloche de la présidence)

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Zréck zu de Betriber.

M. Claude Wiseler, Président | Madamm Tanson, Dir hutt eleng d'Wuert.

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Jo, jo, Här President, merci.

Den Attraktivitätsfactor – de Marc Spautz hat et och schonn de Moie gesot – vun onse Betriber ass net just eng Fro vun niddrege Steuerrecetten, et ass net just eng Fro vun administrativer Vereinfachung, et ass och déi vum soziale Friden, dee mer hei an eisem Land hunn. An dee soziale Friden, deen hu mer, well mer bis elo och de Gewerkschaften hir Roll seriö geholl hunn a well mer och net vergiess hunn, firwat et Gewerkschaften iwwerhaapt hei am Land gëtt. Déi si jo net do, fir d'Patronen ze emmerdéieren. Si sinn do, fir d'Interëte vun de schaffende Leit ze verteidigen, deene Leit, déi majoritär Är an ons all Wieler sinn, deene Leit, déi d'Bierger hei aus där Land sinn. Dofir si Gewerkschaften do. Et gëtt kee gräifbare Grund, dat a Fro ze stellen.

Natierlech hunn d'Decideure léiwer, wa se ouni Widerstand einfach kënnen decidéieren. Da „geet et méi séier“, wéi de Premier Luc Frieden géng soen. Mee d'Problemer, déi een doduerch schafft, datt een déi Decisiounen net mat deenen diskutéiert, déi direkt dovunner betraff sinn oder déi eng richtig Expertis hunn, déi riskéieren, datt een duerno vill méi laang domat amgaangen ass, Feeler ze korrigéieren, wéi wann een direkt déi richtig Decisioun geholl hätt. An d'Onstabilitéiten, déi domat verbonne sinn, déi kann dach eigentlech keng Partei aus der Mëtt wëllen.

Als Fazit, Dir Dammen an Dir Hären, komme mir zur Konklusion, datt där Budget an d'Politick dohannert eigentlech schwach sinn. Schwach am Sënn, datt virun allem mat Steuererlichterunge Politick gemaach gëtt an doriwwer eraus permanent just den Ofbau vu Prozeduren als Lösung fir all d'Problemer genannt gëtt. Et ass also virun allem mol eng „Politick vum Manner“.

Wann där Budget e Kompass ass, wéi de Cover et jo soll weisen, dann ass et e Kompass a ville Beräicher ouni kloren Norden, ouni staarken an transparente Commitment zu der Richtung, an déi ee wierklech wëll goen. Dat steet am Widdersproch mat deem Constat vun deenen enormen Erausforderungen, deen Der selwer zeechent. An et féiert och dozou, datt där Budget eigentlech e bësse schwéier ze betitelen ass, schwéier ze faassen. Dat, well déi budgetär Zäite jo eigentlech – oder eventuell nach – net esou schlecht sinn, mat regulären an och e puer ausseruordentliche Recetten, déi an d'Gewicht falen. Et mussen also keng haart Aschnëtter gemaach ginn, an duerfir bleift de roud Bic am Pluriannuel an e geet net bis eriwuer an de Budget vum nächste Joer.

Mee och bei de positive Signaler gi wéineg kloer Choix gemaach an der nach manner assuméiert. Do bleift virun allem de Mantra vum „Méi Netto vum Brutto“. Ech hu gesinn, deen ass mëttlerweil souguer vum Finanzministère iwwerholl ginn. Mee dat ass jo par définition eng Approche mat der Géisskan. Spezifesch a couragéis Antworten, déi an enger inhaltlecher a gréisstentechnescher Relatioun stinn zu de selwer beschriwwene Problemer, déi vermësse mer.

Ech bleiwen dofir dobäi, datt där Budget een ass, dee riskéiert, zulaaschte vun der Jugend ze goen.

Well mir der Meinung sinn, datt mer onst Land an ons Staatsfinanzen elo scho mussen ofsécheren an net därefen ofwaarden, bis et ze spéit ass.

Well mer fundamental iwwerzeegt sinn, datt a wichtigen Zukunftsfroe wéi dem Logement, dem Klima an dem Ëmweltfong den Invest och an den nächste Jore muss héich bleiwen.

Well mer eise Staatsbudget vun der Ofhängegkeet vum Tubak mussen heelen.

Well mer eis net drop kënnen verloossen, datt der Regierung hiert Trickle-down-Pokerspill bei de Recettë laangfristeg wäert opgoen.

Well mer eis eng geziilt a léisungsorientéiert Politik wënschen am Plaz just en ondifferenziéiert Mantra vum „Manner“.

An där Budget riskéiert, e Budget vum Réckschritt ze sinn, e Budget, deen op d'Käschte vun de kommende Generatione wäert goen. Aus all deene Grënn kënnen mer – ech wäert Iech net iwwerraschen – als Gréng där Budget net matstëmmen.

Plusieurs voix | Très bien!

D'autres voix | Oo!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Tanson. An deen nächste Riedner ass den Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, waren déi lescht Budgete vum Cover hier neutral gehal, esou ass dat beim Budget fir d'Joer net de Fall. De Kompass um Cover fällt direkt an d'A. E Bild, dat vill verspricht: Mat engem Kompass soll schliesslech d'Richtung festgeluecht ginn. E positiv Symbol. Et kéint een dowéinst dervun ausgehen, datt och den Inhalt positiv ass.

Leider gesi mir Piraten dee positiven Inhalt net direkt. An en Zyniker géif elo direkt soen, et wier jo d'Roll vun der Oppositoun, fir ëmmer alles schlecht ze fannen.

(Interruption par M. Fernand Etgen)

Här Etgen, ech mengen, Dir braucht en neie Brëll. Dir kënnt gären eng Kéier kucken.

(Interruption par M. Fernand Etgen)

Et ass awer méi wéi dat. Well mir bekloen eis net einfach, nëmme fir eis ze bekloen. Et geet hei ëm den Inhalt.

Wat bei der Budgetpresentatioun ganz séier opgefall war, war déi üblech grouss Rhetorik, zum Beispill de „positive Schéiereffekt“, fir nëmme een ze zitéieren. Mir ginn also zwar nach ëmmer méi aus, wéi mer u Recetten erakréien, mee d'Depensé klamme manner schnell, manner séier. Jo, d'Resultat ass awer weiderhin, datt mer en Defizitt hunn. Et ass also net esou, datt de positive Schéiereffekt op eemol zu Erspuernesser wäert féieren.

An da seet de Minister de Moien, datt méi Recetten elo zu manner Scholde géife féieren. Och dat, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ass eng Hallefwourecht. Jo, mir maache warscheinlech manner Scholde wéi am leschte Budget geduecht. Mee mir maachen nach ëmmer Scholden. Och nei Scholden! Et ass also e rhetoresche Knëff hei genotzt ginn, fir et dobaussen esou ze verkafen, wéi wann d'Finanzen am Grëff wäeren, an a Wierklechkeet gi mer nach ëmmer méi aus, wéi mer eranhuelen.

An da gëtt geschwat vum „Kurs op muer. Ee Muer fir jiddereen“. Dat ass dee roude Fuedem, dee sech duerch de ganze Budgetsprojett soll zéien, fir mat engem „Triple-A an och Triple-S“ quasi zesummegefaasst ze ginn. Kuerz gesot, et klängt alles ganz gutt. Ëmsou méi enttäuschend ass dann awer de konkreeten Inhalt. Villversprechend Begrëffer ze nennen, bedeit nämlech net automatesch eng positiv Entwécklung fir eist Land. Wou ass also de Kompass vun dëser Regierung fir d'Zukunft vun eisem Land?

vläicht läit dat dann och un eisem Premier a senger Business-Approche. Hien ass de CEO a Lëtzebuerg ass einfach just e grouss Betrib. Fir eis Piraten ass dat de falschen Usaz. Et gëtt gutt Grënn, e Land net wéi e Business ze féieren, och wann d'Iddi op den éischte Bléck attraktiv klängt. Béd hu Leit ze geréieren, Ressourcen ze verdeelen, a béd brauche Féierung fir ze gedeien, mee den Usaz ass awer falsch, well et dann awer ganz verschidde Saache sinn.

D'Zil vun engem Land ass Wuelstand fir seng Biergerinnen a Bierger an net de Profit. An engem Business ass d'Zil kloer: de Profit maximiséieren. Eng Firma, déi 1 Milliard Euro spuert, ka méi héich Dividenden ausschëdden, an de Wuesstum investéieren oder de Wäert fir d'Aktionären erhéien. E Land huet awer ganz aner Prioritéiten. Fir e Land bedeit 1 Milliard Euro spueren net e bessert Endergebnis, e bessere Bilan, mee d'Méiglechkeet – jo, d'Méiglechkeet –, d'Liewensqualitéit vu senger Biergerinnen a Bierger ze verbessern.

Déi Milliard kéint genotzt ginn, fir ëffentlech Infrastrukturen, d'Gesondheetsversuergung auszebauen

oder Bildungsprogrammer ze finanzéieren. De Profit vun engem Land gëtt um Wuelstand, Confort a Wuelbefanne vu senger Leit gemooss, net u Budgetsiweschëss oder reduzierten Ausgaben. Finanziell Gewënner dierfen net iwwert d'Mënsche gestallt ginn.

Wann et engem an engem Betrib net gefält – dat soll virkommen –, da kann ee sech eng nei Aarbecht sichen. Et aktualiséiert ee säi CV, et kann ee sech op anere Plaze mellen an innerhalb vun e puer Wochen oder Méint, jee no Kompetenzen, kann ee sech an enger besserer Situatioun erëmfannen.

E Land ze verlossen op där anerer Säit, jo, e Land ze verlossen, ass net esou einfach wéi d'Demissioun op enger Aarbecht. Et ass eng Entscheedung, déi eng ganz Existenz net nëmme a Fro stellt, mee entwierzelt – wuertwärtlech. Et ass e Risiko mat déifgräifende Konsequenzen, dee sech vill Leit net kënnen leeschten.

Dës haart Realitéit ënnersträicht also och d'Verantwortung vun der Regierung vun engem Land, Fairness, Inklusioun a Wuelbefannen iwwer profitorientéiert Gewënner ze stellen. Anescht wéi Employéé kënnen d'Biergerinnen an d'Bierger net einfach d'Land wiesselen, wa se mat hirer Féierung net averstane sinn.

Ech sot et: E Business existéiert, fir sengen Aktionären ze déngen, während e Land existéiert, fir senger Leit ze déngen. An dat ass en Ënnerscheed. Gi béd nämlech gläich behandelt, riskéiere mer, de Fong vun eiser Gesellschaft fir eng kuerzfristeg Effizienzsteigerung ze afferen. D'Féierung vun engem Land dréit sech eeben net ëm Profitmargen. Et geet drëm, eng Natioun ze schafen, wou all Biergerinnen a Bierger gutt kënnen liewen an net just iwwerliewen.

Den Erfolleg vun engem Land gëtt u senger Fäegkeet gemooss, seng Leit eropzebréngen, net um Ausgläiche vu Budgeten oder dem Reduzéiere vu Käschten. Mee genau do si mer am Moment ukomm, well schonn haut mussen vill Leit de Schrëtt aus Lëtzebuerg erausmaachen, sech entwuerzelen. Si fannen hei am Land kee bezuelbare Logement méi oder keng Aarbecht. Si fille sech vun der Lëtzeburger Regierung an dem Lëtzeburger Staat am Stach gelooss a ginn iwwert d'Grenzen an eis Nopeschlänner wunnen. Kilometerlaang Stauen op eise Stroosse si just eng vun de visibele Konsequenzen. A fir dës Entwécklung ëmzedréien, bräicht et Strategië fir d'Zukunft. Déi fanne mer awer net hei am Budget. Huet eis Regierung also éiere kee Kompass oder ass dësen eventuell futti?

Wat wäeren dann eis Proposen? Ma als Alleréischte eng grouss Steuerreform, déi scho vill éischter hätt misse gemaach gi respektiv zumindest elo scho misst op de Schinne stoen an net ëmmer erëm annoncéiert ginn, mee a Wierklechkeet nach ëmmer net ugefaange gouf. Kuerzfristeg – jo, dat ginn ech zou, an dat begrëisse mer – ginn e puer Upassunge gemaach, sou wéi d'Steierklass 1a, déi entlaascht gëtt. Eng Mesür, déi absolutt ze begrëissen ass. Et sinn nämlech besonnesch d'Monoparentallen, déi hei am Land dem gréissten Aarmutsrisiko ausgesat sinn, mee net nimmens.

Déi, déi an deene leschte Joren elo éischter net der Aarmut ausgesat waren, zumindest net wann ee sektoriwwergräifend kuckt, dat waren awer eis Betriber, virun allem och wann een d'Resultater vun der Betriebsbesteuerung, also der Kierperschaftsteuer, vun deene leschte Wochen a Méint elo gekuckt huet. An trotzdem, d'Betriebsbesteuerung geet ëm 1 % erof. Doduerch gi sech da positiv Effekter op eis Ekonomie erhofft an nei Betriber sollen an d'Land gelackelt ginn. Konkreet Impaktanalysen, déi ee sech do kéint erwaarden, fir déi Entscheedung ze justifiéieren, déi

ginn et net. Et gëtt och hei, änlech wéi dat scho bei Virriedner ugeklongen ass, op d'Bauchgefill gesat. D'Regierung wéisst dann och net, wéi eng Entreprises no enger Steuerreduktioun op Lëtzebuerg komme kéinten a wéi vill Personal se eventuell beschäftege wäerte kéinten. Et ass alles esou e Flou. Et gëtt mol eppes gemaach, well et gouf jo versprochen, datt mer d'Betriber entlaaschte wëllen. Ob dat awer elo dee richtige Wee ass, dat ass Bauchgefill.

Eis ursprénglech Fro bleift: Huet d'Regierung dann elo e Kompass oder ass dës verluer gaang? Mir huelen eng Mesür a verfuere duerno nom Prinzipp vum „Augen zu und durch“. Kleng, eenzel Projekte gi grouss a prominent an d'Vitruin gestallt. Vun enger laangfristeger Strategie, iwwert déi mer nach virun zwou Wochen hei diskutéiert hunn, ass net vill ze gesinn. Mat esou enger Salamitaktik riskéiere mer net nimm laangfristeg d'Stabilitéit vun eise Staatsfinanzen, mee och eise Wirtschaftsstanduert.

(Interruption et hilarité)

Dir mierkt, ech hunn haut eng ganz Retsch rhetoresch Begrëffer, déi un d'Essen denke loossen. Dat läit vläicht drun, datt d'Mëttespous da ganz kuerz war fir déi, déi hir Ried nach hu missen upassen op Basis vun deenen Zuelen, déi mer eréischt de Moie gewuer goufen.

(Interruptions)

Wat mer awer bräichten, wäer konkret Strategien, wéi eng Betriber mer op Lëtzebuerg wëlle kréien a wéi mer eis „Wirtschaft“ wëllen opstellen.

M. André Bauler (DP) | „Wirtschaft“, mat kuerzem „i“, Här Clement.

(Hilarité)

M. Sven Clement (Piraten) | Fir eis Economie, Här Bauler, eis Recetten an domat och eise Sozialstaat ofzesécheren, ...

M. André Bauler (DP) | Mat engem kuerzen „i“, Här Clement. Dat anert ass e Café.

M. Sven Clement (Piraten) | ... brauche mer eng richteg Strategie, well och d'OECD-Mindestbesteuerung – an doriwwer däre mer jo muer nach eng Kéier diskutéieren – wäert zu enger Erausforderung fir Lëtzebuerg ginn.

Mir kënnen net weider blann op de weidere Wuessentem vun eisem Finanzsektor hoffe respektiv eis op d'Recetten aus dem Tanktourismus an de Verkaf vun Zigarette verlossen.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | Vergiesst den Alkohol net!

M. Sven Clement (Piraten) | Jo, och dat hu mer haut schonn e puermol héieren, datt d'Tubakssteuer ëm 5,5 % erhéicht gëtt. Mat esou enger kuerzfristeger Moossnam soll also elo eis Zukunft ofgeséichert ginn. Ech erënnere mech, datt ech eng Kéier hei op der Tribün stoung zu engem anere Budgetsprojett ze schwätzen an ech hat gesot: „Déi dote Mesüre loosse een e bëssen drun denken, als géife mer de Budget ënnert de Slogan #FemmeFirDeBudget stellen.“ Ech hoffen, datt et net esou wäit kënnt, well et bleift net nimmens d'Fro, wéi laang eis Nopeschlänner dat Spill vum grouss ugeluechten Zigaretteschmuggel do matspillen. Et ass och keng laangfristeg Léisung. Den Här Roth huet dat als Deputéierte selwer dacks genuch kritiséiert, fir et elo als Finanzminister jo selwer ze maachen.

Fir de Rescht gëtt sech wéi ëmmer op de Finanzsektor verlooss, de Bifdeck. Vun enger diversifizierter Wirtschaft wäit a breet nach ëmmer keng Spuer. Also nach eng Kéier d'Fro: Wou ass dee Kompass? Oder ass e futti?

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | En huet den Norde verluer.

M. Sven Clement (Piraten) | Eng vun de gréisste Suergen, déi vill Leit, mat deenen ee schwätzt, hunn, ass a bleift – an och do keng Surprise – de Logement. Vill Leit kënnen sech keng eege Wunneng leeschten. A wann ee sech d'Präisser ukuckt, verwonnert dat net.

(Interruption par M. Mars Di Bartolomeo)

Här President, de Vizepräsident Di Bartolomeo ass awer e bëssen haart grad.

(Interruptions)

M. Claude Wiseler, Président | Den Här Vizepräsident weess dat och an e muss elo oppassen, den Här Clement schwätzen ze loossen, wannechgelift.

(Interruption par M. Mars Di Bartolomeo)

Jo ...

M. Sven Clement (Piraten) | Här Di Bartolomeo, wann ...

M. Claude Wiseler, Président | Sou, Här Clement, elo setzt Dir Iech duerch an Dir lauschtert net méi, wat e seet.

M. Sven Clement (Piraten) | Här Di Bartolomeo, ech fannen et dach e bësse grav, datt Iech, wann een hei iwwer Logement schwätzt, näischt Besseres afält, wéi Witzer ze rappen.

(Interruption par M. Mars Di Bartolomeo)

M. Claude Wiseler, Président | Sou, wannechgelift elo keng Zweegesprécher hei. Här Clement, sot dat, wat Der ze soen hutt. An, Här Di Bartolomeo, loosst den Här Clement schwätzen, wannechgelift.

M. Sven Clement (Piraten) | Vill Leit kënnen sech keng eege Wunneng leeschten. A wann ee sech d'Präisser ukuckt, verwonnert dat net. De gréissten Deel vun de Wunnengen hei zu Lëtzebuerg gehéiere Multipropriétaires. Iwwert d'Jore gouf de Logement dem fräie Marché iwwerlooss an de Staat huet sech net an der Verantwortung gesinn.

(M. Fernand Etgen prend la présidence.)

Haut lafe mer dem Problem hannendrun. Mee ob mer him wierklech hannendrunlafen oder ob mer éischter hannendruschlächten: Ech hunn d'Tendenz ze gleewen, datt mer éischter hannendruschlächten, well och mat dësem Budget wäert sech déi Cours-poursuite do net änneren. Et gi grouss Montanten an Zuele genannt, mee wann ee kuckt, wéi vill mat deene grouss Montanten da beweegt gëtt, da sinn et Drëpsen op e gliddege Steen. An ech si gespaant, wéi vill vun dëse Budgetposten um Enn, wéi esou dacks an der Vergaangenheet, einfach net investéiert ginn. De Logementsproblem bleift, genau wéi de Status quo an déi déck Benefisser vun de grouss Promoteuren.

Et misst nach méi bei de VEFAen ugesat ginn, an dat natierlech, ouni datt grouss Promoteuren hir déck Benefisser direkt aus der Staatskeess garantéiert kréien. Dovu géifen zukünfteg Generatiounen wierklech profitéieren an de Logementsproblem besser geléist ginn. An déi Richtung misst et goen. D'Regierung huet beim Logement de Kompass zwar an der Hand, e schéngt allerdéngs net ganz déi richteg Richtung unzeweisen.

Freet een – fir et mat de Wieder vun der Budgets-rapportrice ze soen – ChatGPT, wou een hei zu Lëtzebuerg wunne kann, wann een da just de gesetzleche Mindestloun verdéngt, da sinn d'Virschléi vum Algorithmus follgend: Et kéint een an enger Wunnegemeinschaft wunnen, eng Sozialwunneng fannen – an do schéngt ChatGPT net ganz ze wëssen, datt et där

wierklech just eng Handvoll hei zu Lëtzebuerg gëtt – oder d'Subvention loyer ufroen. Dat ass eng konkreet Propos. D'Alternativ wär, bei Famill oder Frënn ze wunnen oder an en Nopeschland ze plënnern. Dat heescht, souguer den Algorithmus huet erkannt, datt et net wierklech Léisunge fir Leit mam gesetzleche Mindestloun hei zu Lëtzebuerg gëtt – keng grouss-aarteg Perspektiven also!

Grouss annoncéiert – an dat ass e bëssen de Kontrast dozou – gouf vum Finanzminister de sougenannten „Triple-S“, e Sozialstaat, wou kee vergiess géif ginn. Grouss Annoncé wéi de Prinzip vum Once-Only oder d'automatescht Ausbezuere bei Aiden oder Allocations goufe gemaach. Wéi vill dann awer wierklech elo am Portmonni vun de Leit ukënn, dat muss d'Zukunft eis weisen, well bis elo ass et haaptsächlech en Effet d'annonce.

An d'Vergaangenheet huet dacks genuch bewisen, datt vill Mesüre bei de Leit eeben net ukommen. An der Vergaangenheet hate mer 40 % vun de méigleche Beneficiairë vun der Allocation de vie chère, déi dës net ugefrot hunn. Bei der Subvention de loyer waren et souguer 80 %. Aacht vun zéng Leit, déi se zegutt gehat hätten, hu se net ugefrot, entweeder well se näischt dovunner woussten oder well et ze komplizéiert war.

Da verwonnert et net, wann d'Regierung sech u sech d'Aarmutsbekämpfung grouss op de Fändel schreift. Mee d'Ideologie vun der Regierung, déi ass offensichtlech eng aner, nämlech: duerch Aarbecht aus der Aarmutsfal. Datt d'Aarbecht zu Lëtzebuerg awer net géint Aarmut schützt, huet aleng d'Beispill vu virdu vum Logement gewisen, mee och d'Stéchwuert Working Poor gëtt kompetent vun der Regierung ignoréiert. Mat deenen hei Moosname gëtt an eisen Ae probéiert, dat Schlimmst duerch selektiv Hëllefsmoosnamen ze vermeiden. De Grondproblem, d'Wuerzel vum Problem, gëtt awer net ugepaakt, geschweige da geléist.

Datt tëscht Annonce a Realitéit en Ënnerschied ass, dat weisen eis och d'Budgetszuelen. Déi leschte Joren – an dat ass net nëmmen dem aktuelle Finanzminister sai Budget gewiescht – goufen iwwer 4 Milliarden un direkten Hëllef an Form vu Solidaritéitspäck, Energiedëscher a sou weider annoncéiert, mee wann een da wierklech nokuckt, wat dovunner ausbezueelt gouf, ausgi gouf, bei de Leit ukoum, da sinn dat iwwer 30 % manner. Et goufen also 1,2 Milliarden Euro un Hëllef an annoncéiert, fir kënnen eng Kommunikatioun ronderëm ze maachen, eng Pressekonferenz, en Tweet – a nee, dat heescht méttlerweil e Post – a Weideres, fir se duerno net ausbezuelen. Se goufen net ausbezueelt a se wäerten och warscheinlech ni ausbezueelt ginn. An och dat erkläert vläicht, wou déi liicht besser Situatioun dann hierkënn, déi eis haut de Moie presentéiert gouf.

Vu datt de Rapport zum Budget ënnert dem Zeechen AI stoung, hunn ech deem dann och geschter mat ganz vill Interêt nogelauschtert, mee bei verschiddene Punkte konnt ech just de Kapp rëselen oder mer verwonnert d'Ae reiwen.

(Interruption par M. Gilles Baum)

Bei der Digitalisatioun si mer u sech beschtefalls am Mëttelfeld, Här Baum. Zum Beispill an der Educatioun, déi Tech jo awer bekannt ass, wou déi rezentste Studie weisen, datt mer mat Ach und Krach iwwert d'Moyenne vun eise Peers erauskommen.

An der Santé hänke mer hannendrun. Mir schwätzen hei am Budget dovunner, datt 2025 endlech déi verschidde Spidolsprogrammer mateneen interopabel solle sinn. De Paiement immédiat direct ass och nach längst net bei all Dokter hei am Land installéiert. Och dat wäert bei där heiter Vitess nach daueren. A

mir notze momentan Milliounen vu Steiergelder just dofir, hei emol grouss Retarden opzehuelen. Wär hei éischter gehandelt ginn, kéinte mer dës Suen haut an der Santé zum Beispill fir d'CNS notzen, amplat datt mer iwwert de Staatsbudget Aspersione bei verschiddene Gesondheitsleeschunge wéi de Labo-analysen duerchdrécken – ouni Dialog! –, déi herno zu enger méi schlechter Qualitéit vun de Services fir d'Patientinnen an d'Patiente kéinte féieren.

Natierlech ass et net falsch ze probéieren, op d'„Innovatiounslokomotiv“ vum „Zukunftszuch“, fir zwee Wieder aus dem Rapport ze zitéieren, ze sprangen. Mee iert mer vun der Weltpötz dreemen, wär et emol gutt, eise Biergerinnen a Bierger e längst iwwerfällige Mindeststandard ze bidden.

Bei der Justiz si mer am Moment souguer ganz wäit hannendrun. Laut dem EU Justice Scoreboard huet Lëtzebuerg deem am mannsten digitaliséierte Justizsystem an Europa – eng fatzeg Datz! Vun de Geforen duerch eng KI, déi e Richter a senger Entscheidung beaflosst, guer net ze schwätzen, well dofir misst eng KI do mol zum Asaz kënnen kommen, wat bei engem reng pabeierbaséierten Dossier net méiglech ass.

Och bei der Wiertschaft gëtt hei vun de Méiglechkeeten, déi ...

(Hilarité)

Pardon, ech hunn elo selwer missen un den Här Bauler denken.

Och an der Economie gëtt vun de Méiglechkeeten fir d'KI geschwat a mir stellen den neie Quantecomputer an d'Vitruv. An an dem nämmelechten Otemzuch vun deem neie Quantecomputer, vum neie KI-Computer, gëtt da vill iwwert d'Stockéiere vun Date geschwat. Vill Date missten hei am Land, a wann net hei, dann awer weinstens an Europa, stockéiert ginn.

Dat géif bedeuten, datt Lëtzebuerg misst massiv Datenzentere bauen. Datenzentere bedeuten awer vill Bëton, wéineg Valeur ajoutée, also wéineg Suen, déi erakommen, wéineg laangfristeg Aarbechtsplazen, well och mat der KI ginn déi Aarbechtsplaze ganz séier ewechautomatiséiert, an en héije Stromverbrauch. Datenzentere generéieren quasi keng Recetten a vill Personal gëtt eeben net gebraucht.

A grad bei der Energie kann ee sech dann awer eng ganz Rëtsch Froe stellen. D'Rapportrice huet dovu geschwat, datt den ILR mat der Hëllef vun der KI vill méi prezis kéint d'Peaken am Stromverbrauch moossen an analyséieren. Domat kéint d'Stroumnetz besser ausgelascht ginn. Mir kéinten dat quasi Minutt fir Minutt, Stonn fir Stonn gesinn.

Am Kader vum Gesetz vun de Strompräisdeckelen huet dat awer nach anescht ausgesinn. Mir haten do d'Fro gestallt, firwat een dann net kéint d'Leit incitéieren, wann d'Vebrauchskurv niddreg ass, dann hire Strom ze benotzen. An do krute mer gesot: „Nee, mir setzen en normale Seuil. A wien driwwer ass, dee bezilt eeben, och wann dee Verbrauch net ka kondenséiert ginn.“ Anscheinend geet et awer laut der Rapportrice. Wat stëmmt dann elo? Kënnen mer et, kënnen mer et net? Am Moment widderspréichlech Aussoen.

Ech hu mer dann awer och d'Fro gestallt, wéi vill zousätzlech Solarpannoe mer missten installéieren, fir de Strom fir all dës Datenzentere nohalte ze produzéieren. Do wäert et och net duergoen, d'Pannoen trotz manner finanziellen Aiden elo virzefinanzéieren. An dat ass e bëssen esou de Fue dem och hei erëm: Déi Ëmweltpolitick, déi net nervt, nervt elo virun allem déi Leit, déi sech déi lescht Joren engagéiert hunn, fir eppes am Beräich Klima ze maachen. Dat heescht, vläicht wollt Der einfach soen: „Kommt, mir nerven elo mol déi aner!“

Eng weider Nisch, nieft der Santé an den Daten, wou Lëtzebuerg sech bei der KI sollt vir etabléieren, wär laut der Rapportrice d'Ärdobservatioun. D'KI kéint eis virun Naturkatastrophe warnen, soudass duerch rechtzäitig Evakuatiounen Mënscheliwe kéinte gerett ginn. Mir perséinlech wär den Usaz u sech léiwer, mir géifen direkt méi am Kampf géint de Klimawandel maachen an net just Schéierechnerei am Budget. Da géife manner Naturkatastrophen op eis zoukommen, virun där eng KI eis misst warnen.

D'Approche géint de Klimawandel geet am Moment net duer. A wann ech kucken, wat an de Budgete bis 2028 do gär mat agerechent gëtt, dann ass de Wille bei der Regierung anscheinend och net allze grous. Fir laangfristeg wichteg Mesüre bleift a Wierklechkeet um Enn relativ weineng iwwreg. Mee – an ech sot et schonn – de Klimaschutz soll jo, ganz am Sënn vun engem gudde CEO, och net nerven oder zumindest dann déi aner nerven an net sech selwer.

De Budget an d'Ried zur KI stëmmen eis op jidde Fall net sonnerlech optimistes, wat eng gutt iwwerluecht a grous ugeluecht Zukunftsstrategie fir eist Land ugeet. Dat hänkt dann awer och vläicht mat deem deels falsche Verständnis vun der KI zesummen. D'Beispill vun der Rapportrice mat dem Hotel an Tirol ass keng KI gewiescht, mee dat ware sougenannte Cookies. Dat huet mat der KI esou weineng ze di wéi mat dem Krümelmonster aus der Sesamstraße.

Als Besëtzerin vun engem Geschäft misst d'Rapportrice jo awer wëssen, datt, wann een haut e Puer Schong keeft, et kee Sënn mécht, deem nammlechte Client duerno 90 Deeg weider Pub fir déi nammlechte Schong an där nammlechte Faarf ze weisen, wann de Client se scho kaf huet. A genau dat Beispill huet se gëschter zitëiert, fir vun der Kënschtlicher Intelligenz ze schwätzen. Ech schwätzen am Beräich vun esou Pubbe meeschtens vu mënschlecher Dommheit.

Änlech falsch ass dann och d'Beispill mat der Aarbechtsverdichtung duerch nei Technologien. Villes, wat fréier u Kommunikatioun per Post verschéckt gouf, jo, dat gëtt haut per E-Mail gemaach. Et huet sech also a ville Fäll just d'Form geännert, ausser zum Deel beim Staat. Do besteet d'Aarbechtsverdichtung dann haut wierklech nach doranner, datt een haut net méi nëmmen d'Kommunikatioun per Brëif kritt, mee datt ee se och zousätzlech per E-Mail kritt, soudatt een zweemol mam nammlechten Dossier ka beschäftegt sinn.

Jo, de Kompass um Budget weist no Norden, no vir, soll vermëttelen, datt et net nëmmen e Plang, mee elo och endlech e Kompass fir dës Regierung gëtt. Mee um Enn vum Dag ass et e Budget, deen de grous Erausforderungen, deenen eis Biergerinnen a Bierger all Dag entgéintkucken, net gerecht gëtt.

Falsch Akzenter beim Logement, d'Schéier tëscht Aarm a Räich geet weider ausereneen a mir sanéieren eise Budget mat der Sucht. Doriwwer kënnen weeder sougenannte „positiv Schéiereffekter“ oder „manner Schold wéi geduecht“ oder aner rhetoresch Tricker ewechtäuschen. An och d'KI wäert dës Problemer net magesch léisen. An dowéinst, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ouni Erstaunen, kënnen mer de Budget och net matstëmmen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix | Ool

M. Fernand Etgen, Président de séance | Merci villmools, Här Clement. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här David Wagner. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

M. David Wagner (déi Lénk) | Jo, merci, Här Präsident. Ech wollt och nach der Madamm Rapportrice

trotzdem Merci soen – si ass zwar elo net do –, no-deems ech och gëschter relativ sec an de Meedie war, wat hire Rapport ugeet, well ech der Meenung war, datt ze vill iwwer KI geschwat gouf an net genuch iwwer Budget. Et gouf elo och e bëssen iwwer KI geschwat. Et ass ëmmerhin awer ..., well si huet sech awer Méi ginn.

(Exclamations)

Ob si Recht huet oder net, kann ech net aschätzen, well ech en ...

(Interruption)

Jo, mee dach, si huet sech Méi ginn. Mee ech kann dat net novollzéien. Mee ech mengen, et wier net oninteressant, wa mer en Débat d'orientation doriwwer kéinte féieren. Ech hunn héieren, den Här Polidori wëll eng Interpellatioun féieren, mee en Débat d'orientation wär interessant, well dann häss de och e Bericht.

(Interruption par M. Sven Clement)

Wéi?

(Interruptions)

Jo, nee, mee dës Kéier e richtegen.

M. Fernand Etgen, Président de séance | Här Clement, den Här Wagner huet elo d'Wuert.

M. David Wagner (déi Lénk) | Dës Kéier e richtegen. An do kéinte vläicht och den Här Polidori an d'Madamm Cahen, Président/Rapporteur, sech dat opdeelen. Vläch ass dat méi interessant.

Bon, mee elo genuch mat de schéine Wieder.

(Exclamations et interruption)

No engem Joer ... Jo, elo geet et lass!

(Interruption par la présidence)

Jo, well no engem Joer, Här Präsident, no engem Joer Regierung an unhand och vun deem heite Rapport stelle mir fest, datt mer ganz eendeiteg Brochlinne mat dëser Regierung hunn.

Mir wëllen als Lénk, datt d'Hausse vun de sozialen Ongläichheete gestoppt an ëmgekéiert gëtt. Dëse Budget, zumools wann een nach d'Steiermesüre vun der leschter Woch mat a Betruecht zitt, wäert genau de Géigendeel maachen.

Mir wëllen, datt de Logementsproblem endlech ferm ugepaakt gëtt, an zwar am Interêt vun deenen, déi am meeschten drënner leiden. Deen heite Budget setzt nëss komplett op de Maart a wëll virun allem d'Profitter vun de grouse Promoteuren erhéien.

Mir sti fir d'Onofhängegkeet vum Carbone a fir Wäitsicht, fir eng propper a bëlle Energie. Dat sinn alles Saachen, déi een decidéiere muss a wou ee sech och muss déi néideg Mëttelen ginn, fir déi Ziler ze errechen.

De Lëtzeburger Staat huet d'Mëttelen, fir d'Liewensqualität vun haut ze verbesseren a fir eist Land op déi grous Erausforderungen vun der Zukunft virzebereeden. Do geet Gepiddels net duer! Do brauch een e Plang, deen d'CSV eng Kéier hat a fale gelooss huet.

De Budget ass ee vun den Haaptmëttelen, fir esou e Plang op d'Been ze stellen. E gëtt opgestallt opgrond vun deem, wat richtig ass fir déi grous Majoritéit vun de schaffende Leit, vun der Jugend, déi sech bilt a forméiert, a vun deem, wat fir d'Ëmwelt an de Klima wichteg ass.

An déi finanziell Mëttelen, déi dofir néideg sinn, falls se net do sinn, wat bei dësem Budget emol net de Fall misst sinn, majo, déi muss een dann opbauen. Geld

muss dann eran, Recettë mussen geschafe ginn, awer op eng gerecht Aart a Weis.

Mee dat alles, dat gesi mir net. D'Regierung affichéiert zwar riseg Gesamtzomme bei den Investitiounen, mee wann een dann an den Detail kucke geet, dann entpuppt sech dat gréisstendeels als Etiketteschwindel. Nee, dëse Budget ass kee Spuerbudget, dat kann een net behaupten, a mir begrëissen dat och. Mee wann een de Pluriannuel kuckt, da mierkt ee scho ganz däitlech, wéi u verschidde Stellschrauwe gedreit gëtt, fir bei den Investitiounen ze spueren. Virun allem awer ass offensichtlech, datt d'Regierung säit dem Fréijer an entscheedende Beräicher d'Moyenen zrëckgefuert huet an elo manner wëll investéiere wéi nach viru sechs Méint. Ech wäert duerno nach drop zrëckkommen.

An do kritt een awer och e bëssen e Gefill vun Déjà-vu, well dat erënnert staark un eng CSV-Politik aus dem Ufank vun den 2000er-Joren, wou alles op Wirtschaftswuesstum an nach méi Wirtschaftswuesstum gesat gouf, mat massive Steiersenkungen fir d'Betriber, Gefällegkeete fir d'Finanzplaz a Walgeschenker fir d'Leit.

„Walgeschenker“ soen ech ëmsou méi bewosst, well wann ech mer awer och deen een oder deen anere Clip vum Finanzministère ukucken, dann hunn ech den Androck, datt do d'Leit drun erënnert ginn, datt d'CSV – net de Finanzministère, d'CSV! – hiert Wuert gehalten huet. Ech mengen, eng Kéier misste mer driwwer schwätzen. Ech mengen, den Här Goergen huet dozou eng Question parlementaire gestallt. Et wär vläch och eng Diskussioun fir an der Commission de l'Exécution budgétaire.

An dann hannendru sinn awer an deene Joren ëmmer d'Investitiounen vernoléisseg ginn: an der Mobilitéit, am Logement, beim Klimaschutz, bei de Schoulen a bei de Spideeler. Ech wëll déi viereg Regierung net a Schutz huelen; si huet net alles richtig gemaach, mee si huet awer missen dofir opkommen. Bon, mam Resultat, datt mer op eemol vir bäi an hanne widder ware bei den Infrastrukturen a bis haut deee Réckstand nach net opgeholl kruten.

Donieft – an dat ass och eng Konsequenz vun där Politik – sinn d'Ongläichheiten an eiser Gesellschaft staark geklomm. Wéi deemools ass d'Politik vun haut dorobber ausgeriicht, mol fir d'éischt déi iewesch sozial Klassen ze zerwéieren. Fir déi puer Glécklech soll d'Party weidergoen, an dat zitt sech wéi e roude Fue dem duerch all déi Initiativen, déi bis elo geholl goufen. An dat zitt sech och wéi e roude Fue dem duerch dëse Budget. A well dës Regierung deene Räiche permanent Steiergeschenker mécht, gëtt d'Zukunft vun der Jugend a vun de schaffende Leit geopfert, well dann d'Sue feele fir déi ganz grous Investissementer am Logement oder an der Klimakris.

Do stellt sech dann d'Fro: Ginn déi Aarm méi räich, wann déi Räich méi räich ginn? Bestëmmt net! Dat ass nach ni esou iergendwéi geschitt an do dréipst och näscht erof. Dat, wat bei dëser Regierung op déi méi aarm Klassen erofdréipst, dat si virun allem Almosen.

Jo, wa soss näscht méi kënnt a wa soss näscht méi geet, da muss een Hëllef schafen. Déi kënnen engem schonn d'Existenz retten oder zumindest verbesseren. Mee déi heite Regierung, déi bretzt sech domadder, datt si als eenzeg nach d'Energieprimm hätt an esou weider an datt mer esou vill Hëllef hätt.

D'lescht Woch hat nach eng Kéier de Marc Baum beim Gesetz zur Adaptatioun vum Mindestloun drun erënnert, datt Lëtzebuerg deen héchsten Taux – nach viru Bulgarien! – vun aarm schaffende Leit huet. Dat

heescht a Wierklechkeet, bretzt Iech net, well Dir wësst et ganz genau: Ouni all déi Transferten, déi erkämpft goufen, an ouni all déi verschidde Primmen, déi ee brauch, kënn een hei zu Lëtzebuerg net iwwert d'Ronnen!

Dat heescht, dat ass de strikte Minimum syndical. Well firwat muss mer dat alles maachen? Mee well d'Regierung näischt ënnerhëlt, well d'Promoteure weiderhin hir komplett delirant Loyere wëlle kréien a well anerersäits d'Patronen e ganz déiwen, ënnert der Aarmutsgrenz stoende Mindestloun wëll bezuelen. Dofir hu mer Primmen.

Här President, wann een eng éierlech Analys mécht vun der sozialer Situatioun, da réckelt zwangsléifeg d'Veerdeelungsfro an de Mëttelpunkt: Wie schafft de Räichtum a wéi gëtt de Räichtum ënnert de Leit opgedeelt? An déi Verdeelungsfro, déi fäert dës Regierung wéi den Däiwel d'Wäiwasser, well d'Party muss weidergoe fir déi puer Räich. D'Yachten oder d'Porsche müssen amortiséiert ginn.

Här President, et ass och schwéier, eng seriö Debatt ze féieren, zumools wann ee mat Zuele konfrontéiert ass, déi permanent schwanken. Souguer déi grouss finanzpolitesch Instanzen am Land – d'Cour des comptes, de CNFP, d'Zentralbank – kënnen déi Zuelen deelweis just nach schwéier novollzéien a kommen an hiren Analysen och op ganz ënnerschiddlech Konklusiounen.

Virun engem Joer huet de Comité économique et financier a senger Nott virausgesot, datt mer 2024 en Defizit vun 3,2 Milliarde wäerten hunn. Am Mäerz huet den Här Finanzminister e Budget presentéiert, wou e virausgesot huet, datt mer 2024 en Defizit vun 1,9 Milliarde wäerten hunn. Am Oktober huet den Här Roth deen heite Budget presentéiert an huet doranner fir 2024 den Defizit op 1,4 Milliarden no ënne revidéiert. A wa mer d'nächst Joer d'Konten zoumaachen, wäert vum Defizit beim Gesamtstaat warscheinlech nach 1 Milliard iwwregbleiwen.

(Interruption)

Dat alles, obwuel d'Konjunktur sech net verbessert huet, obwuel dës Regierung massiv Steuerbaissen a wéineg Aspuerungen decidéiert huet an obwuel se de Militärbudget massiv an d'Luucht gesat huet.

Och d'Baisse vum Betrëbssteiersaz vu 17 op 16 %, déi jo d'lescht Woch am Entlaaschtungspak gestëmmt gouf, gouf am Juli vun der Regierung mat engem Déchet fiscal vu 70 Milliounen Euro pro Joer chiffriert. Am Oktober beim Budgetsdepot kascht se d'nächst Joer op eemol just nach 56 Milliounen, an dat, obwuel aner Acteure wéi zum Beispill d'Zentralbank de Käschtepunkt op 200 Milliounen pro Joer chiffrieren.

Ech verstinn, datt een als Finanzminister mol éischter virsichteg ass a senger Prognosen, mee et kéint ee bal mengen, d'Regierung wëlt de Staat bewosst „aarmrechnen“, an dat och, fir datt keen op d'Iddi kéint kommen, Demanden ze maachen, a fir datt d'Regierung sech kann duerno op de Fändel schreiwen, wéinst hirer Aarbecht wier schlussendlech alles net esou schlëmm komm wéi virausgesot.

Här President, d'Covidpandemie an d'Energiekris hatten exceptionnel Mesüeren néideg gemaach, déi d'Staatsfinanzen aussergewöhnlech belaaucht hunn. Mee et muss een awer ganz generell feststellen, datt mer relativ gutt do derduerchkomm sinn, mat enger dach ganz begrenzter Hausse vun der Schold, wann ee mol d'Ausmooss vun deene Krisen och kuckt, enger Staatsschold, déi iwwregens am internationale Verglach ganz niddreg an och maîtriséiert ass, zumools wann een d'Relatioun kuckt tëscht den Zënszuelungen an de Gesamtrecetten. D'Chambre

des Salariés huet souguer ausgerechent, datt déi finanziell Avoire vum Staat 2,5-mol méi héich si wéi eis Schold.

Virun allem muss een awer feststellen, datt eis Recettë sech an deene Krisejore gutt gehalen hunn an nees vill méi schnell klamme wéi virausgesot. Laut virleefegen Zuelen, déi, wéi gesot, mat Pincetten ze huele sinn, hu mer vun 2023 op 2024 eng Steigerung vun de Recettë beim Zentralstaat vu méi wéi 11 %, dat virun allem opgrond vun der Hausse vun der TVA an der Lounsteuer, dat heescht bei deem Deel vun de Steieren, dee vun de schaffende Leit an de Pensionnairë bezuelt gëtt. Fir 2025 geet dann d'Regierung vun enger Steigerung vu 4,5 % aus, woubäi déi Schätzung nees zimmlech konservativ schéngt an déi Steigerung jo natierlech vill méi héich wär, wann d'Regierung keng massiv Steiersenkungen decidéiert hätt.

An da steet jo och nach déi grouss Inconnue am Raum, nämlech d'Auswierkunge vun der neier Mindestbesteuerung vun de Multinationale vu 15 %, wou mer muer och nach e Projet de loi wäerte stëmmen. Verschidden Institutiounen am Ausland soen dem Lëtzeburger Staat do zousätzlech Recetten an Héicht vun Honnerte Milliounen Euro viraus. Hei zu Lëtzebuerg ignoréiert den Här Finanzminister dës nei Steuer net just a sengem Budget, mee huet och op Nofro vu gläich e puer Deputéierte keng eenzeg substanziiell Ausso dozou gemaach.

Här President, fir eis als Lénk stinn zwee politesch Theeme stänneg am Mëttelpunkt: éischstens déi sozial Entwécklung, wou notament d'Kafkraaft, de Logement an d'Aarbechtspolitik eng grouss Roll spillen, an zweetens déi ekologesch Fro, dat heescht virun allem den Erhalt vun eisen natierleche Grondlagen an d'Energietransitioun. Et ass un deenen Theemen, wou mir d'Regierungsarbeit an de Budget moossen. An do muss ee leider soen, datt d'Zensur nach méi schlecht ausfällt wéi bei der viregter Regierung.

Déi heite Regierung huet sech d'Kampf géint d'Aarmut op de Fändel geschriwwen. Si huet och schon eng ganz Rei Initiative geholl, wéi d'Eropsetze vun der Allocation de vie chère, der Energieprimm a vun de Loyerssubventiounen oder och déi steuerlech Entlaaschtung vun de Monoparentallen. Och hei am Budget gesäit een an deem Beräich keng Verschlechterung an eng ganz Rei Poste vum Familljeministère si souguer an d'Luucht gesat ginn.

Här President, d'Leit wëllen awer keng Almosen. Si wëllen e korrekte Salaire fir hir Aarbecht an e korrekten Daach iwwert dem Kapp fir e korrekte Präis. An normalerweis misst dat geschéien, ouni datt de Staat agräift. An dofir sti fir eis als Lénk an alleréischter Linn d'Lounpolitik, de Logement, d'Steiergerechtheet an d'Sécurité sociale am Mëttelpunkt. Et ass an deene Beräicher, wou sech déi sozial Fro och entscheet. A wann een an deene Beräicher eng kontraproduktiv Politik mécht, sou wéi dës Regierung, dann hëlleft et och net vill, hannendrunner mat Subsidien nozebesseren.

Eng gutt bezuelten Aarbecht mat gudden Aarbechtskonditiounen ass déi beschte Garantie géint Aarmut. Andeems d'Regierung d'Gewerkschaften attackéiert an esäiteg Fuerderunge vum Patronat iwwerhëlt, bremst se d'Lounentwécklung an de Fortschrëtt an der Aarbechtspolitik. De Mindestloun läit ënnert der Aarmutsgrenz, n'en déplaise dem Aarbechtsminister, deen d'lescht Kéier eng komesch Ausso gemaach huet d'ailleurs, datt säi Ministère anscheinend déi 60 %-Reegel bei der Aarmutsgrenz guer net méi wëilt betruuchten. Bon, soit. Mee de politesche Refus, eng strukturell Erhéijung unzegoen, heescht, déi ënnescht Akommesklassen op éiweg zur Aarmut ze verdamen.

Eise Steiersystem ass ongerecht, well d'Progressioun bei der ënneschter Mëttelschicht ze grouss ass, well de Spëtzesteiersaz ze niddreg ass, well de Barème net un d'Inflatioun gekoppelt ass a well Kapitalrevenue just ganz niddreg besteiert ginn. Dat schafft sozial Ongläichheeten, an déi fiskal Mesüre vun CSV an DP verschäerfen dat och nach.

D'Familleprestatioune an d'Seuile fir déi eenzel Abatementer si scho säit ville Joren net méi ugepasst ginn. Dat bewierkt e schläichende Kafkraaftverloscht, dee virun allem déi ënnescht Klassen trifft.

D'Altersaarmut ass um Klammen, zemoos well d'Mindestpensiounen ze niddreg sinn. A bei allem, wat mer an der Pensiounsdebat – an där komescher Pensiounsdebat – bis elo héieren an net héieren hunn, wäert et do éischter an déi falsch Richtung goen.

Amplaz d'Obdachlosegkeet als soziale Phenomeen ze bekämpfen, ginn déi Obdachlos als Persounen stigmatiséiert a mat repressive Mëttelen drangsaléiert.

Här President, Pandemie, Liwwerengpäss, Energiepräisser an duerno déi héich Zësen hunn an de leschte Joren derzou gefouert, datt déi privat Konstruktoun ofgebremst gouf. Dat, wat allgemeng als „Baukris“ bezeechent gëtt, ass fir e Land, dat e strukturelle Manktem u Logement huet, natierlech problematesch, an do wär et dach an eisen Aen evident gewiescht, als Staat eng antizyklesch Politik ze maachen an d'Demande ze stäipen.

Ech muss awer och soen: Et ass e bësse komesch – ausser ech hätt falsch verstanen, Här President –, mee laut dem Här Roth si mer quasi aus där Baukris eraus. De Spriecher vun der DP, den Här Baum, huet gesot, mir wäeren u sech awer nach dran. An elo, haut de Moien, liesen ech awer en Artikel am „Lëtzeburger Wort“, wou de Spriecher vun der gréisster – ech mengen, et ass déi gréisst – Zementfabrick hei zu Lëtzebuerg seet – haut de Moien am „Wort!“ –: „Die Maßnahmen, um die Baukonjunktur in Luxemburg wieder flott zu machen, greifen bislang nicht. Und es sieht auch nicht so aus, als würde sich das die nächsten zwölf Monate ändern“. Dat seet de gréissten Zementproduzent hei am Land.

D'Baukris hätt ee kënnen zu enger grousser Chance maachen, wann de Staat sech d'Moyene ginn hätt, souwuel finanziell wéi och reglementaresch, fir an dëser Zäit massiv Bauoptrag ze ginn, fäerdeg Wunnengen a VEFAen opzekafen. An doduerch hätt ee kënnen dee ganze Secteur um Rullen halen a virun allem a relativ kuerzer Zäit d'Unzuel vun den ëffentleche Mietwunnengen entscheidend erhéien. An dee méi grouse Prozentsaz un ëffentleche Mietwunnengen hätt dem Staat dann och e méi groussen Hiewel ginn, fir berouegend op d'Loyershaussen anzewierken. Mee dat huet déi viregt Regierung ..., mee dat ass u sech elo verschlof ginn.

Wann een déi effektiv Depensé vum Fonds spécial fir den abordable Wunraum kuckt, da gesäit een, datt se an der Period vun 2020 bis 2023 méi oder manner stagnéieren, nämlech tëscht 170 an 180 Milliounen pro Joer. Wann een d'Inflatioun da mat eranhëlt, bedeit dat souguer e Réckgang iwwert déi Period. De Staat huet der Baukris also net entgéintgewierkt an huet déi Chance net genotzt. En huet sech am Géigendeel un d'Entwécklung vum private Marché ugepasst a seng Aktivitéit ofgebremst.

Aus de Rapporte vum Fong geet schwaarz op wäiss ervir, datt haut de Prozentsaz vun abordable Wunnengen pro 100 Awunner souguer lichter méi niddreg ass wéi zu deem Zäitpunkt, wou de Fong gegrént gouf. Dat, wat gemaach gouf, ass also mol net duergaangen, fir stabil ze bleiwe géigeniwwer vum demografesche Wuesstem. Et gesäit een och, dass mol

net een Dröttel vun deem gebaut gouf, wat ee sech als Zilsetzung gesat hat.

Elo kéint ee jo och hoffen, déi nei Regierung géif aus deene Feeler léieren a si hätt e Plang, fir méi séier mam Bau vun ëffentleche Wunnenge virunzkommen. Mee dat ass net de Fall. Wann ee sech all d'Parameetere ukuckt, Steiermesürene inklusiv, da kann een aus deem Budget souguer erausliesen, datt dës Regierung de Stellerwärt vum ëffentleche Wunnengsbau zrückschrauwe wëll. Déi geplangten Depensen am Logementsfong, déi am Pluriannuel stinn, klängen op den éischte Bléck ganz spektakulär. An den Här Finanzminister huet jo och an der Chamber ganz stolz deklariert, d'Regierung géif an de fénnef Joer vun 2024 bis 2028 insgesamt ronn 2 Milliarden an den abordable Logement investéieren. Mee wann een dann d'Dépenses ajustées kuckt – déi solle jo erëmginn, wat an der Realitéit wierklech och émsetzbar ass –, da bleiwe vun deenen 2 Milliarde just nach 1,3 Milliarden iwwreg. Dat entsprécht iwwregens och deem, wat d'Regierung wëlles huet, iwwerhaapt an de Fong anzespiesen. Mee och vun deene méi realistesch Dépenses ajustées goufen an der Vergaangenheet just ronn 70 % tatsäcchlech émgesat. Wann d'Regierung also déi ëffentlech Bautätegkeet net weesentlech beschleunegt – a bis elo weist näischt dorobber hin –, da wäerte vun deene grouss ugekënnegten 2 Milliarden um Enn just nach 900 Milliounen un Investitiounen iwwregbleiwen. Dat ass de Leit Sand an d'Ae gestreut!

(M. Claude Wiseler reprend la présidence.)

Nach vill méi wéi déi Regierung virdru setzen CSV an DP op de private Marché. An dat gesäit een och dorunner, datt se tëschent Abrëll an Oktober hir Ambitioun an der Logementspolitick radikal no ënne revidéiert huet. Am Pluriannuel vum Abrëll huet se ugekënnegt, iwwert d'Period 2024 bis 2027 am Ganzen 2,4 Milliarden aus dem Budget an de Fong ze ginn. Am aktuelle Pluriannuel vum Oktober huet si déi Zomm dann och op 1,8 Milliarden no ënne revidéiert, dat heescht e Minus vu 600 Milliounen. Et géif ee bal mengen, de Logementsproblem hétt sech dann och iwwert de Summer a Loft opgeléist.

Dobäi kéint och nach, datt d'Regierung wëlles huet, e steigenden Deel vum Fong a VEFAen ze investéieren. D'Ausgabe fir d'VEFAe sinn och den Haaptgrond, firwat déi geplangten Depensen am Fonds spécial iwwerhaapt klammen, während zum Beispill d'Aides à la pierre stagnéieren. Ass den Opkaf vun de VEFAen elo d'Hauptstrategie vun der Regierung? Well dat géif jo bedeuten, datt et elo an d'Richtung vun engem schläichen Outsourcing vun der ëffentlecher Wunnengspolitik u privat Promoteure geet.

Fir eis ass kloer: D'Regierung stellt sech schützend virun déi grouss Promoteuren a Proprietären an hält domadder de Misär vun ëmmer méi Leit a Kaf. D'Profitter an d'Renditte sollen nees sprudelen. D'Party soll weidergoe fir déi Happy Few. Dofir wëll d'Regierung natierlech och kee Loyersdeckel an ënnerhëlt och soss näischt, fir Loyershaussen iergendwéi ze bremsen. An dofir si mer elo an enger Situatioun, wou Zéngtausende vu Leit den hallwe Mount schaffe ginn, just fir d'Rent vun hirem Vermieter ze bezuelen.

A well ëmmer méi Leit existenziell Schwieeregkeeten hunn, déi horrend Loyereren ze bezuelen, fillt d'Regierung sech gezwongen, Bähëllef ze ginn. Dat heescht, se akzeptéiert a subventionéiert déi héich Loyereren elo am Privatmarché gefuerdert ginn, an iwwerweist eigentlech indirekt – an dat doe mer zënter Joren – de Proprietären een Deel vun den iwwerdeierte Loyereren op hire Kont. Dat ass a Wierklechkeet déi Subventionspolitik vun der Regierung! D'Iescht

Joer waren dat 23 Milliounen Euro u Loyerssubventionen, déi de Staat indirekt de Proprietären zoukomme gelooss huet, a fir dës Joer sinn 30 Milliounen virgesinn. Déi Zomm soll elo laut Pluriannuel op 50 Milliounen eropgoen.

Dorausser schléisst mer virun allem, datt d'Regierung keng Absicht huet, iergendwann op d'Loyershaussen anzewierken. War d'Subventioun de loyer nach 2015 a 2016 geduecht als eng Iwwergangsléisung, bis de Logementsmarché am Grëff ass – wat natierlech net geschitt ass –, ass se elo zu engem Mëttel ginn, fir eng seriö Logementspolitik ze verschleefen.

A laut dem Observatoire de l'habitat hält just ee Véierel vun de Locataire, déi d'Loyerssubventioun zegutt hunn, se och tatsächlech an Usproch. Dat hat och den Här Gilles Baum bemängelt. Vlächst misst en och senger Partei dat soen, well bekanntlech sëtzt se an der Regierung an da kéint se vlächst eppes dogéint maachen. Géif also jiddereen déi Subventioun do ufroen, da misst de Staat aktuell warscheinlech 120 Milliounen pro Joer op den Dësch leeën, fir d'Loyereren ze subventionéieren. Wann dat esou weidergeet, da wäerte mer an e puer Joer méi Suen an d'Loyerssubventiounen stiechen, wéi de Fong iwwerhaapt an d'Schafung vun abordablem Wunraum investéiert.

Wat mer brauchen, ass eng massiv Stärkung vun den ëffentleche Bauträger, mat enger ëffentlecher Baufirma, déi exklusiv fir déi ëffentlech Hand baut. Mir brauchen nei Outilen, fir Terrainen ze mobiliséieren a fir eng weider Konzentratioun vu Bauland ze verhéieren. D'Gemege mussen obligéiert ginn, méi ze bauen, a mussen dofir och natierlech déi néideg personell a finanziell Mëttele kréien. A mir brauchen och endlech e funktionéierende Loyersdeckel, fir datt mer dem Här Roth säi berüümte Schéieren-effekt hei kréien, nämlech datt d'Salairé méi séier klamme wéi d'Loyeren.

A kommt, mir si mol ee Moment éierlech: Ouni déi stänneg Perfusion duerch d'ëffentlech Hand – vun de Steierzueler – géif dee ganze Logementsmodell, esou wéi en elo besteet, a privaten Hänn, zesummebréchen. Dee géif guer net funktionéieren. D'Verteeder vum früe Maart solle mer eng Kéier hei schwarz op wäiss beweisen, erklären, ouni mat der Wimper ze zucken, datt de Logementsmarché ouni Hëllef vum Papa Staat funktionéiere kann. Ech mengen, ech riskéieren do, ganz laang ze waarden. Ech waarde schonn e puer Joerzénge dorobber, well d'Äntwert funktionéiert net.

An dofir soe mir: Amplaz mat deene Milliounen de Promoteuren hir total iwwerdeiert Wunnenge mat de Sue vun de Steierzueler, also och vun de Locataire a vun de kleng Keefer, ze subventionéieren, hätte mer besser, déi Suen direkt an eng national Wunnengsbaugesellschaft ze investéieren. Ech weess, et gëtt der, déi maachen de Geck doriwwer. Am Stater Gemengerot gouf erëm: „DDR, DDR!“, e bëssen dümmlech geruff, mee Äre Modell, deen ass gescheitert. An ech mengen, do, wou et ëffentlech ass, ass et bis elo net gescheitert. Gitt mer e Beispill, hautzudaags nach. Well wa mer och esou eng ëffentlech Bautepolitik hätten, da wéissten och d'Steierzueler weinstens, datt hir Suen net a Yachte vu Promoteuren, mee a Wunnengen, déi normal Mënsche sech kënne leeschten, investéiert ginn. Dat ass op jiddwer Fall eng vun den éischte Mesürene, déi mir als Lénk géifen huelen.

Här President, et gëtt esou viles ze soen. Ech hunn nach e bësse méi wéi eng Minutt. Ech géif nach gären e bëssen eppes zum Klima soen, mee ech mengen, ech kommen net méi dozou. Mee ech mengen, do mussen mer awer och soen, datt déi zukünftige Generatiounen geopfert ginn, wa mer gesinn, wat fir eng

Stagnatioun u sech stattfënt. Kënschlech Intelligenz, wéi gesot, kann interessant sinn. Mee wat elo geschitt: Iwwerschwemmungen, mir wëssen, a Spuenen ... Hei – an iwwerall op der Welt – wäerte mer et och leider mat ganz graven Naturkatastrophen ze dinn hunn, déi mënschlech bedéngt sinn. Do muss ee virsueren an dofir muss ee vill investéieren. Et muss ee vill investéieren, fir propper Energie ze hunn, natierlech, a fir eis Klimaziler ze erreechen, mee anerersäits och elo, vu datt mer se jo weltwäit net erreecht kréien a well mer d'Konsequenze schonn ze spiere kréien, mussen mer investéieren, fir resilient ze ginn. Net just an Arméi, a Panzeren an ech weess net wat. Resilienz heescht och, datt d'Bevëlkerung muss beschützt gi vis-à-vis vun engem Klimawandel, well dee kéint sécher, zu 100 %. Dat ass eng sécher Gefor op jiddwer Fall.

Här President, et wäert Iech net wonneren: Den Här Roth huet gesot, dës Regierung géif agéieren, mee si schwätzt awer och ganz vill. Si schwätzt vill vun de Pensiounen, ouni ze soen, wat se wëllt maachen, d'ailleurs, wat respektlos ass vis-à-vis vun der Bevëlkerung. Si schwätzt vill a ganz domm vun de Gewerkschaften a vum Salariat a vum Aarbechtsrecht.

(Exclamations)

Si seet, et geet dem Land besser, obwuel d'Aarmut klëmmt. Mir haten nach ni eng Regierung, déi esou vill mat Slogane geschafft huet, mat alternative Fakten, mat Geflunkers, wéi dës Regierung.

(Exclamations)

Et gouf vill de Geck gemaach mat Nopeschlänner, déi instabil Regierungen hunn. Jo, dat stëmmt och. Si hunn instabil Regierungen. Mee déi heite Regierung ass knapps ee Joer am Amt a si stolpert vun engem Problem an deen aneren. Mir si scho sou wäit, datt dës Regierung schonn e puer Méint, nodeems se ugetrueden ass, eng Spezialkommissioun um Bockel huet.

(Exclamations)

An deemno wéi kéint et eng aner Form vu Kommis-sioun ginn. A mir wëssen, wat dat fir d'CSV a fir e Premier vun der CSV meeschtens bedeit.

(Exclamations)

Dat heescht, bretzt Iech net ze vill!

Här President, ech hunn nach ni e Budget matgestëmmt. Mir hunn als déi Lénk ëmmer mat engem Fanger op de Bouton „Nee“ gedréckt. Dës Kéier wäerte mer mat zwee Fangeren op de Bouton „Nee“ drécken.

Ech soen Iech Merci.

M. Marc Baum (déi Lénk) | Dat si véier Stëmmen.

(Hilarité)

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Wagner. Dann ass d'Wuert fir d'Madamm Diane Adehm. Madamm Adehm.

Mme Diane Adehm (CSV) | Här President, Léif Kolleeginnen a Kollegen, als Éischt wëll ech der Budgetsrapportrice emol felicitéieren fir hiren exzellenten an äusserst interessante Budgetsrapport. Als Virgängerin an dëser Roll weess ech ganz genee, wéi vill Aarbecht et ass, wéi vill Zäit dropgeet. Do zielt een net a Stonnen, net an Deeg. Do gi Wochen drop an et huet een nach ëmmer d'Gefill, et wier een net ganz fäerdeg. Duerfir Felicitatiounen nach eng Kéier vu menger Säit och fir Iech als Budgetsrapportrice.

Une voix | Très bien!

Mme Diane Adehm (CSV) | Wat interessant ass, dat ass, dass Dir als Budgetsrapportrice u sech mat Ärem

Sujet Kënschtlech Intelligenz do ugefaangen hutt, wou ech d'lescht Joer mat mengem Budgetsrapport opgehalen hat. Ech hat zwar Theeme behandelt, déi e bësse méi technologesch waren, well ech iwwert d'Place financiëre geschwat hunn, mee déi Theemen, déi ech behandelt hunn, verknäppe sech awer och ganz gutt mat dem Thema vun der Kënschtlecher Intelligenz, well se u sech eng Viraussetzung si respektiv eng direkt Verbindung mat der Kënschtlecher Intelligenz hunn.

Här President, ech wéilt awer mat e puer Statistiken ufänken. De Fonds monétaire international huet jo fir d'Joer 2023 bei 174 Länner nogekuckt, inwiefern se prett si fir Kënschtlech Intelligenz. Déi gutt Noriicht ass, dass Lëtzebuerg sech hei op enger exzellenter 11. Plaz am Gesamtklassement plazéiert. Bei allem, wat d'Eethik am Beräich vun der KI ugeet, ass Lëtzebuerg esouguer op der 2. Plaz. Bei den Infrastrukture si mer op der 5. Plaz. Bei der Politik vun mënschleche Kapital an der Aarbechtspolitik si mer op der 10. Plaz. Wat awer d'Innovation an d'Intégration économique ugeet, do si mir nëmmen op der 27. Plaz. Hei besteet also nach ganz vill Handlungsbedarf.

D'Regierung huet an hirem Koalitionsaccord festgehalen, e Schwéierpunkt op d'KI ze leeën an der Fuerschungspolitik. Ausserdeem soll de legale Kader vun den ëffentleche Fuerschungszentren iwwerschaaft ginn an hir Zesummenaarbecht verbessert ginn. Dese Mount goufen och d'Verwaltungsreit vun den dräi Fuerschungszentren erneiert, esou wéi d'Gesetz dat virgesäit. Mir sinn also gespaant, wat sech an der ëffentlecher Fuerschung hei am Land iwwert déi nächst Jore wäert veränneren.

D'Regierung schafft och weider un der digitaler Inklusioun fir all eis Bierger. Dëst ass eng weesentlech Viraussetzung fir den Erfolleg vun engem digitale Lëtzebuerg mat enger staarker KI-Plattform.

Här President, ech wéilt och kuerz op verschidde Ministèren ze schwätze kommen, wou een elo net onbedéngt un Digitaliséierung oder souguer KI denkt, mee wou awer grad dese Volet an Zukunft ëmmer méi wichteg gëtt. Ech denken do zum Beispill un den Ëmwelt-, Klima- a Biodiversitéitsministère. Ech denken awer och an eis Landwirtschaft an un eise Wäibau. Och hei spillt d'Digitaliséierung eng wichteg Roll am Alldag.

An dobäi denken ech net nëmmen un d'Digitaliséierung vun de Prozeduren. Ganz konkret denken ech do zum Beispill u Melkroboter, déi mëttlerweil schonn op de meeschte Bauerenhäff zum Asaz kommen. Hei gi ganz vill a wichteg Donnéeën iwwer all eenzelt Déier gesammelt.

Ech denken awer och un d'Satelliten, déi ënner anerem och Donnéeën iwwert d'Wieder sammeln. Laut Experte kann d'KI hëllefen, extreem Wiederphenomeener, déi mam Klimawandel méi heefeg wäerte ginn, méi genee viruszesoen. Dëst wäert eis erlaben, eis an Zukunft besser op dës Phenomeener virzebereeden. Dës Informatiounen si ganz wichteg fir d'Bauern am Allgemenge respektiv d'Uebst- an d'Geméisbaueren, awer och fir eis Wënzer.

Ech denken awer och un „intelligent“ Maschinnen, déi Planzen erkennen an hëllefen, de Planzeschutzmittelasaz ze reduzéieren.

An ech denken un d'KI am Energieberäich. Si kann hëllefen, d'Produktioun vun erneierbaren Energie besser ze steieren an och de Stroumreseau optimal ze plangen.

Här President, e weidere Ministère, bei deem d'KI scho méi laang ukomm ass, ass den Inneministère. D'Digitaliséierung vum Ministère a vun de Gemenge

wäert weider iwwert d'Plattform eMint lafen. Zënter 2022 ginn déi éischt Konzepter vu KI am Inneministère benotzt. Algorithmen hëllefen hei bei der Kontroll vu Budgetsartikelen vun de Gemengen. Et geet ganz einfach drëms, administrativ Virgäng ze vereinfachen.

Den 21. März vun deem Joer gouf den Inneministère fir seng innovativ Testversioun mat dem „Certificate of Good Practice“ vum European Public Sector Award ausgezechent, engem Zertifikat, op deem den Inneminister zu Recht äusserst stolz ass.

Iwwert déi nächst Jore schafft de Ministère drun, souwuel legislativ wéi och organisationell e Kader fir d'KI am Echange mat de Gemengen ze schafen. D'Approbatioune vu Gemengendevisiounen oder Subside fir Gemengeninfrastrukture wäerte mat der KI méi séier kënnen traitéiert ginn an duerfir och fir eng Simplification administrative suergen. Eis Buergermeeschteren heibannen an och dobause wäert dese Punkt freeën.

Och um Niveau vun de Gemenge gëtt schonn deelweis KI benotzt. Déi sougenannte Smart Cities oder op Lëtzebuergesch d'Intelligent Stied suergen dafir, dass zum Beispill an engem ëffentleche Park d'Luuchten zum richtege Moment un oder aus sinn oder dass d'Waassersprenkler richteg agesat ginn. Dëst ass, fir Verschwendung ze verhënneren an de Bierger optimal Systemer zur Verfügung ze stellen. Och bei verschiddene Waassersyndikater gëtt haut schonn d'KI benotzt, fir Waasserfuitten ze entdecken.

Här President, och bei der bannenzeger Sécherheet ass KI en Thema. Eng modern Police brauch nämlech net nëmme genuch Personal oder adequat Infrastrukturen, si brauch och e modernt Ekipement. An zu deem modernen Ekipement gehéiert d'Digitaliséierung. D'KI kann d'Police aktiv ënnerstëtzen an hëllefen, vill méi zäiteffizient ze schaffen. Hei gëtt evaluéiert, a wéi enge Beräicher d'KI fir d'Police ka vun Notze sinn. Dëst ka bei der Bilderkennung bei der Sich no Täter de Fall sinn oder bei der Auswärtung vu gréisseren Fotodateien.

Aktuell ass och schonn eng limitéiert Unzuel u käschteflichtige KI-Lizenzen am Beräich Iwwersetzung an Nummerschëldekennung am Asaz. Dës KI kann op de Polizisten hirem Dénkschthandy installéiert ginn. Am Resümee kann duerch d'KI dem Polizist seng Aarbecht am Alldag vereinfacht ginn, an dës esouwuel bei redaktionellen Aarbechte wéi och bei der Auswärtung vun Daten. Mee – an ech soen e grouse Mee – d'Sécherheet an d'Fiabilitéit an d'Protektioun vun den Donnéeën müssen eng absolutt Prioritéit sinn.

A last but not least kënn och beim CGDIS d'KI zum Asaz. Hei ass eng séier an effikass Prise en charge vun de Besoinen vun de Bierger essentiell. Am Beräich vun den Aarbechten um Einsatzleitsystem gëtt dofir och analyséiert, inwiefern d'KI den 112 bei der Prise en charge begleeten an entlaaschte kann.

Och am Beräich vun der Aide à la décision wäert d'KI iwwert déi nächst Jore verstärkt agesat ginn, zum Beispill um Niveau vun der Noutfallversuergung vu Patienten.

Schlussendlech lafen och Projeten, fir Telefonater op den 112 ze iwwersetzen, fir eiser ëmmer méi polyglotter Bevëlkerung Rechnung ze droen an esou méi eng séier Prise en charge ze erreechen.

Här President, ech kommen awer elo zréck op mäin eegene Budgetsrapport, esou wéi ech et am Ufank ugekënnegt hat. Wéi ech fir mäi Budgetsrapport d'Piste fir d'Diversifizéierung vun eiser Wirtschaft opgezeechent hunn, war ech selwer zur Konklusioun komm, dass eist Land d'Potenzial huet, fir en Hub fir

KI a Machine Learning ze ginn. Als Viraussetzung hat ech d'Rechecapacitéit genannt duerch de sougenannten High Performance Computing, dee mir duerch de MeluXina an d'Uni.lu hei am Land hunn.

Et freet mech, dass mir eis Kräften an deem Secteur bündelen a mat der Plattform supercomputing.lu de Betriber, besonnesch awer de PMEen, an de Fuerscher den Accès op déi Rechecapacitéit erliichten. Och bitt Luxinnovation eng Hëllef u fir d'Betriber, déi wëllen op dës Capacitéit fir Innovationszwecker zréckgräifen, an och déi néideg Begleitung ass hei virgesinn.

Eng aner Viraussetzung, fir en Exzellenzzentrum fir Supercomputing a KI ze ginn, ass d'Cybersécherheet. D'Cyberkriminalitéit ass eng Bedroung fir Privatpersounen, Firmaen a fir eist Land am Allgemengen. Als Land musse mir eis dogéint verteidegen, an déi rezent Cyberattacken op d'Servere vun der Regierung hu bewisen, dass dës Gefor reell ass. Feindlech Acteuren, déi oft am Optrag vun anere Länner agéieren, sinn eng Realitéit. An dowéinst musse mir nach vill, vill besser ginn an der Cybersécherheet.

Och do gouf an der Vergaangenheet scho vill Viraarbecht geleescht mam House of Cybersecurity, an dës Regierung wëll och do weider agéieren, och fir Kleng- a Mëttelbetriber besser ze sensibiliséieren an ze schützen. D'Schafe vum House of Cybersecurity ass do e wichtige Schrëtt. De Premierminister an déi delegéiert Ministesch fir Konnektivitéit a Merdie si sech däers bewosst an hu sech am Kader vun der Visitt vun deem Kompetenzzentrum virun engem Mount och fir méi e wichtige Rôle vun deem Haus fir Cybersécherheet staark gemaach.

Déi nei Oplag vun der National Strategy on Cybersecurity ass an der Maach a wäert deem och Rechnung droen. Doranner hu mir vollst Vertrauen an eise Premierminister an an eis delegéiert Ministesch fir Konnektivitéit a Meedien.

A wa mir scho bei der delegéierter Ministesch sinn: An hirer Fonctioun als Justizministesch dreift si konsequent d'Moderniséierung an d'Digitaliséierung vun der Justiz weider. Dozou gehéiert och den elektronischen Austausch tëschent de verschiddene Justizautoritéiten.

Här President, den Hub fir KI ass och amgaangen, hei ze entstoën. No der Firma Pony.ai, mat där eis Regierung eng Letter of Intent ënnerschriwwen huet, hu mir déi nächst exzellente Nouvelle virun e puer Deeg kritt. D'Budgetsrapportrice hat et och gëschter schonn ugeschwat gehat: Mam Konsortium MeluXina-AI huet eist Land nämlech den Zouschlag kritt, fir eng vun de siwe sougenannten AI Factories an Europa ze bilden. Domadder ënnersträiche mir eis Virreiderroll an der EU, esouwuel am Supercomputing wéi och an der KI. D'Capacitéit vum Euro High Performance Computing, dem Netzwierk vu Supercomputeren, wäert mat dëser KI-Fabrick verduebelt ginn.

Här President, d'KI wäert och e groussen Impakt op den Aarbechtsmaart hunn. An eis ass et wichteg, dass grad hei keen op der Streck bleift. Laut enger rezenten Etüd vun Eurostat hunn nëmme 60 % vun de Leit tëschent 16 a 74 Joer hei zu Lëtzebuerg genügend numereesch Kompetenzen. Och wa mir, wéi ugangs gesot, op enger gudder 10. Plaz vun 174 Länner sinn, wat d'Aarbechtspolitik um Niveau vun der KI ugeet, esou däerfe mir eis net op dese Lorberen ausrouen.

D'Weiderbildung vun de Mënsche spillt eng zentral Roll a muss weider gefërdert ginn. Dës Regierung investéiert an d'Formation continue, an de sougenannte Reskilling an Upskilling. D'Arbeitnehmer müssen op déi technologesch Verännerunge virbereet ginn, an dëst net nëmme fir d'KI, och fir d'Besoinen vun eiser

Wirtschaft. Den Aarbechtsminister, zesumme mat der ADEM, schafft mat Nodrock, fir dësen Upskilling a Reskilling konsequent virunzedeiwen, an dës Budget gëtt hinnen déi néideg Moyenen. D'KI wäert an Zukunft och hëllef, déi zukünfteg Besoinen um Aarbechtsmaart fréizäitig ze erkennen.

Här President, d'Rapportrice ass och op den enorme Potenzial vum der KI am Gesondheitswiesen agaan. Och mir erkennen dëst Potenzial a sinn der Meinung, de Staat soll sech déi néideg Moyene ginn, fir d'KI an der Medezinn ze verbreedeen, dëst besonnesch an der Preventioun an am Diagnostic. D'Gesondheitsministesch wäert derfir suergen, dass eis zukünfteg Spideeler den Entwécklung vum der KI Rechnung droen.

Hei sief nach eng Kéier drop higewisen, dass am Budget fir d'nächst Joer follgend Ausgabe virgesi sinn: fir den Neibau vum CHL 43,5 Milliounen, fir de CHEM-Südspidol 10 Milliounen, fir d'Urgences Nordspidol 8 Milliounen a 7,9 Milliounen fir eng national Strategie fir eSanté. An et kommen nach eng Kéier 156 Milliounen Euro fir de Fonds hospitalier derbäi.

Här President, erlaabt mer och, op en anere Secteur anzegoen, deem ëmmer méi wichteg gëtt, an zwar d'Defense. D'Regierung huet sech am Koalitiounsaccord engagéiert, bis 2028 1 % vum PIB an d'Defense ze investéieren a méttelfristeg op 2 % vum RNB ze kommen. Dësen Engagement huet dës Regierung nach an d'Luucht gesat, fir schonn am Joer 2030 2 % vum RNB ze errechen.

De leschte Weekend ware Membere vum US-Kongress zu Lëtzebuerg a mir hate länger an äusserst interessant Gespräicher mat hinnen. Hir Haaptfuerderung u Lëtzebuerg war, eisen Effort de défense eropzesetzen an nach méi séier op déi 2 % vum RNB ze kommen.

Mam Krich an der Ukrain, dee leider keen Enn kritt, an dem Retour vum Donald Trump am Wäissen Haus komme mir als Europäesch Unioun net derlaanscht, eis Gedanken iwwer eis gemeinsam Verdeedegung ze maachen an och opzerüsten.

Den Invest an d'Infrastruktur vum der Arméi, dee mir scho gestëmmt hunn, a besonnesch den neie Fierpark, deem de gréissten Invest an der Geschicht vum der Arméi duerstelt, ware richteg a wichteg Schrëtt.

Här President, mir wënschen eis, dass mir an Zukunft bei Investitiounen fir eis Verdeedegung och e Wee fannen, fir eis Wirtschaft mat ze ënnerstëtzen. Dofir muss mir eng Defenseindustrie opbauen a stäerken. Dobäi solle mir eis op eis Kompetenze beruffen, sief et an der Telekommunikatioun, an der Weltraumtechnologie an an der Cyberdefense, fir der eng Rei opzezielen.

Mir sollen eis Industriebetribler encouragéieren an ënnerstëtzen, fir an der Wäertekette vum der Defenseindustrie eng wichteg Roll ze spillen. E puer Betribler si scho present, an dorop solle mir opbauen. D'Direction de la défense huet zesumme mat Luxinnovation déi bestoend Betribler an enger Publikatioun repertoriéiert, an dat begrëisse mir. Domadder ass genee gewosst, wou d'Rees kann higoen a punkto Industriepolitik fir d'Defense.

Ausserdeem huet d'Defenseministesch sech engagéiert, wa si an Zukunft de finanzielle Bilan vun hire groussen Investitiounsprojeten an der Budgetskontrollkommissioun virstellt, och de Return-on-Invest op eis Lëtzeburger Wirtschaft ze chiffrieren – natierlech just do, wou et och méiglech ass, alles ze chiffrieren.

Mir wëllen dofir, dass, wann eise Staat an Zukunft Milliounen a Milliarden an d'Defense investéiert, en ëmmer méi groussen Deel vum deem Geld an eis

Wirtschaft investéiert gëtt an domat eise Land an de Leit, déi hei wunnen a schaffen, zeguttkennt.

Här President, a mengem Rapport hat ech och de Schwiéerpunkt op Spacedefense geluecht an do, niewent LUXEOSys a GovSat, och d'Roll vum der SES ënnerstrach. Et ass ze bedauern, dass d'SES hei Plazen ofbaut, an et ass ze bezweifelen, ob eng Auslagerung an Indie wäert hëllefträich sinn, fir mat Defensekontrakter virunzecommen. Dëst kéint virun allem bei Defensekontrakter mat den USA zu Schwieeregkeete féieren. Dofir mäin Appell un de Staat als Aktionär, fir d'SES op deem richteg Kurs ze behalen, well si ass a bleift e wichtegen nationalen Aacteur.

Une voix | Très bien!

Mme Diane Adehm (CSV) | Här President, léif Kollegen, a mengem Rapport hat ech och ënnerstrach, wéi e Bäitrag eis Finanzplaz zu eise Wuelstand an zu der Gesondheet vum eise Staatsfinanze bäidréit. Eis Banken- a Fongepiaz huet dëst Joer exzellent Resultater gehat an d'Projektiounen fir d'Recettë goufe wäit iwwertraff. Dat erlaabt et dëser Regierung, d'Leit substanzuell ze entlaaschten an och de Betribler eng Steiererlicherung ze ginn, wéi mir et mam Entlaaschtungspak déi lescht Woch gestëmmt hunn.

Mir ginn eiser Finanzplaz och de legale Kader, dee si brauch, andeems mir zäitno déi relevant EU-Reglementatiounen ëmsetzen a punkto Blockchain an Daisy-chains. D'Ëmsetzung vum der Reglementatioun iwwert d'Kryptoaktiva kënn am neie Joer no. Mir hunn hei d'Ambitioun, First Mover ze sinn an och déi Aktivitéiten op Lëtzebuerg ze bréngen, mat deem adequate Schutz fir d'Investisseuren. Eis Finanzplaz entwéckelt sech weider a mir dreiwen dës Entwécklung konsequent virun.

Mir profitéieren awer och vum eiser Finanzplaz, fir Gelder ze drainéieren, fir an aner wichteg Beräicher vum eiser Wirtschaft ze investéieren. Esou goufen am Fréijoer dëst Joer 19,4 Milliounen Euro vum esouwuel ëffentleche Betribler wéi och vu privaten Investisseuren an dat zweet Kompartiment vum Digital Tech Fund gestach. Dës 19,4 Milliounen Euro ginn a Firmen investéiert, déi manner al si wéi siwe Joer an déi digital Produkter oder Servicer entwéckelen. Esou stellen ech mir eng konkret Zesummenaarbecht tëschent de verschiddene Secteuren hei zu Lëtzebuerg vir.

Här President, eis Finanzplaz, eise Supercomputing an eise künfteg KI-Hub brauchen Talenter. Duerfir ënnersträichen ech nach eng Kéier d'Wichtegkeet vum Entlaaschtungspak, an deem mir d'Prime participative erhéien an domat Ureizer schaffen, fir konkret Talentattraction ze maachen. En anert Stéchwuert ass hei de Régime d'impatriés. Dëse Punkt aus dem Koalitiounsaccord hu mir bannent dem éischte Joer ëmgesat.

An deem anere Volet, deem och maassgeblech zu der Talentattraction an der Talentretention bäidréit, ass de Logement: Wunnraum schafe fir déi Leit, déi hei sinn, an déi Leit, déi wëllen a müssen op Lëtzebuerg kommen. Mam Paquet Logement a mam Paquet „Méi a méi séier bauen“ hu mir direkt Mesüre geholl, fir kuerz-, méttel- a laangfristeg am Wunnengsbau virunzecommen.

D'Mesüeren aus dem Paquet Logement haten e spierbaren Impakt an der Vente vu Bestandswunnengen. Am VEFA-Beräich war den Impakt manner grouss, an dowéinst ginn dee méi generéise Bëllegen Akt fir Eegenheem an de Bëllegen Akt fir de Locatif esouwéi den héijen Amortissement accéléré an déi méi nidreg Besteuerung vum der Plus-value bis de Juli 2025 verlängert. Mat den Zësen, déi viraussichtlech weider wäerte falen, erwaarde mir eis, de Wunnengsbau nees unzekerbelen.

Net onwichtig Punkten an der Attraktioun vum Talenter op Lëtzebuerg sinn och de Sport an d'Kultur. Déi Leit, déi op Lëtzebuerg schaffe kommen, hüten och gären eng gutt Offer fir hir Fräizäit, sief et op kulturellem Plang, sief et op sportlechem Plang. Esouwuel de Sportminister wéi och de Kulturminister schaffen aktiv heirunner.

Här President, dës Regierung schafft mat Nodrock um Ausbau vu Kompetenznische fir eist Land, fir et a punkto Zukunftstechnologien optimal ze positionéieren. Dës Regierung schafft, fir d'Leit an d'Betribler ze entlaaschten, am Kader vum enger verstänneger Finanzpolitik, Stéchwuert nach eng Kéier Entlaaschtungspak. Dës Regierung bréngt nei Talenter an nei Betribler op Lëtzebuerg. A genee déi Politik ënnerstëtze mir als CSV-Fraktioun. Am Asaz fir d'Zukunft vum eise Land, mam Mënsch am Méttelpunkt.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Adehm. Dann ass deem nächsten ageschriwwene Riedner den Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

M. André Bauler (DP) | Merci, Här President. Jo, d'Diskussioun iwwert de Staatsbudget, dat ass traditionell am Joer dee Moment, wou mer no vir kucken, wou d'Politik no vir kuckt, wou se hir finanziell Prioritéite festleet a gestalteresch wëll sinn. All ministeriell Departement huet konkret Projeten, déi drop waarden, ëmgesat ze ginn an d'Land, wéi dat ëmmer esou schéin heescht, no vir ze bréngen. A mat dësem Budget soll genee dat gemaach ginn.

D'Aarbechte ronderëm de Budgetsprojert sinn d'Gelleenheet, wou een e Kassensturz mécht a wou een an d'Zukunft kuckt. Wou steet eist Land finanziell a wirtschaftlech? Wat fir Infrastrukture musse moderniséiert, jo, ausgebaut ginn? Wéi entwéckele sech déi sozial Depensen? Gëtt et dofir e generéise budgetäre Spillraum oder fuere mer finanziell gekuckt op der Felg?

Wann ee sech bewusst gëtt, wat eis nach alles op internationalem Plang erwaart, dann heescht et, sech de Spitt ze verschafen, fir de budgetären Exigenzen, déi domadder verbonne sinn, Rechnung ze droen. Eeleng schonn, an dat ass och schonn éinescht gesot ginn, d'Investitiounen an d'Verdeedegung, déi sech lues a lues a Milliardenhéicht entwéckelen, fir dann 2030 2 % vum nationale Bruttoakomes ausemaachen, jo, déi strapazéieren d'Staatskeese gewaltig a si feelen natierlech fir aner wichteg Projeten, sief et an der Gesondheet, am ëffentlechen Transport oder am Schoulwiesen. Mee mir hu keng Wiel. Mir sinn drop ugewisen, eis Bevëlkerung an eist Land viru Krich a Gewalt ze schützen.

Den Nationale Rot fir déi ëffentlech Finanzen – deem ech ëmmer ganz gären nolauschten, well et wierklech en neutraalt Gremium ass; e Gremium, dat ënert dem Pierre Gramegna deemools instituéiert gouf –, dës Rot huet a sengem Avis drop higewisen, datt den Defizit manner staark ausfällt wéi gefaart. D'Recettë goufen ënnerschat, oder et stoungen a stinn der nach aus. D'Depensë sollen och manner séier wuessen.

De President vum dësem Rot huet sech och gefrot, firwat een net och nach eemol soll eng Aart Fong uleeën, fir iwwer eng laangfristeg Mouk ze verfügen. Hei kéint een zum Beispill de Modell vum Kompensatiounsfong envisagéieren, dem Kompensatiouns- oder Pensiounsfong, dee jo aktiv an diversifiéiert geréiert gëtt beziungsweis investéiert.

De President vum CNFP huet och betount, datt een d'Suen net fir egal wat soll ausginn, nëmme well ee

mengt, et misst ee se ausginn. Ciblément Ausgabe sinn hei ugesot. Et muss een d'Suen eeben do ausginn, wou se am meeschte gebraucht ginn a wou se och eis Wirtschaft un d'Rulle bréngen. An de Romain Bausch huet och betount, datt, wann eng Wirtschaft weider wuesse soll, een dann och dofir d'Viraussetzungen misst schaffen. Mee fir datt eis Ekonomie wuessen a sech weiterentwéckele kann, brauche mer virun allem eng ganz Rei Spezialisten, net nëmmen op der Finanzplaz, mee op diverse Plazen, Spezialisten, déi gutt Iddien an d'Land bréngen.

D'Beruffer, déi der ADEM no ënner engem groussen Mangel u Fachkräfte leiden, gi vum Personal an der Fleg iwwer eeben de Finanzsektor bis eriwuer op alles, wat mat der Informatik ze dinn huet. Mir fanne net déi richteg Leit mat de gewünschte Profiler, déi bereet sinn, bei eis ze schaffen, well d'Konkurrenz ronderëm eis an Europa an doriwwer eraus, jo, déi Konkurrenz schléift net.

Laut dem Global Talent Competitiveness Index klasséiert sech Lëtzebuerg 2023 op 11. Positioun, mee wat de Pilier „Attraction de talents“ ugeet, do si mir fir dat dréit Joer hannereneen un der Spëtzt vum Klassement. Mee Talenter, ech hunn et virunner gesot, gi mëttlerweil iwwerall um Globus gesicht, ob an Europa oder ausserhalb vum europäesche Grenzen. D'Konkurrenz ass hei séier grouss.

Virun zwou Wochen hat den Haut comité pour l'attraction, la rétention et le développement de talents, présidéiert vum Wirtschaftsminister Lex Delles, seng zweet Reunioun. Et si verschidde Pisten an Iddien diskutéiert gi fir d'Promotioun vu Lëtzebuerg als Destinatioun fir ze schaffen an ze liewen. D'Madamm Adehm huet jo virunner vu Kultur, Sport an domadder och vu Fräizäit geschwat. Dat ass och en Element vun Attraktivitéit, jo, fir Lëtzebuerg op där internationaler Bün ze promouvieren.

Kuerz gesot: Wa mer nei Talenter op Lëtzebuerg unzéie wëllen, da brauche mer eeben en attraktive Kader aus sens large du terme. Wien op Lëtzebuerg wëllt kommen, fir zum Beispill hei an der Industrie oder am Finanzwesen ze schaffen an ze innovieren, deen hätt gärde méi Netto bei eis wéi bei sech doheim. An den Entlaaschtungspak, dee mer déi lescht Woch gestëmmt hunn, schafft genau dat: e moderniséierten Expatriategimm oder och eng Primm fir jonk Mataarbechter, fir nëmmen déi ze erwänen. Dës Moosname sollen déi néideg Dynamik an d'Weeër leeden.

A wa mir vun Talenter schwätzen, déi mir hei zu Lëtzebuerg brauchen, da sinn dat net just héich qualifizéiert Informatiker. Mir brauchen och a grad Handwerker, déi eis Wirtschaft um Lafen halen an zu eisem Wuelfstand bäidroen. D'Handwierk gëtt dacks vergiess als dreiwend Kraaft, jo, als Réckgrat vun eiser Wirtschaft.

A wie virun enger décker Woch d'Biller gesinn huet vu Paräis, aus Notre-Dame, wéi d'Kathedral nees opgaangen ass, dee konnt sech e Bild maache vun deem, wat d'Handwierk an eiser Zäit alles kapabel ass ze leeschten, a Frankräich, an Däitschland, mee och bei eis heime. Et si jo och Lëtzeburger Spezialisten, déi un där Restauratioun deelgeholl hunn, an aus där Siicht kann een nëmmen eng ganz grouss Bewonnerung hu fir dat, wat do souwuel vum Handwierk wéi vum Konschthandwierk gelescht gouf.

Une voix | Très bien!

M. André Bauler (DP) | An deem Kontext dierfe mer eng weider Zuel net aus den Ae verléieren, se ass virunner genannt ginn: 230.000. Jo, dat ass nämlech d'Unzuel vu Grenzgänger, déi all Dag de Wee bis an eist Land op sech huelen, fir hei ze schaffen an owes nees heemzufueren. Dat muss ee sech virun Ae féieren. Dat ass effektiv ongeféier all zweete Salarié.

Mee mir müssen eis froen, ob dës och an Zukunft esou bleift. Hunn eis Noperen nach en Interêt, all Dag esou laang ënnerwee ze si fir op hir Aarbecht? Lount et sech fir si, all Dag esou laang am Stau ze stoen? Denke mer nëmmen un eis franséisch Kollegen, déi all Dag eriwuerkommen.

Déi lescht Tendenz weisen, datt manner vun eisen däitschen a belschen Noperen op Lëtzebuerg komme wëllen. Wat eis franséisch Noperen ugeet, esou klëmmt d'Unzuel vu Grenzgänger de Moment nach, awer méi lues. Ech denken, kee vun eis wëllt sech ausmolen, wat eng Kéier geschitt, wa si sech et aneschtens géifen iwwerleeden. An dowéinst muss mer hinnen e passende Kader ubidden. An do spille verschidden Elementer eng essenziell Roll, wéi beispillsweis och d'Entwécklung vun de Léin.

Mee d'Sue sinn net alles. D'Steiere sinn och net alles. Och verschidden aner Elementer spillen eng wichteg Roll, wa mer vun Attraktivitéit schwätzen. Denke mer un d'Infrastrukturen am Allgemengen, un d'Landesplanung, un de Gesondheetssystem. An – et ass och gesot gi vun engem vu menge Virriedner – denke mer un de soziale Friden an un déi sozial Sécherheet, awer besonnesch och un de Logement an un den Transport, souwuel op eise Stroosse wéi op de Schinnen. D'Konkurrenz mécht sech nämlech ëmmer méi op net pekuniärem Plang, op infrastrukturellem Plang. An dës Tatsaach dierf een net ënnerschätzen.

An den Trafick ass dat Éischt, datt mer an de Kapp kënnt. Et ass quasi egal, vu wou ee kënnt, egal wéi fréi ee lassiert, et geet bal ni duer, fir net an de Stau ze geroden. Et dierf eis net wonneren, wann e Grenzgänger sech da seet: „Jo, da schaffen ech léiwer dräi Deeg am Teletravail zu Metz a fueren dann zweemol d'Woch mam TGV op Paräis.“ Mir müssen also gutt Aarbechtsbedéngunge schaffen. Gutt Aarbechtsbedéngungen heescht och méi Souplesse, wat d'Organisatioun vun der Aarbecht ugeet.

Den Teletravail, fir op dee kuerz ze schwätzen ze kommen, bitt de Leit och eng gewësse Souplesse. An do huet déi lescht Regierung och bilateral Accorde mat den Nopeschlänner ausgeschafft, fir d'Unzuel vun den Deeg, déi d'Frontaliere pro Joer am Homeoffice zegutt hunn, déi ware jo ganz ënnerschiddlech, op 34 Deeg eropzesetzen – an deene méigleche Fäll – an ze harmoniséieren.

Mee et gëtt och aner Léisungen: Mir müssen déi sougenannt Coworkingspacen no un der Grenz, virun allem no un der Grenz, weider ausbauen, fir d'Aarbechtsweeër do, wou et méiglech ass, fir déi Leit, wou et geet – et léisst sech och net iwwerall maachen –, ze verkierzen. Dat kéim besonnesch der Liewensqualitéit vun eeben eisen auslännesche Matbierger zegutt.

Stéchuert Liewensqualitéit: All Investissementer an d'Infrastruktur, an den abordable Wunnraum an an d'Mobilitéit, sief dat de Bus, den Zuch oder de Stroosseverkéier, si vu Virdeel fir allegueren d'Leit, souwuel fir d'Grenzgänger wéi fir déi Leit, déi hei am Land wunnen.

Fir meng Fraktioun, fir d'Demokratesch Partei, huet dës Challenge eng grouss Bedeutung. Mir hunn och deen Challenge erkannt. An an deem Sënn begrësse mer, dass eis Mobilitéitsministesch, d'Yuriko Backes, Neel mat Käpp mécht: Iwwert déi nächst véier Joer, tëscht 2025 an 2028, ginn 2 Milliarden Euro an den ëffentlechen Transport investéiert, an dat queesch duerch d'Land.

D'Dependé fir de Fonds du rail klamme vu 670 Milliounen Euro am Joer 2025 op 776 Milliounen am Joer 2028, eng Hausse vu 16 %. Dës ëmfaasst, fir e puer Beispiller ze ginn – den Här Graas ass elo leider net heibannen –, de Reamenagement vun der Gare

vu Beetebuerg wéi och vu verschiddene Park&Ridë wéi beispillsweis zu Élwen, Investitiounen an d'Gare vu Clierf oder och de Pôle d'échange multimodal zu Ettelbréck.

Den Tramsreseau soll erweidert ginn. An dofir ginn iwwert déi nächst véier Joer ronn 420 Milliounen Euro investéiert. Mir investéieren och an nei Zich, fir genau ze sinn: 222 Milliounen Euro am Joer 2025. Bis 2026 soll d'Unzuel u Sëtzpazen ëm 46 % an d'Luucht goen. Mir müssen eis dem demografesche Wandel upassen an et de Leit erlaben, konfortabel an eisem Land vun A op B ze kommen.

Vun 2032 u wäert den Tram eng éischte Kéier och vun der Areler Strooss aus fueren an domat den neie Centre hospitalier de Luxembourg an d'Stäreplaz verbannen. 550 Meter vun dëser Linn wäerten ënnerierdesch verlafen. Dës erlaabt et, dräi Joer méi fréi wéi geplangt dës Verbindung ze desservieren, well duerch dës ënnerierdesche Verlaf manner Emprisé mussen gemaach ginn.

D'Areler Strooss wäert fir den Individualverkéier opbleiwen an et soll eng bidirektionell Vëlospist kommen, déi kloer vum Autosverkéier getrennt ass. De Bau vum Tram soll de Verkéier esou mann wéi méiglech impaktéieren. D'Finanzierungsgesetz wäert Enn nächst Joer deposéiert ginn. Vum März nächst Joer u soll ee kënne mam Tram och bis op de Fluchhafen fuere kënne.

D'Demokratesch Partei wëll kee Verkéiersmëttel géint dat anert ausspillen. A mir wëssen, datt verschidde Leit, zemoos am ländleche Raum, net op den Auto verzichte kënne. Dowéinst gëtt de Fonds des routes am Joer 2025 mat 365 Milliounen alimentéiert. D'DP setzt sech natierlech och konsequent a fir d'Idi vum der Mobilité douce mam Tram, Vëlo, an ouni dobäi d'Autosfuerer ze diskriminieren.

Loosst eis nach eng Kéier zrëckkommen op d'Staatsfinanzen: Bei de Recettë muss mer weider virsiichteg bleiwen. Viru Kuerzem huet en nach en Auteur an enger Zeitung, an engem Periodique, deen den Numm „fonction publique“ dréit, vun engem méigleche Geldseege geschwat. Et gouf vun engem „Geldtsunami“ geschwat – an der Press wuelgemierkt –, eng ganz gewoten Erwaardung. Do gongt rieds vun tëscht 5 a 15 Milliarden, déi géifen akasséiert ginn duerch déi nei weltwäit Mindeststeuer op de Revenue vun de Multinationallen.

Dir, Här Minister, Dir sidd do vill méi virsiichteg wéi den Auteur an der „fonction publique“, well Dir hutt souwuel dem David Wagner wéi dem Här Goldschmidt a menger Wéinegkeet geschriwwen, datt et immens schwéier wier, opgrond vu verschiddene Variabelen, déi ee berücksichtegen misst, en Impakt vun dëser Mindeststeuer virauszesoen.

Den Här Romain Bausch huet an der Kommissioun estiméiert, datt mer eis éischter an enger positiver Zon beweegen kéinten; dat awer ënnert der Berücksichtigung, datt kee Betrib fortgeet, datt se also en Interesse hunn an en Interesse behalen, hei zu Lëtzebuerg, op eisem Standuert, ze bleiwen. An domat wiere mer nees – domat kann de Krees sech schléissen –, beim Thema vun der Attraktivitéit, am breede Sënn vum Wuert.

Léif alleguer, et gëtt sécherlech eng Rei Liichtblécker fir déi nächst zwee bis dräi Joer. D'Inflatioun schéngt sech an engem akzeptable Kader ze beweegen. Den Defizit am Zentralstat bleift, mee e fält manner staark aus; dat och, well eng Rei Solde bei der Steiervverwaltung ausstinn, déi kee esou richteg um Radar hat oder konnt hunn, a well Dausende komplizéiert Steierdossieren drop waarden, ofgeschloss ze ginn.

Suerge mécht engem awer de Chômage, virun allem an der Alterskategorie – wouriwwer ech och e bëssen iwwerrascht war – tëscht 30 a 40 Joer, an do besonnesch bei deene Jonken, déi Héichschoulstudien absolviéiert hunn. De schwaache Beschäftigungswuesstum wäert och en negativen Afloss op d'Konte vun der Sozialversécherung hunn. Däers muss ee sech natierlech bewosst sinn.

De Romain Bausch huet a sengem Rapport betount, datt den nominale Solde vun den öffentlichen Administratiounen negativ iwwert déi ganz Period ass. Och wann d'Krittäre vu Maastricht wäerte weider respektéiert ginn – also, datt den Defizit soll ënner den 3 % vum PIB bleiwen –, da géifen d'Iwwerschëss aus der Vergaangenheet bis ewell net méi erreicht ginn. Eng Ennerbewäertung vun de Solde bleift awer warscheinlech.

Den Nationale Finanzrot huet sech awer och gefrot, wat fir ee Potenzial dem Staat nach am Fall vun neien onerwaarte geopoliteschen a wirtschaftleche Schocke bleift. Gleeft een dem CNFP, sou leien déi valoriséiert Aktivae beim Staat 2023 bei ongeféier 37 % vum PIB. An d'Schold war 2023 bei 25,5 % vum PIB. Nëmmen 10 % si flëssig, wa mer se wierklech all bräichten. Dat sinn d'Bedeelungen un ArcelorMittal an un der BNP Paribas souwéi bei der SES. Fir d'Joer 2024 an d'Joer 2025 läit d'Schold bei ronn 27,5 % vum PIB.

Datt een ëmmer nees mat Iwwerraschunge rechnen muss, dat steet ausser Zweifel. Dat seet och de Staatsrot a sengem Avis, wann een un d'Schold denkt. En ernënnert drun, datt eng steigend nominal Verschëldung zu steigende Scholdzëse féiert – däers war ee sech och an der fréierer Regierung bewosst –, wann een d'Refinanzéierung vun de Scholde berücksichtegt, seet de Staatsrot, déi an de Jore vun der Null- oder Negativzënsfinanzéierung opgeholl goufen. Tatsächlech steigen d'Depensen, also wuelgemierkt d'Scholdzëse fir d'Staatsverschuldung, wann een de Budget kuckt, vu ronn 119 Milliounen Euro 2023 op viraussichtlech iwwer 238 Milliounen am Joer 2025, a bis op iwwer 442 Milliounen am Joer 2028, wann een dann dem Budget pluriannuel gleewe kann.

A grad dofir gesäit de Staatsrot et als absolutt noutwendeg un – a mir ralliéieren eis do –, Moosnamen ze ergräifen, fir ze verhënneren, datt d'Staatsschold ausaart, a gläichzäiteg fir genuch Handlungsspillraum, also e sougenannte „Puffer“, fir d'Bewäertung vun eeben onerwaarten, onvermeidbare Kisen ze suergen.

Virun allem misst opgepasst ginn, datt eist Land iwwer eng genügend Investitiounskapacitéit verfüügt, fir eeben déi strukturell Erausforderungen finanzéieren ze kënnen an domat och den Triple-A ze sécheren. Dee Spillraum ass noutwendeg, fir eeben op all méiglech Imprevuen, jo, Krisen ze reagéieren. An där Krisen hate mer jo mengerwäreng genuch an de leschte véier Joren, wat derzou gefouert huet, datt déi deemoleg Regierung hir Steuerreform huet missen op Äis leeën – virleefeg.

Eng militäresch Interventioun an der Strooss vu Formosa géing duer, fir eng nei Wirtschaftskris auszeléisen. A wien hätt Chrëschtadag 2021 ënnert dem Beemchen dru geduecht, datt Enn Februar 2022 d'Welt op eemol eng aner géif ginn? Den Ukrain-Krich huet vill Misär iwwert déi betraffe Leit bruecht, vill Mënscheliwe kascht a spierbar wirtschaftlech Konsequenze mat sech bruecht, denke mer nëmmen un d'Inflatioun, déi mer verzeechne konnten, an un déi zäitweileg Ressourcéknappheet.

Mir sinn als kleng a séier oppen – ech betounen: séier oppen! – Economie immens verletzlech. Dat ass keng nei Erkenntnis. Mir verfügen iwwer eng riseg – par

rapport zu eiser Taille, eiser geografescher Gréisst – Finanzindustrie am Verglach mat anere Länner, vun där mer wierklech staark ofhängeg sinn. En externe Schock géing duergoen, fir eis aus der Bunn ze geheien.

An der Pandemie hate mer Gléck, well d'Finanzindustrie grad duerch d'Digitaliséierung weider fonctionéiere konnt. Dat muss awer beim nächste Schock – wéi en och ëmmer kéint ausgesinn, an ech hoffen, datt mer där kee wäerte kréien – net esou goen. Dat kéint och aneschtens ausgesinn. Dofir muss mer weider derfir suergen, datt dës Plaz – d'Plaz vu Lëtzebuerg, eise Standuert – international attraktiv bleift. Mir sinn, wéi schonn ugeschwat, op auslännesch Spezialisten ugewisen. An déi komme weeder weinst eise schéine Gesichter, weinst eise Gromperekichelcher oder eiser Bouneschlupp nach weinst eise wonnerbare Wieder, datt mir hei zu Lëtzebuerg bekanntlech kennen.

Wéi mir scho gëschter héieren hunn duerch d'Madamm Cahen – där ech nach eng Kéier wëll felicitéieren fir hire groussen Effort am Beräich vun der Recherche iwwer all d'Opportunitéiten am Kontext vun der Kënschtlicher Intelligenz –, wäert effektiv datt do Thema, nämlech datt vun der Intelligence artificielle, eng grouss Erausforderung fir den Aarbechtsmarché duerstellen. Och wann déi lescht Studie weisen, datt dës Entwécklung net zu engem staarken Verloscht un Aarbechtsplaze féiere wäert, wäerte wuel dach awer verschidde Profiller verschwannen. An dofir wäerten awer och anerer entwéckelt ginn, zum Beispill an der Datenanalys oder an der Cybersécherheet.

Mee virun allem wäert sech eng grouss Unzuel vu verschiddene Beruffer transforméieren an och upasse mussen. Mee ech mengen, dat gehéiert zur Aarbechtswelt, datt ee permanent u Weiderbildungen deelhëlt a sech muss adaptéieren. An natierlech gewannen déi Kompetenzen, déi de Mësch huet an déi keng KI ersetze kann, ëmmer méi u Wichtigkeet. Fest steet awer och, datt et zu Ëmschoulunge komme muss, zu engem Up- a Reskilling, well d'Mësch, déi op der Finanzplaz, an der Industrie, am Handwierk, am Gesondheitswesen an op anere Plaze schaffen, soss net mat dëser dach awer rasanter Entwécklung mathale kënnen.

Et ass och essenziell, datt mer déi interdisziplinär Approche an dësem Beräich net aus den Ae verléieren. Haut geet en zolidd Fachwëssen an de Finanzen net méi duer. Mir wëssen an der Finanzkommissioun, wéi technesch dat Wëssen heiansdo ka sinn. An och den Här Minister a sengen Exposéen ass frou, wann e säin Exposé nach completéiert ka kréien duerch eeben d'Spezialisten, well mer heiansdo schrecklech an den Detail mussen goen. Mee et brauch och, nieft deem do Finanzwëssen, eng technologesch an informatesch Ausbildung, fir d'Metieren an der Finanzindustrie ze beherrschen a Produkter ze schafen, déi eng héich Wäertschöpfung erméiglechen.

Duerch d'Entwécklung vun den neien Technologie ginn och immens vill nei Méiglechkeeten am Finanzsektor geschaf. Dat geet vun der Automatisatioun vu verschiddenen administrativen Tächen, bis zu der Verbesserung vum Riskmodelléierung an der Entwécklung vun Instrumenter, déi et erlaben, Geldwäscherei an Terrorismusfinanzéierung méi séier ze erkennen. Den Här Finanzminister huet dat nach rezent hei op dëser Tribün gesot am Kontext vun där Question élargie, déi ech iwwert d'Finanzplaz an Aarbechtswelt gestallt hat.

Jo, d'KI kann also och eng Léisung representéieren, fir d'Compliance zu de Regulatiounen ze kontrolléieren oder och fir déi bekanntlech zäitintensiv Prozeduren ze vereinfachen. Mir müssen ëmmer no vir kucken an antizipéieren, wat op eis kann duerkommen, fir datt

mer eis matzäiten dorop virbereede kënnen. Well elo hu mir d'Kënschtliche Intelligenz, mee et soll ee virun allem d'Konvergenz vu verschiddenen Technologien am A behalen, wéi beispillsweis d'KI an d'Blockchain – ech denken och un de Quantecomputer; „Quantumcomputing“, wéi dat esou schéin an der Fachsprooch heescht –, well dëst wäert en neie Moment fir d'Finanzproduiten duerstellen.

Wat der Finanzindustrie besonnesch guttdeet, dat ass allméiglech Form vun Innovatioun. Ech hu virdrunner vun héijer Wäertschöpfung geschwat. Wann eis dat geléngt, eng héich Valeur ajoutée ze schafen, da muss et eis net baang sinn op der Finanzplaz. Awer: Dat setzt viraus, datt een innovéiert, datt een ëmmer nees nei Piste sicht. An dofir brauch een och ëmmer nei Talenter, déi sech kenger Innovatioun verschléissen.

Här President, léif alleguer, ech hunn et gesot: Nei Finanztechnologie sinn eng Chance fir Lëtzebuerg, besonnesch d'Blockchain-technologie, vun där ech perséinlech net allze vill verstinn, mee anerer awer dofir ëmsou méi. Dës Technologie bitt vill Méiglechkeeten a si huet zanter Joren eng fest Plaz am Finanzwesen an op der Finanzplaz hei zu Lëtzebuerg. Mat de Blockchaingesetzer I, II an III huet d'Demokratesch Partei schonn an de leschte Jore fir dës nei Technologie e Kader – e rechtliche Kader – geschaf fir eng konsequent innovativ Entwécklung am Banken- a Finanzsektor.

An als DP erkenne mer ganz kloer de Besoin vun enger staarker, kloer reguléierter an zukunftsorientierter Finanzplaz, mat där mir als Land och international konkurrenzfäeg an interessant bleiwen. An dofir setze mer och weider op d'Stärkung vun dëser Plaz a schaffen drun, fir se och mathëllef vun der technologescher Innovatioun fir d'Zukunft ze maachen. Mir sollen also d'Entwécklungen bei der Digitaliséierung kloer am Bléck behalen an drop uechten, keng Chance versträchen ze loosser.

All Innovatioun biergt awer och e Bedarf u Reglementatioun, u rasonabler Reglementatioun – ech soen dat hei ënnert dem Contrôle vum Här Mosar, deen do op deem Punkt besonnesch sensibel ass –, e Bedarf un engem juristesche Kader. E legale Kader soll net nëmme juristesche Sécherheet fir d'Acteure schafen, mee eeben och duerch Transparenz a Vertrauen d'Attraktivitéit an d'Kompetitivitéit vun eiser Finanzplaz stäerken.

A mam Projet, dee mer muer wäerte stëmmen – de Projet de loi 8425 –, mat der Aféierung also vun engem Agent de contrôle am Kader vun de sougenannten „titres immatériels“, maache mer e wichtige Schratt, fir dass am Finanzsektor méi einfach op DL-Technologie zeréckgegraff ka ginn.

Als DP-Fraktioun wësse mer, dass et entscheidend ass, d'Gesetzgebung konstant un déi neisten Entwécklungen unzepassen, fir dass Lëtzebuerg sech och an Zukunft als Finanzsektor op héchstem Niveau kann auszeichnen. Fir dat ze erreechen, soll Lëtzebuerg och als Referenz fir d'Notzung vun DL-Technologien eng féierend Positioun – souzesoen eng Positioun als Pionéier, wéi dat och am Exposé des motifs vun deem Gesetz steet – anhuelen.

Mir haten dat jo scho Métt vun den 80er-Joren – ech mengen, den Här Minister hat dat och de Moien a sengem Exposé gesot –, wéi mer déi éischt UCITS-Direktiv transposéiert hunn, a wéi mer et op Basis vun där rapider Ëmsetzung fäerdegbruecht hunn, am Laf vun de Joerzénge eng vun deene gréisste Fongenindustrien op der Welt opzebauen, déi mer haut op eiser Plaz wierklech net méi kéinten ewechdenken. Hei huet sech deemools eng Kompetenznisch opgedoen, a mat dem

Projet, de mer muer wäerte stëmmen, wäert eng weider Kompetenznisch derbäikommen.

Jo, fir eise Wuelstand héichzehalen, ass d'Kompetitivitéit essentiell. An an deem Sënn ënnersträicht och d'Handelskummer an hirem Avis, datt eis Betriber méi produktiv musse ginn, fir dass mer méi kompetitiv kënne bleiwen. 2020 huet sech Lëtzebuerg nach op der 15. Plaz klasséiert, wat de World Competitiveness Index vum IMD, also dem International Institute for Management Development, ugeet. An 2024 si mer nëmme nach op der 23. Plaz.

An deem Sënn kann déi Kënschtlech Intelligenz eng enorm Chance duerstellen. Mee dofir mussen eis Betriber déi nei Technologie esou séier wéi méiglech unnuelen an ëmsetzen. Well wa mir op dësem Plang excelléieren, da kënne mer och do reusséieren an e Kompetenz- beziéungsweis, wann ech och vun deem Projet 8425 schwätzen, e Vertrauensvirsprong op aner Finanzzentren opbauen. Dann hu mer d'Nues vir – an an engem staark ëmkämpften Ëmfeld ass dat en entscheidende Virdeel.

D'KI huet en enormt Potenzial dofir, dass mer kompetitiv bleiwen oder vläicht nach méi kompetitiv kënne ginn an eis Wirtschaft virun allem weider diversifizéieren. Mee, wéi scho gesot, déi infrastrukturell Problemer musse mer och ugoen. An dat ass iwwregens e Prozess, ech mengen, dat ass net eleng en Effort, deen dës Regierung mécht, mee déi zwou an, jo, déi dräi, véier Regierungen virdrunner hunn och dorobber e groussen Akzent geluecht – besonnesch déi zwou lescht Regierungen –, an ech mengen, dat ass vun alle Säiten och gedroe ginn.

Op dëser Plaz muss ech awer nach soen, dass déi vieregte Regierung och scho vill gelescht huet, wat zum Beispill d'Infrastrukturen an d'Schoulen oder den ëffentlechen Transport ugeet. Gambia 1, wéi ëmmer gesot gouf, a Gambia 2 hunn do fir eng Relance, jo, fir e Renouveau gesuergt.

Jo, eng virsiichteg Finanzpolitik ënnert de Finanzministeren Gramegna a Backes huet et erméiglecht, d'Investissementer héichzehalen, och wa se aus ënnerschiddlechen Ursaache vläicht net ëmmer alleguer konnten an deem Mooss ëmgesat ginn, net nëmme wéinst der Pandemie, mee och wéinst anere Constraints, wéi zum Beispill dem Mangel u Spezialisten, u Fachkräften.

Dann ass mer nach eppes agefall: Wéi ech déi Ried hei geschriwwen hunn, wollt ech de Finanzminister nach froen, wou de Projet vun enger „Loi Rau reloaded“ drun ass. Et gëtt jo eng Gesetzespropositioun vun Iech, Här Roth, a vum estiméierte Kollege, Här Mosar. Et ass eigentlech schued, datt den Här Mosar ...

(Interruptions)

... haut net schwätze konnt, well ech hatt nach kënne bäileieren. Op jidde Fall ...

M. Laurent Mosar (CSV) | Stëppelt mech net, Här Bauler!

(Hilarité)

M. André Bauler (DP) | Op jidde Fall, Dir hat jo Abatementer virgeschloen, fir d'Leit bis zu 5.000 Euro steuerlech ze entlaaschten, wa si a Betriber investéieren, virun allem a Lëtzebuurger Betriber, Start-uppen, déi hirersäits an déi verschidden Transitiounen, an deene mer eis nun eeben net zënter gëscht an haut beweegen, investéieren an déi Leit an deene Betriber och an deem Sënn ënnerstëtzen.

An et wier wierklech gutt, wann dës Fuerderungen esou séier wéi méiglech ..., oder dës Proposition de loi Roth/Mosar beziéungsweis awer och de Projet de loi, dee schonn an der Regierung existéiert huet,

wann ee wierklech do kéint Neel mat Käpp maachen, wann e kéint ëmgesat ginn, wa méiglech fir de Budget 2026, well mer domadder wierklech eisen innovativen Mëttelstand an déi domadder verbonnen Aarbechtsplazen, nei Aarbechtsplazen, och stäipe kënne.

Den Här Mosar hat souguer gemengt, et misst een eventuell iwwert déi 5.000 Euro goen, fir e bësse méi kënne ofzeschreiwen. A mir wiere frou, wa wierklech do eppes kéint geschéien an dee vun Iech ugeregte Projet Stullgang kréich, pardon, mat Liewen erfëllt kéint ginn.

Da gëtt et och Zäit, eng Rei Abatementer no uewen unzepassen, fir d'Stéit, jo, d'Privatpersounen ze entlaaschten. 2017 war et zu enger Rei Upassunger komm, mee déi gongen net immens wäit. Dat muss een éierlech zouginn, dat muss een zougestoen. A wéi d'Pandemie an den Ukrain-Krich komm sinn, do goufe se ausgebremst an d'Steierreform huet missen ausgesat ginn, well et eebe riskéiert huet, knapp Keesen ze ginn. Fir 2026 misste vläicht awer eng Rei Abatementer nogekuckt ginn, Steuerreform hin oder hier. Si missten ugepasst ginn, eleng scho wann een en d'Inflatioun vun de leschte Joren denkt.

Ech kommen zum Schluss. Wa mer weider e staarke Sozialstaat wëlle behalen, wa mer wëlle verhënnere, datt et zu Defiziten an der sozialer Sécherheet kënnt, wa mer weider en zolitte Pensioussystem wëlle garantéieren, wa mer verhënnere wëllen, datt d'ëffentlech Verschëldung wäiss, wa mer de Leit hir Kafkraaft wëllen erhalen, jo, ausbauen, da komme mer net derlaanscht, e Kader ze erhalen an ze erschafen, deen d'Wirtschaft belief an diversifizéiert, dee Spezialisten diverser Natur unzitt, nei Aarbechtsplaze schafft an Innovatioun belount, well nëmme si féiert letztlech zu enger méi héijer Wäertschöpfung.

Mat senger Steierpolitik a senger Infrastrukturpolitik kann de Staat Akzenter setzen, déi zukunftsweisend sinn an eis dee finanzielle Spillraum erlaben, ouni dee mer net kënne op onerwaarte Krisen reagéieren. A wa mer och ganz éierlech mat eis sinn, da muss ee soen – déi lescht zwou Regierungen hunn dat missen esou duerchzéien an hunn dat och gewisen, an ech denken, bei dëser ass et d'selwecht –: De Staat huet eigentlech an eiser Ekonomik u Poiden gewonnen, net nëmme, well e villfach budgetär a finanziell muss intervenéieren, mee well en infrastrukturell muss handelen – ech hunn et virdrunner just gesot: Steiere si wichteg, mee Steiere sinn net alles – a well de Staat och virun allem muss Kadere schafen, fir datt d'Wirtschaft sech kann entwéckelen a fir datt d'Leit kënne schaffen.

Ech hu mol, wéi ech e bësse Zäit hat, hei am Parlament um Laptop verschidden Aweise vum Conseil économique et social duerchgelies. An ech hu gesinn, dass de Conseil économique et social am Avis vun 2023 och nach eng Kéier op déi Roll vum Staat agaangen ass. En huet betount, dass de Staat duerch déi lescht Krise gezwonge war, d'Depensen eropzeschrauwen, fir dat Schlëmmst ze verhënnere, mee dës kann ee sech nëmme erlaben, jo, wann een déi finanziell Marge huet oder, anescht gesot, wann een eng gewësse Capacitéit huet, sech ze verschëlden.

Ech zitieren nach séier de CES: „Face à la multiplication des crises et de développements inhabituels, et face à des défis structurels qui attendent le pays dans le long terme [...], la question de la capacité financière de l'État devient de plus en plus un sujet stratégique comme tampon pour les crises futures.“ E gewëssene budgetäre Spillraum ass also wichteg a mir brauchen deen och a grad fir d'Steierreform, déi geplangt ass.

Léif alleguer, déi beschte Sozialpolitik ass déi, déi op enger gesonder Wirtschaftspolitik fousst, enger Wirtschaft, déi sech ëmmer nees nei erfënnt an déi d'Leit an d'Betriber schafft léisst, sou, wéi et fir si am beschten ass. An dofir brauche mer e staarke Staat, deen do agräift, wou déi privat Initiativ net nokënt oder wou se defaillant ass; e staarke Staat, deen iwwer déi néideg finanziell Mëttel verfüügt fir ze investéieren; an e staarke Staat, deen d'Wirtschaft am Krisefall stabiliséiert an all Effort vun Innovatioun ënnerstëtzt, souwuel budgetär wéi steuerlech an infrastrukturell. Well nëmme esou bereede mer d'Land op d'Zukunft vir.

Dat gesot, soen ech Iech Merci fir Är Opmierksamkeit.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | Här President, därff ech dem Här Bauler eng Fro stellen?

M. Claude Wiseler, Président | Wann den Här Bauler d'accord ass, Här Di Bartolomeo, datt Der him eng Fro stellt, dann ...

M. André Bauler (DP) | Ech hunn et scho gespuert, Här Di Bartolomeo.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | Jo, ech kann et net loosse. Här Bauler, kënnt Dir Iech nach un eng Zäit erënneren, wou Är Partei ganz staark fir e schlanke Staat agetrudelen ass? Ech begreissen ausdrécklech Äert Bekenntnis zu engem staarke Staat. Mee kënnt Dir Iech dorun erënneren?

M. André Bauler (DP) | Ech ka mech u ganz viles erënneren. Ech si selwer Auteur vun engem Buch iwwert d'Lëtzebuurger Wirtschaftsgeschicht am 19. an 20. Joerhonnert. An do hunn ech grad d'Analys vum Staat gemaach. Staat a Privatwirtschaft si complémentaire. Et schléisst keen deen aneren aus. Ee brauch deen aneren, fir zesummen an eng gutt Zukunft ze goen. Merci, Här Di Bartolomeo.

(Hilarité)

M. Claude Wiseler, Président | Sou. An ech soen: Merci, Här Bauler. Dann ass d'Wuert fir den nächste Riedner. Dat ass den Här Franz Fayot.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | Dat ass de Beweis fir d'Evolutionstheorie!

M. Claude Wiseler, Président | Här Fayot, Dir eleng hutt d'Wuert.

M. Franz Fayot (LSAP) | Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, am Film „Groundhog Day“ erwächt dem Bill Murray säi Personnage all Dag an enger klenger amerikanescher Stad, wou e muss e Reportage maachen iwwer e Murmeldéier, wat d'Wieder virusseet fir de Rescht vum Joer – e Kultfilm. Wann Der en net gesinn hutt, da recommandéieren ech Iech e fir Chrëschtadg.

(Hilarité)

Dem Här Keup seng Ried a virun him dem Här Gibéryen seng Rieden alljoers zum Budget hu mech ëmmer erënnert un de „Groundhog Day“, well Joer fir Joer si se heihinnerkomm a si hunn déi selwecht Ried gehalen. Alljoers héiere mer eng Kritik um Turbo-wuesstem an eng Nostalgie fir eng gutt al Zäit, wou mer manner Auslänner, manner Trafick an och méi glécklech Familljen haten. An d'Léisung wier, wéi duerch en Zauberstaf, de Wuesstem ze bremsen. An da si mer beim PIB.

Mee a Realitéit ass dat e falschen Debat, well de PIB-Wuesstem kann een net bremsen – et wëll een en och net onbedéngt bremsen –, mee et kann een e gestalten duerch déi Aktivitéiten, mat deenen een am Land Sue verdéngt. Dat kënne nohalteg Aktivitéiten sinn, dat kënne och manner nohalteger sinn – mir

hunn iwwert den Tubak-, Alkohol- a Bensinnverkap geschwat –, si kënnen d'Ëmwelt an d'Wuelbefanne vun de Mënsche respektéieren oder och net. An da si mer natierlech bei der Wirtschaftspolitik.

Wat awer kloer ass, dat ass, dass de PIB-Wuesstem keng Politik u sech ass an och net vill ausseet iwwert déi Politik, déi gemaach gëtt. Et sief dann, e gëtt op eemol zum Selbstzweck, wat leider – bei dëser Regierung muss een et leider soen; an d'Taina Bofferding ass a senger Ried am Detail dorobber agaang –, e bëssen de Fall ass.

Här President, ech géif gär am Kader vun dëser kuerzer Interventioun eng Motioun fir d'LSAP erabrénge, déi d'Afféiere vun Indicateure vum PIBien-ètre am Budget proposéiert. Mir haten och schon am Abrëll dëst Joer esou eng Motioun erabruucht, déi verworf gouf, an ech hoffen, Här President, dass se dann dëst Joer ugeholl gëtt, well den Här Minister eng Ouverture gemaach huet a well ech och net wëlles hunn, mäin eegene „Groundhog Day“ hei unzefänken an alljoers mat där selwechter Motioun ze kommen.

Här Finanzminister, Dir hutt eng Ouverture gemaach an der Kommissioun vum 26. November, effektiv dës Reform unzogoe bis am Fréijoer d'nächst Joer. Dir hutt dat haut nach eng Kéier an Är Ried widderholl an ech wëll dat och wierklech ausdrécklech begrëissen. Dat war, nodeems ech an der Finanzkommissioun fir d'LSAP en Amendement erabruucht hat zum Budgetgesetz, méi spezifesch zum Gesetz vum 1999 iwwert d'Comptabilité nationale, fir justement dräi Indicateuren als eng Aart Projet pilote an d'Budgetsaison eranzebréngen.

Dat waren: en Indicateur iwwert d'Feinpartikelen an der Loft, en Indicateur iwwert den Aarmutsrisiko an en Indicateur iwwert d'Wunnengsaarmut, dat heescht den Endettement vun de Leit par rapport zu hirer Wunneng. Alles Indicateuren, déi dowéinst erausgewielt goufen, well se am Fong liicht ze moosse sinn a well se och schonn erfaasst gi vun der nationaler Statistik a sech dofir am Fong gutt préteieren, fir elo scho relativ einfach an e Budget mat integréiert ze ginn an dann och au fur et à mesure vun der Exécution budgétaire kënnen gemooss ze ginn, fir ze kucken, wéi mer an där Politik do virukommen.

Et ass also och ganz kloer eng Iddi vu Budgetisation par objectifs dobäi, also ze kucken, datt en Objektiv, en Indicateur en l'occurrence, mat Budgetsposte verbundene gëtt, domadder also och kënnen konkret politesch Ziler gemooss ginn. Et ass keng nei Iddi, mee et ass eng Revolutioun an der Aart a Weis, wéi een e Budget opstellt an duerno och exekutéiert. Keng nei Iddi: Ech nenne just d'LOLF vum Kolleeg Roger Negri, déi virun x Joer deposéiert gouf, souzeso en eng kooperativesch Revolutioun vun engem fréiere Finanzminister, deen och eppes ganz Änlech am Sënn hat. Awer keng vun deenen Initiativen ass bis dato realiséiert ginn, och net usazweis.

Här President, de PIBien-ètre eescht huelen, dat heescht, och aner politesch Objektiv wéi déi reng produktivistesch vum PIB ze kucken. An do muss ee sech dann Indicateure ginn a Moyenen, fir se ze moossen. Dat eent ass liéiert mat deem aneren.

Här President, nach eng Kéier: Dir wësst, dass ech net ee sinn, dee mat Kritik un dëser Regierung spuert. An dofir soen ech ganz éierlech, dass ech Är Ouverture, Här Finanzminister, appreciieren. Dir hutt hei wierklech d'Geleeënheet, eng ganz nei Approche an der Budgetisierung hei am Land ze lancéieren an, jo, domat och e bëssen an d'Geschicht anzegoen als Finanzminister.

Ech weess, dass Der dat am Regierungsprogramm stoen hutt, déi Iddi vun der Budgetisation par objectifs. Dir hutt och d'OECD mandatéiert, dorobber ze schaffen. A mir haten och schon an der Chamber d'Geleeënheet, an enger Jointe zwëschen der Finanzkommissioun an der Budgetkontrollkommissioun en Echange zu deem Theema mat der OECD ze hunn. An dat geet jo och elo Ufank nächst Joer weider mat deem Rapport, deen dozou erauskënnt, an dann eeben Ären Aarbechten zu der Implementatioun an eis national Budgetpolitik.

De Risiko fir de PIBien-ètre ass, dass sech eng gewësse Lassitude hei breetmécht, well wéi esou oft, wann ee laang iwwer eppes diskutéiert, awer näischt geschitt, ginn d'Leit es op eemol midd. An dofir ass et och dréngend, dass elo hei eppes geschitt, och wann et am Ufank just e puer Schrëtt sinn, e puer Indicateuren, déi mer asetzen.

Dir wësst och, dass aner Länner an Organisatiounen scho säit längerer Zäit mat dësem Instrument schaffen. Neuseeland ass e Beispill, mee Finnland mécht dat och, awer och aner Länner wéi Frankräich an Italien a vill anerer souwéi och international Organisatiounen schaffen dorobber an hunn där Initiativen och scho geholl.

Dir gitt awer och, Här Minister, wann Der dat maacht, op e couragéierte Wee, well wann ee seriö ufänkt, Politicken och unhand vun Indicateuren ze moossen an ze evaluéieren, da kënnt een heiansdo zu Konklusiounen, déi engem vläicht net ëmmer onbedéngt gefalen. An domadder muss een dann och liewen an domadder muss ee schaffen an da gegebenefalls d'Richtung änneren, wann een net do ukënnt, wou ee gäre wier.

Här President, mir wëssen, dass de PIB e ganz onperfekten Indicateur ass, e ganz onkompletten. Dat hu schonn deemools seng Createuren – den Ekonomist Simon Kuznets an anerer – gesot, déi do virdru gewarnt hunn, just de PIB ze kucken, fir d'Politik an och d'Finanzpolitik vun engem Land ze determinéieren. Et ass och en Indicateur, deen net méi den Enjeu vun eiser Zäit entsprécht, net de sozialen, net de mënschlechen an och net den ekologeschen. Mee trotzdem ass en zentral an der Weltökonomie.

D'Entwécklungsekonominist Esther Duflou huet en eng Kéier „d'Olympesch Spiller vun de Länner“ genannt, deen awer näischt ausseet iwwert d'Qualitéit vun der Politik, déi do gemaach gëtt. Et kann een en och mat engem Tacho op engem Auto u sech vergläichen: Et geet drëm, esou schnell wéi méiglech ze fueren, ouni sech Gedanken ze maachen, wéi ee fiert, wien een iwwerrennt an a wat fir engem Zoustand een ukënnt.

Eise Luxembourg Index of Well-being, dee vum Statec gemooss gëtt, weist scho säit Joren en Decouplage tëschent dem Wuelbefanne vun de Leit an dem PIB-Wuesstem. An, Här Minister, Dir schwätzt jo gäre vum Schéiereffekt. Abee, hei gëtt et e ganz zolitten negative Schéiereffekt!

Här President, mir hunn am Fong hei d'Geleeënheet, zesummen, trotz all eisen Differenzen zur Ausriichtung vun der Finanz- a Steierpolitik an och der Wirtschaftspolitik – an Taina Bofferding ass a senger Ried dorobber agaang –, eppes ze maachen, wat de Bléck ännert op d'Aart a Weis, wéi mer Politik maachen. An dat ass eigentlech de sprangende Punkt vun dëser Initiativ: e méi rengen, präzise Bléck op d'Beräicher ze werfen, déi eis all wichteg sinn, d'Aarmut, d'Ëmwelt, d'Gesondheet – och déi mental Gesondheet –, d'Bildung a munches méi, an domat och vläicht am politeschen Debat heiansdo méi no un d'Léisung vun de Problemer ze kommen, eng méi differenziéiert Diskussioun ze kréien iwwert d'Bänken eraus.

Här President, Politick ass eng komplex Saach an et soll ee sech ëmmer hidde virun de Leit mat den einfache Léisungen zu komplizéierte Froen, ...

Une voix | Ganz richtig!

M. Franz Fayot (LSAP) | ... déi zum Beispill soen: „Wann a fënnf Joer méi Kriminalitéit ass, da sidd der am Echec“, mat enger kaum verstoppter Suggestioun, ouni et awer jee zouzeginn, dass dat wuel vläicht eppes ze dinn hätt mat deene villen Ausländer oder mat de Migranten, déi mer hei am Land hunn, woubäi d'Grënn vun der Onsécherheet an der Kriminalitéit sou vill méi komplex sinn. An ech kéint dat selwecht soe bei bal all Beräich, deen de Moien opgezielt ginn ass vum Sprecher vun der ADR.

Wat wichteg a richtig ass, dat ass, dass mer eis vläicht méi Méi musse ginn, fir de richtigen Diagnostic ze maachen, wann et Problemer gëtt. An do – dovun si mir iwwerzeegt – hëlleft eis de Bléck op d'Indicateure vum PIBien-ètre.

Här President, ech géif dann och heimadder déi Motioun deposéieren, déi ech elo beschriwwen hunn.

Motion 3

La Chambre des Députés,

– constatant que le produit intérieur brut (PIB) est un indicateur insuffisant pour mesurer la qualité de vie et le bien-être de la population ;

– considérant les engagements pris dans l'accord de coalition, visant à développer des outils de mesure plus performants pour évaluer le bien-être des citoyens, et d'avancer dans la budgétisation par objectifs en coopération avec l'OCDE ;

– considérant le découplage perceptible entre la progression du PIB et celui du „Luxembourg Well-Being Index“ (LWI) mesuré par l'institut national des statistiques (STATEC) en dernier lieu dans le rapport « N° 01 03/2024 – Analyses : PIBien-être 2023 », qui souligne aussi l'importance d'orienter les politiques publiques vers des objectifs concrets de bien-être social, économique et environnemental ;

– saluant l'engagement du ministre des Finances, affirmé lors de la réunion de la Commission des Finances du 26 novembre 2024, d'agir en faveur de l'intégration d'indicateurs du PIBien-être dans le cadre de la procédure budgétaire en 2025, engagement répété lors de sa déclaration sur le budget 2025 le 18 décembre 2024,

invite le Gouvernement à

– présenter un projet pilote visant à intégrer dans le cadre de l'élaboration et du suivi de l'exécution du budget certains indicateurs figurant au tableau de bord du rapport du PIBien-être ;

– privilégier dans un premier temps des indicateurs facilement mesurables et fiables à des postes budgétaires, tels que, de manière non limitative, le taux de risque de pauvreté avant transferts sociaux, le taux de surcharge des coûts de logement, ou encore l'exposition aux particules fines ;

– joindre aux projets de budget une annexe explicative comprenant :

- les valeurs des indicateurs retenus pour l'année en cours et les trois exercices précédents,
- une liste exhaustive de tous les articles budgétaires susceptibles d'influencer ces indicateurs ;

– assurer que chaque projet de budget présente les liens de corrélation entre les articles budgétaires énumérés et les évolutions des indicateurs mentionnés.

(s.) Franz Fayot, Taina Bofferding, Georges Engel, Claude Haagen, Paulette Lenert.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Fayot.

M. Franz Fayot (LSAP) | Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Fayot, och fir Är Kontribution. Dann hu mer d'Lëscht vun den ageschriwwene Riedner ofgeschloss an da géing ech dem Finanzminister d'Wuert ginn.

Ech wollt nach dozou soen: Well mer elo gutt an der Zäit sinn, mengen ech, datt mer nom Finanzminister senger Ried déi dräi Motiounen vläicht kennen uschwätzen, déi bis elo erakomm sinn, an doriwwer ofstëmme, wann Der domat d'accord sidd.

(Assentiment)

Très bien.

Här Finanzminister, d'Wuert ass fir Iech.

(Brouhaha)

Une voix | „Gilles allein zu Hause“?

Prise de position du Gouvernement

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Jo.

(Hilarité)

De Gilles ass awer e bësse midd, mee dat geet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wéilt Iech villmoos Merci soe fir déi konstruktiv, wann och heiansdo kritesch Budgetsdebatten, déi mer iwwert déi leschten aacht Stonnen heibannen haten. Ech wëll och meng Äntwert folgendermoosse strukturéieren, dass ech op déi generell Theemen, déi ugeschwat goufen, e bësse aginn, an duerno wéilt ech am Telegrammstil op déi eenzel Intervenanten an och op déi legitim Froen, déi se gestallt hunn, äntwerten.

Dës Regierung, Dir Dammen an Dir Hären, ass ugetrueden no de Walen am Oktober 2023 an enger Majoritéit, déi de Wieler esou decidéiert huet, wéi se haut eeben ass, a mat dem Motto „Lëtzebuerg fir d'Zukunft stäerken“. Dat ass eng Politik fir de Mënsch, mat dem Mënsch am Mëttelpunkt, an dat ass och de Kompass, deen dës Regierungspolitik dréit.

An dem Regierungsprogramm, deen de Premierminister Luc Frieden viru 14 Méint virgedroen huet, do huet en eng Zukunftsvision vum Land beschriwwen. An där Zukunftsvision vum Land waren zwee oder dräi Haaptpunkten:

Éischstens: d'Kafkraaft vun de Biergerinnen a Bierger dobaussen ze stäerken – méi Netto vum Brutto.

Den zweete Punkt war awer och ganz kloer deen, offen ze soen: „Dës Regierung steet zu enger kompetitiver Wirtschaft. Si steet zu enger attraktiver Finanzplaz.“ A firwat hu mer dat gesot? Net jiddweree géing sech iwwerhaupt trauen, dat ze soen. Mee dës Regierung huet dat gesot, well mer mat deene Suen, déi iwwer eng kompetitiv Wirtschaft, iwwer eng attraktiv Finanzplaz generéiert ginn, d'Sozialausgaben – an et ass haut des Éftere gesot ginn; ob elo 47 % oder virdrun 48 %, mee ech géing soen, d'Hallschent vun den Ausgabe vum Budget si Sozialausgaben –, op engem héijen Niveau kënne weiderféieren, souguer nach ausbauen, a well mer déi néideg Investissementer kënne maachen, fir, gradewéi et an dem Motto vun der Regierungserklärung steet, Lëtzebuerg fir d'Zukunft ze stäerken, fir dass mer déi och kënne weiderféieren.

Dat ass also e Budget vum Zesummeliwen, dem Zesummeliwe vum de Lëtzeburger, vun de Leit, déi hei wunnen a schaffen, engem Zesummeliwen och mat eisen auslännesche Matbierger an deene Matbierger, déi all Dag aus der Groussregioun a vun anerwärts hei op Lëtzebuerg kommen. Dat sinn och d'Frontalieren. Ech wëll dat eng Kéier ganz kloer ënnersträichen,

well ouni d'Frontalieren – et war net nëmme an der Pandemie, mee och elo – géif déi Wirtschaft zu Lëtzebuerg net dréinen. An dat ass virun allem och eng Politik fir all d'Generatiounen: fir déi Jonk, fir déi Eeler, déi manner Jonk an all déi Leit, déi hei zu Lëtzebuerg wunnen a schaffen. An et ass virun allem och kee Budget, deen haut dës Regierungspolitik soll mat ëmsetzen, deen e Budget vun der Schwaarzmolerei wier.

Duerfir ginn ech op en éischte Punkt an: Dat ass deen, dass et e Budget mat manner Ambitioun, mat Navigation à vue an eng Wett op d'Zukunft wier. Nee, dat ass kee Budget dovunner. Ech hu gesot: „Méi Netto vum Brutto.“ Mir hunn als Regierung am éischte Joer op deem Punkt, dee mer eis op de Fändel geschriwwen hunn, ganz kloer geliwwert. Mir hu geliwwert, dass d'Leit méi Kafkraaft kréien. Ab dem 1. Januar wäerte se dat mierken.

Ech kommen net méi op déi Zuelen zeréck, déi d'lescht Woch genannt goufen an déi haut genannt goufe vu verschidde Säiten. An ech sinn och ganz houfreg dorobber, dass mer e Sujet do ugaange sinn: Éischstens, dass de Mindestloun steierfräi ass ab dem dem 1. Januar 2025, an zweetens, dass mer déi, déi am meeschten, an dat deet mer besonnesch déck, vun der Aarmut concernéiert sinn – dat sinn alengerzéiend Persounen, 41, 42 % – iwwerduerschneittlech ab dem 1. Januar, an ech mengen, dat gëtt och net a Fro gestallt, wäerten entlaaschten. Dat ass ganz kloer e Konzept vun enger finanzpolitescher Responsabilitéit, mee och vun enger sozialer Responsabilitéit, déi dës Koalitioun sech och wëllt op de Fändel schreiwen.

A mir sinn eis net ëmmer eens, Här Wagner, mee ech ginn Iech Recht, dass Der zwou Saachen ugeschwat hutt, an zwar, dass och d'Regierung – an absënns – muss eng Kéier Faarf bekennen, wéi et soll da mat dem Pensionssystem virgoen. An d'Sozialministesch an d'Ministesch vun der Sécurité sociale, d'Madamm Deprez, huet sech jo och do engagéiert, dass se dat an abseerbarer Zäit mécht.

An den zweete Punkt, Här Wagner, do ginn ech Iech och Recht: De Sozialdialog gehéiert zur sozialer Kohäsion hei am Land an dee musse mer héichhalen, och wann ee sech inhaltlech net bei allem eens ass. Mee et ass och d'Aart a Weis, wéi eng Regierung – wéi anerer – mat de Sozialpartner zesumme kommunizéiert, déi wichteg ass. Ech wëll dat ausdrécklech ënnersträichen an dat muss a soll och d'Erausfuerverderung an d'Absicht vun all Regierung sinn! Dat wëll ech ganz kloer op dëser Tribün soen.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | Dir wäert e gudden Aarbechtsminister!

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Ech sinn elo Finanzminister.

(Interruption)

M. Marc Baum (déi Lénk) | Nei Perspektiven!

(Hilarité)

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Dann, zu den neie Perspektiven, Här Baum, dozou zielt och den Invest. An do sinn ech net esou ganz d'accord mat deem, wat d'Madamm Tanson gesot huet, mir géifen elo einfach den Invest eroffueren. Dat ass net de Fall! Den Invest gëtt dem Budget 2025 no op 4,6 % vun dem Bruttoinlandsprodukt eropgefuer.

(Interruption par Mme Sam Tanson)

Wann ee kuckt: Fréier Regierungen zwëschent 2014 an 2022 – an ech maache keng Vergaangengeheetsbewälteung, ech soen dat just, ech maache just eng

faktebaséiert Diskussioun, well Der mech frot, vu wat et dann ofhänkt, par rapport zu wat ee kuckt –, maja, déi hunn 3,8 % an der Moyenne investéiert. Also leien déi 4,6 % vum Bruttoinlandsprodukt awer relativ héich.

Ech ginn Iech och net Recht ...

(Interruption par Mme Sam Tanson)

Ech ginn Iech och net Recht, Madamm Tanson, wann Der sot, et wier net eng ambitiéis Politik um Niveau vun dem Logement. Dat fannen ech och net. Ech fannen, dass et eng éierlech Politik ass beim Invest an de Logement, sief dat fir de Logement abordable, sief dat och um Niveau vun de VEFA-Acquisitiounen. An den neie Wunnengsbauminister, den Här Meisch, mécht do feederfürend eng ganz respektabel an eng ganz gutt Aarbecht.

Ech kann Iech awer och soen, dass ech dat besser fannen, wéi den Här Meisch do erugeet, dass en net einfach ambitiéis Chifferen an de Raum stellt, wéi dat mol Eenzeler vu senge Virgänger gemaach hunn. Well ech fannen et net ganz gutt, dass mer zum Beispiel ...

(Interruption par Mme Sam Tanson)

... an de Pluriannuellen – Zahlen lügen nicht! – Depensen hate fir 2023, also wou dës Regierung net verantwortlech war, wou een da gesot huet: „Mir investéieren 317 Milliounen Euro an de Logement“, a wann een dann herno kuckt, wann d'Joer fäerdeg ass, da sinn 183 Milliounen Euro investéiert ginn. Dat fannen ech dann eng manner gutt Approche.

Ech fannen et och net richtig, wann een enger neier Regierung virwerft, si wier net ambitiéis a si géif elo de Klima, an alles, wat sech mat dem Klima beweegt, elo net méi consideréieren. Ech wëll just eng Kéier e puer Chifferen nennen. Beispill Klimafong: 2013 bis 2024 – do war déi nei Regierung net verantwortlech –, do waren 1,67 Milliarden Euro geplangt. Dovunner sinn ausginn: 980 Milliounen, also nëmme 55 %. Duerfir fannen ech et awer e bësse speziell, wann een hei enger neier Regierung seet, si hätt keng Investmentpolitik, déi se géif an där selwechter Ambitioun viruféiere wéi Virgängerregierungen.

Ech kann och weiderfuere mat dem Fonds du rail. Pluriannuel fréier: 637 Milliounen. Neie Pluriannuel fir 2025: 687 Milliounen, also 50 Milliounen méi.

Et ass och kritizéiert ginn, wéi et bei Luxtram wier. Also, ënnert där fréierer Regierung fir Luxtram 2025 geplangt: 95 Milliounen Euro. Fir 2025 am Budget vun dëser Koalitioun geplangt: 112 Milliounen Euro.

Da kann ech och net dermat d'accord sinn, dass een hei seet, hei géif een am Logement Geschenker un d'Promoteure maachen. De Logement ass an enger dramatescher Situatioun zënter engem gudden Joer. Do spillen eng ganz Rei vu Facteuren. Et spillen natierlech déi héich Zësen. Et spillt och d'Kafkraaft vun de Leit, déi gottseidank elo an d'Luucht gesat gouf, zwar op engem méi bescheidenen Niveau, mee se gouf an d'Luucht gesat.

A firwat hu mer déi Moosname geholl, wéi de Quart du taux global? Firwat hu mer den Amortissement accéléré? An ech stinn zu deem, wat ech an der Vergaangengeheet gesot hunn. Firwat hu mer d'Scholdzëns fir Eegenheemkeefe an d'Luucht gesat? Firwat hu mer e Bëllegen Akt och fir Investisseuren an dem Mietwunnengsbau a bei de VEFAen? Firwat hu mer dat agefouert? Mee fir dass mer ganz kloer kuerzfristeg d'Demande stimuléieren, fir dass iwwerhaupt dee Park, deen do ass, dee Park, dee potenziell ka gebaut ginn op Basis vu Baugeneemegungen, déi virleien, kann héichgezu ginn. A wann deen héichgezu

ka ginn, mee da bleiwen och déi Constructeuren, dat heescht, d'Entreprises de construction bis zu dem Plätterchersleeër, bis zu dem Usträicher an dem Kicheverkeefer, weider an dem Marché dran.

Dat war déi Ursach, firwat mer gesot hunn, dass mer kucken, op eng limitéiert Zäit déi Moossnamen, déi d'Demande sollen ukierpen, néierzeschreiwen. An et ass och net e Pilotage à vue, dass op eemol de 15. – oder et war den 11., 12. Dezember – an der Regierung decidéiert gouf: „Ma elo ginn déi Moossnamen nach eng Kéier sechs Méint virugefouert.“ Nee, mir hu genau dee Moment ofgewart. Mir hunn dee Moment ofgewart, wou eigentlech déi forte Demande war, déi iwwert déi leschte Méint komm ass.

An dat ënnersträicht och d'Chambre immobilière. Déi kéint jo éischter kräische kommen. Mee déi schreift dat ëffentlech, och haut nach. Si seet: „Ab deem Moment kënnt der bei engem Notär net méi bis den 31. Dezember 2024 aktéieren duerch eng Rei vun Ufuerderungen.“ Well wann Der e Prêt bei eng Bank siche gitt, brauch dat dann natierlech do 14 Deeg. Dat heescht, fir alleguerten déi, déi sech eigentlech no dem 11. Dezember sollten decidéiert hunn, elo nach en Appartement oder eng Wunneng kafen ze goen, ass dat reng technesch gesi schwierig. Et sief dann, d'Leit huelen d'Suen einfach vun hirem Festkonto ewech – an ech mengen, dat sinn awer elo net déi Allerheefegst.

Da gëtt gesot, dat hei wier keng responsabel Finanzpolitik. Ech wëll just soen, dass de Géigendeel de Fall ass! Mir sinn ugetrueden, dass mer gesot hunn: „Mir kucken, dass mer d'Trajectoire vum Defizit vun den ëffentleche Finanzen eroffueren!“ Mir kucken, dass mer d'Schold vun den ëffentleche Finanzen, contrairement zu deem, wat nach zu Senneng gesot gouf, ofbremsen.

A souguer d'Ratingsagencen – ob dat elo Fitch ass oder DBRS, déi ech de Moie genannt hunn – hunn alleguerten déi Efforten, déi mer iwwert dat lescht Joer um Niveau vun der Finanz- a Budgetpolitik vun dem Lëtzebuerger Staat gemaach hunn, ausdrécklech ënnerstrach. A mir stinn derzou, mir wëllen den Triple-A! Dat ass net, well mer Prozentfetschiste wieren an d'Schold ënner 30 % wëllen halen. Mee dat huet ganz einfach domadder ze dinn, dass mer dat brauchen, fir déi ambitiéis Investitiounspolitik an och d'Politik am Interessi vu méi Stärkung vun der Kafkraaft vun de Leit kënne weiderzeféieren.

Da gëtt gesot oder geschriwwen, dee „Méi Brutto vum Netto“ vun der Regierung, dat wier eng Mogelpackung, well elo géife jo d'Energiepräisser an d'Luucht goen. Also, ech wëll dofir soen: Hei kann een net Äppel mat Biere vergläichen!

(Interruption)

Nee, et kann een net Äppel mat Biere vergläichen. De Staat ass net responsabel fir d'Energiepräisser! Déi ënnerleien engem fräien ...

(Interruption)

A sou? D'Energiepräisser sinn net reguléiert Präisser, déi ënnerleien also och de Reegele vun dem Marché, wéi a wéini an zu wat fir engem Präis een esou eppes vläicht an der Vergaangenheet akaaft huet.

Den zweete Punkt ass awer den, dass mir zu Lëtzebuerg eent vun dräi Länner an der Europäescher Unioun sinn, déi iwwerhaupt nach esou en Energiepräisdeckel fir 2025 hunn. A wann Der déi Dokumenter vun der Europäescher Kommissioun gelies hutt, do si mer ausdrécklech kritizéiert ginn. Ech sinn nach e Méindeg virun enger Woch am Eurogrupp do-wéinsten kritizéiert ginn. Well eise Budgetsplan ass

an der Linn mat deem, wat och d'Europäesch Kommissioun vun eis verlaangt, ...

(Brouhaha)

... mee si schreiwen dran, an dat kënnt Der noliesen, dass mer natierlech eng Virgab hunn, nämlech, dass déi Energiepräisdeckele géingen zrëckgefuert ginn, dass dat net géing goen, dass een déi fir 2025 weider géing bäibehalen. Et ass awer eng deliberéiert politesch Decisioun, dat op den 30 % ze maachen. Dat ass dat, wat ech zu deem Punkt wëll soen.

Duerfir, d'Präisdeierecht ass eppes, wat sech un der Indexéierung vun de Gehälter muss bemierkbar maachen. Mir hëllef den Bierger. An ech hunn de Moien déi Chiffere vun dem Max Hahn, dem Familljeminister, genannt. Mir hëllef den Bierger an de Biergerinne mat enger Verdräifachung vun der Energieprim, och mat enger Verdräifachung vun deene Primmen, déi ausbezuegt ginn an dem Kontext vun der Allocation de vie chère. Wéi den Här Spautz de Moie gesot huet: Et wier zwar net den AVC, also den Häerzinfarkt, mee et wier d'Präisdeierechtzoulag, déi de Staat an zousätzlech och nach d'Gemeenge ginn. An ech mengen, mat deene Chifferen, déi genannt goufen, ass dat relativ grousszügig, wéi mer de Leit do ënnert d'Äerm gräifen.

Dann hunn ech vun der Madamm Tanson indirekt héieren, et wier net d'Zäit fir Steiererliichterungen. Si géif zwar eenzel Moossname begrëssen, mee et géif keen Apel fir den Dauscht do zrëckbehalen ginn.

Dir hutt een derbäi, deen ass bestëmmt gutt säfteg, deen do.

(Hilarité)

Mee fir Iech awer och e puer säfteg Zuelen, awer nëmme faktebaséiert, ze nennen: Wa mir jo déi Inflatiounsberengung vun der Steiertabell maachen, op wat fir eng Steiertabell gi mer dann zrëck? Ma op eng, déi ech ëmmer ënnerstëtzt hunn, nämlech déi, déi 2017 vu Blo-Rout-Gréng ab dem 1. Januar agefouert gi war, wou ënne versicht gouf, d'Leit ze entlaaschten, a wou een uewen da relativ schnell – leider – bis op déi 42 % Spëtzesteiersaz komm ass. A genau dat wëlle mer jo mat där Inflatiounsberengung maachen.

Ech wëll Iech awer eng Kéier soen: De Moien hunn ech gesot – ech paken Holz un –, ech kéint mer virstellen, dass den Defizit an dem eigentleche Staat, dem Zentralstaat, dierft ënner 500 Milliounen Euro um Enn vun deem Joer leien. Soll ech Iech mol soen, wat den Defizit war, wéi déi Steierreform war? Wou Der elo sot, dat hei wier keen Apel fir den Dauscht, a wat der och ...

(Interruption)

Dat ass awer Är Approche!

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Dat ass Är Approche!

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Nee, et ass Är Approche, déi ech och respektéieren, déi Der scho gesot hutt, wéi mer déi éischte Kéier d'Steiertabell am Januar dëst Joer ëm véier Indexranchen indexéiert hunn.

De Budgetsdefizit um Niveau vun dem Zentralstaat 2017, wéi vill mengt Der, dass dee gewiescht wier? Dee war bei 983 Milliounen Euro, also 1,7 %. De Budgetsdefizit vun dem Zentralstaat an dem Budgetsprojekt 2018 war bei 890 Milliounen, 1,5 %. Dat heescht, mir sinn haut an enger Situatioun – an ech paken Holz un –, wou de Budgetsdefizit net nëmmen an absoluten Zuelen, mee virun allem och a Prozenter vun dem PIB dältlech méi niddreg ass, wéi en deemools war. Deemools wart Dir d'accord, dass mer d'Steiertabell ugepasst hunn, dass mer de Leit méi

Kafkraaft ginn hunn, an haut schéngt et duerfir méi Problemer ze ginn.

Ech soen Iech just am Numm vun dëser Regierung: Dës Regierung steet zu hirem Versprechen, de Biergerinnen a Bierger méi Kafkraaft ze ginn. Dës Regierung steet derzou, de Leit méi Netto vun dem Brutto ze ginn. An dës Regierung wëll net Steiererhéijunge maachen. Wann anerer dat wëllen, da solle se dat och kloer op dëser Tribün hei soen!

Une voix | Très bien!

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Mir wëlle mat dëser Upassung vun der Steiertabell virun allem eppes erreechen: dass mer der kaler Progressioun entgéintwierken. Dir gesitt et an Däitschland, och a Frankräich, wou d'Regierungen eigentlech schonn net méi do sinn, wou ee versicht, speziell deem Problem vun där kaler Progressioun, dat heescht, där schlächender Erhéijung vun der Besteuerung, ouni dass een et de Leit am Virfeld ëffentlech seet, entgéintzewierken. Mir maachen dat hei an aller Transparenz. An duerfir hu mer gesot: Mir kucken, an der Rumm vun de budgetäre Méiglechkeeten d'Steiertabell un d'Inflatioun unzupassen. Dat hu mer mat sechs an enger hallwer vun acht Tranchen elo gemaach.

Da gëtt gesot: „Mee da profitéiert nëmmen den Décken. Oder déi, déi méi verdéngen.“ Dat ass net richtig! Souguer d'Chambre des Salariés seet, dass do eng aner Approche ze huelen ass. Éischters, well nämlech a Prozenter virun allem déi mat niddrege Gehälter dervu profitéieren. An zweetens, an dat ass jo och gutt, mir hu jo net e lineäre Steiertariff, mee mir hunn e Steiertariff, dee progressiv ass. Dat heescht, wat ee méi verdéngt, wat een a méi héich Tranché kënnt, wou och de marginale Steiersaz méi héich ass. Dat war vläicht e bëssen technesch, mee ech mengen, déi Leit, déi heibanne setzen, déi wëssen dat alleguerten.

An ech sinn houfreg dodrop, an ech soen dat nach eng Kéier, dass mer net 7 Milliounen Euro, Madamm Tanson, mee 70 Milliounen Euro – genau sinn et 75 Milliounen Euro – net als Budgetsausfall, mee als maner Budgetsrecetten derfir ausginn, fir genau de Leit aus der Steierklass 1a entgéintzekommen. Et sinn net 7 Milliounen, et si 75 Milliounen. Also, de Montant ass pro Joer iwwer zéngmol méi héich wéi den, den Dir de Moie genannt hutt.

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Ech hunn dee Montant net genannt!

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Dach!

Une voix | Très bien!

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Ech hunn extra opgepasst. Mee deen ass Iech da vläicht erausgerutscht. Mee soit. Et si 75 Milliounen Euro. Mir diskutéieren elo hei net, wie wat gesot huet.

Den drëtten Punkt, deen ech och wëll ...

(Interruption)

Jo. Den drëtten Punkt, deen ech wëll maachen, dat ass deen, wéi wann elo de Budget géif iwwert den Tubak sanéiert ginn. Jo, also dës Regierung erhéicht d'Akzisen um Tubak ëm 5,5 %, nodeems mer d'lescht Joer schonn eng Hausse haten, also fir dëst Joer, a se ëm 2,7 % an d'Luucht gesat hunn. A mir leien domat wäit iwwert dem Duerchschnëtt, dee sech applizéiert huet an de successiven Haussen, déi an der Period zwëschen 2013 an 2023 gemaach goufen.

Dat gesot, Dir Dammen an Dir Hären, wëll ech op eenzel Punkten, déi vun eenzelne Sprächer opgeworf goufen, am Telegrammstil agoen.

Éischters zu de Steierrecetten: Den Här Spautz huet de Moie gesot, déi wieren net recurrent, dat heescht,

déi géifen net ëmmer esou weider kommen. Jo, dat ass genau, firwat ech gesot hunn, mir missten Holz upaken. Déi Steierrecettë sinn op multiple Plazen, sief et bei de Betriber, sief et bei de Leit, relativ gutt iwwert déi leschte Méint an d'Luucht gaangen. Ech kann Iech, dat soen ech Iech ganz éierlech, mat dem Concours vun all deene Verwaltungen, déi eis zur Verfügung stinn, ech wëll dat an aller Transparenz maachen, eréischt a véier bis sechs Méint, dat heescht am Juni dat nächst Joer, méi definitiv soen, ob dat weider esou gelaf ass oder ob ech do eenzel Abréich bemierkt hunn.

Ech huelen och ganz kloer, an ech diskutéieren dat net, de Cavalier budgétaire un, d'Sécurité dans la fonction publique bei der ITM anzeglidderen, esou wéi dat ass. Well dat steet an dem Budgetgesetz, dass dat e Cavalier budgétaire ass, dat heescht, dass d'Budgetgesetz net déi richteg Plaz ass. Ech huelen dat ganz einfach un. Dat ass esou. Dir hutt Recht, wann Der dat mentionéiert, an ech contestéieren dat net.

(Interruption et hilarité)

Dann huet den Här Spautz gesot ... Wat soll ech da soen?

(Interruption)

Den Här Spautz ... Also, nee, ech kann elo net ... Et hätt ee vläicht geduecht, dass, wann een dat géif an d'Budgetgesetz draschreiwien, vun enger anerer héijer Kierperschaft vläicht do eng Opposition formelle géing kommen. Déi ass awer an dësem Fall exceptionnel net komm. Punkt.

Dann zu den Talenter. Den Här Spautz huet Recht: Talenter sinn net nëmmen déi Leit, déi héich qualifizéiert Leit, déi mer op der Finanzplaz brauchen. Mir brauchen der och an dem medezinnesche Beräich, mir brauchen der och am Handwerksberäich. A gleeft mer, mir hunn do laang gerechent an dem Finanzministère, a mir si frou, dass mer en fin de compte eng Léisung fonnt hu mat deem Steierkredit vu 700 Euro fir d'Frontalieren, wou mer kuerzfristeg dee Steierausfall, deen déi hunn – net bedéngt duerch eng Besteuerung zu Lëtzebuerg, mee bedéngt duerch eng nei Besteuerung an Däitschland –, mat deem Steierkredit awer zu engem groussen Deel fir 80 % vun de Frontaliere kënnen ausgläichen. An do sinn ech och ganz houfreg drop.

Dann nach zu der LSAP-Motioun iwwert d'Eropsetze vum Netto-Mindestloun: Do war gefrot ginn de 24. Abrëll 2024 – ech mengen, dat hat den Här Spautz gesot –, ëm 100 Euro eropzegoen. Ech wëll soen, dass mat der Erhéijung vum Mindestloun, déi d'Chamber, mengen ech, unanime gestëmmt huet, vun 2,6 % plus der Steierentlaaschtung, déi mer maache fir Mindestlounbezéier an der Steierklass 1a, de Mindestloun netto ëm 77 Euro d'nächst Joer, also ab dem 1. Januar, an d'Luucht geet.

Da soen ech dem Här Gilles Baum villmools Merci, dass en och nach eng Kéier ënnerstrach huet, dass mer natierlech déi Stärkung vum der Kafkraaft vun de Leit an och d'Erofsetze vun der Betriebssteuer, déi mer awer brauchen aus Kompetitivitéitsgrënn, nëmme kënnen bewerkstellige, well mer haut eeben och trotzdeem eng relativ niddreg Staatsschuld hunn.

Zu der Madamm Bofferding hirer „Navigation à vue“, do war ech drop agaangen, och firwat déi Logementsmesüreen zéng Deeg virum Enn vum Joer geholl ginn: fir net dem Marché scho fréizäitig d'Signal ze ginn: „Ma Dir hutt nach gutt Zäit, fir kënnen eppes ze kafen!“

Zur Reform vun der Grondsteuer: Ech wëll ganz kloer soen, dass souwuel d'Leit aus der Steierverwaltung

wéi och aus dem Inneministère ganz äifreg dodru schaffen, un deenen awer villen Opposition-formellen, déi de Staatsrot gemaach huet par rapport zu dem Projet de loi vun der fréierer Regierung, fir deen och an deem Geescht ëmzesetzen, praktesch ëmzesetzen. A wa mech net alles täuscht, da wäerten am Januar, Februar d'nächst Joer déi Moossname prezisiert an och der Chamber presentéiert ginn.

D'Madamm Bofferding huet de Moien eppes ganz richtig gesot ...

(Interruption)

Jo, jo. Wéi se sech ...

Mme Taina Bofferding (LSAP) | Dat notéieren ech!

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Nee, nee. Wéi se sech ausgeschwat huet fir déi Moossnamen, déi d'Monoparentalle betreffen. An ech wëll ganz kloer soen: Et ass net de Familljestand vun engem Minister oder vun engem Deputéierten, dee seet, ob ee richtig oder falsch läit, wat sozialpolitesch Akzenter sinn! Dat mécht jiddweree mat sengem eegene Gewëssen aus, e mécht et mat sengem politesche Gewëssen aus, mee et ass net, well een eng Famill huet oder well ee getrennt ass, dass een net habilitéiert wier, zu deem engen oder deem aneren ze schwätzen. An dat halen ech virun allem der Fraktiounsprezidentin vun der gréisster Partei vun der Opposition hei zegutt.

(Interruption)

Da wëll ech nach eng Kéier ganz kloer soen: Mir maache keng Wett op d'Zukunft, mee mir gestalten d'Zukunft! An duerfir wëlle mer och, dass de Budgetsdefizit weiderhin ënner der Grenz vun deenen 30 % wäert bleiwen. Dat ass keen Dogma, mir si keng Prozentfetschisten, mee ech weess, dass d'Loft iwwert den 30 % dënn gëtt.

Ech soen awer eppes ganz kloer, an dat geet e bëssen an d'Richtung vun deem, wat den Här Fayot gesot huet: Mir brauche permanent deen néidege Puffer, fir kënnen op Imprevuen ze reagéieren. Dat kënnen geopolitesch Imprevue sinn, dat kënnen och Imprevue sinn un Ufuerderungen, déi mer un de Lëtzeburger Sozialsystem hunn, dat kënnen zum Beispill och Imprevue sinn um Niveau vun deem, wat mat de Militärausgabe geschitt.

Süchteg no Tubak si mer net, mee ech soen nach eng Kéier ganz kloer ...

(Interruption)

Ech fëmmen net! Ech soen nach eng Kéier ganz kloer: Ech weess net, wéi de Staat – wien och ëmmer op dëser Plaz als Finanzminister steet – einfach kéint soen, op déi Milliard oder mëttlerweil méi, déi vun der Tubakindustrie als Akzisen all Joer kënnt, kéinte mer einfach verzichten. Ech soen dat nach eng Kéier, ech widerhuelen et nach eng Kéier, ech soen dat an aller Éierlechkeet. An déi, déi soen, et misst een um Niveau vun den Akzise spillen, déi sollen dann och heihin-nerkommen a soen, bis op wat fir e Präis se den Tubak mat den Akzisen an d'Luucht wëlle setzen! Ech mengen, d'intellektuell Éierlechkeet, déi verlaangt dat dann och.

Da wollt ech nach agoen op de „Fluch vun engem Turbowuesstem“.

(Interruption)

Mir sinn do verschidder Meenung. Ech akzeptéieren Är Meenung, mee ech gesinn och eis. Eist Land kann net fonctionéieren nëmme mat deene Leit, déi mer zu Lëtzebuerg Stand haut hei hunn. Dann dréint eis Wirtschaft net méi. De Staat wäert mol längerfristeg a mëttelfristeg net méi dréinen. Mir brauchen

also Frontalieren. D'Pandemie huet et gewisen, mee mir brauchen d'Frontalieren och all Dag am Alldag, fir dass d'Wirtschaft dréint. A mir brauchen och Leit, déi doriwwer eraus nach op Lëtzebuerg kommen.

Ech verrieden net d'Positioun, dass mer kee Wuesstem zu Lëtzebuerg oder manner Wuesstem zu Lëtzebuerg sollten hunn. Dat gëtt et och iwwerregens a kengem internationale Forum. An et si jo eng ganz Rei Leit hei, den Här Clement an anerer, déi op Washington bei d'Weltbank ginn, déi bei den IMF ginn.

(Brouhaha)

Jo, jo. An do héiere se dann ëmmer aus ganz beruffenem Mond, dass ee Wuesstem muss hunn.

M. Fred Keup (ADR) | Ma da si mer eis jo eens!

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Dass ee Wuesstem muss hunn! Wuesstem brauch een zu Lëtzebuerg, Wuesstem brauch een an Europa. Duerfir komme jo alleguerten déi Rapporten, Draghi, Letta an anerer, fir dass mer méi Kompetitivitéit hunn, well mer Wuesstem brauchen.

(Interruption par M. André Bauler)

An et brauch Wuesstem weltwäit an den Ekonomien. A mir brauchen och Wuesstem an deenen ärmste vun deenen aarme Länner. An duerfir gëtt et jo déi Programmer vun dem FMI, vun der Weltbank a vun anere multilateralen Organisatiounen, fir genau dat do ze ënnerstëtzen.

Da wollt ech nach kuerz zu der Geschicht vun dem Amortissement accéléré am Kontext vum Wunnengsbau kommen. Ech soe ganz kloer: Jo, den Amortissement accéléré ass eng Iwwerbevurdelegung vun engem, dee just investéiert! Et sinn déi 6 %, déi e während enger Rei vu Jore kann hunn. An duerfir ass en och zäitlech limitéiert. Dat war déi Fro, déi d'Madamm Tanson de Moien opgeworf huet. An ech stinn och zu deem, wat ech fréier als Oppositionsdeputéierte gesot hunn. An duerfir hunn ech nach eng Kéier gesot: Mir brauchen dat elo, fir d'Demande kuerzfristig unzekerpen, mee duerno wäert déi Moossnam do selbstverständlech zrëckgefuert ginn.

Zu den Elektroautoen: Jo, et ass richtig, dass den Impact vun dem Avantage en nature vun den Elektroautoen wäert niddreg bleiwen an net eropgefuert ginn, wéi et bei enger fréierer Regierung war. Dee gëtt ëm zwee Joer verlängert, fir och de Marché vun den Elektroautoen, a besonnesch an dem Leasingsberäich, weider ze ënnerstëtzen.

Mir maachen duerfir och keng Politick vun der Géisskan, wéi dat haut de Moien ugeklongen ass, mee mir maachen eng Politick vu geziilt Moossnamen um Niveau vun der Steiererlichterung, um Niveau vun den Investitiounen a vun de geziilt Hëllef, déi déi eenzel Bierger och zu nohaltege Zwecker sollte kréien.

Den David Wagner huet nach de Mëtten d'Saach vun der diversifiéierter Economie ënnerstrach an opgeworf. Jo, mir brauchen eng méi diversifiéiert Economie, déi net méi eleng op dem Finanzsecteur baséiert. De Finanzsecteur muss mer weiderhi stäerken, dat ass, op gutt Lëtzebuergesch gesot, „d'Mëllechkou“ vun eisem Staat. Dat heescht: 75 % vun der Kierperschaftssteuer, déi d'Betriber bezuelen, kommen nun emol vun dem Finanzsecteur.

Mee ech ginn Iech ganz Recht: Mir mussen kucken, dass mer aner Wirtschaftszweiger kréien, dat ka vum Digitale sinn, dat ka vum der grénger Technologie sinn, mee dat mussen och Industriebetriber sinn. An duerfir gesinn ech et net als falsch un, dass dës Regierung och um Niveau vun den Ëmweltge-neemegunge kuckt, dass mer dat e bësse méi einfach duerchkréien. Well wa mer wëllen nei Betriber

op Lëtzebuerg huelen, jo, da sinn dat virun allem déi Prozeduren, déi musse vereinfacht ginn. Well wa Leit sech decidéieren, ob se aus Amerika, aus Japan oder aus aneren Ecker vun der Welt, aus anere Regiounen vun der Welt kommen, dann hätten déi gären och vun engem klengen Land an enger kuerzer Zäit eng kloer Decisioun, an dat kann net haut esou eng Decisioun sinn a muer ass se erëm aneschtens.

Déi grouss Steuerreform, déi den Här Clement mentionéiert huet: Jo, et sinn awer eng 16 Moossnamen, déi elo virgeholl ginn. Domat hält d'Reform vun de Steieren net op, Här Clement. An ech ginn Iech – an ech soen dat nach eng Kéier virun der Chamber – hei d'Wuert: Ee grouss Projet, deen usteet, dee jo Partie intégrante vun dem Koalitionsaccord a vun dem Regierungsprogramm ass, dat ass dee vun enger eenheetlecher Steierklass. An ech wäert an aller Transparenz ..., well ech gesi jo, dass dat vun all Mënsch gefuerdert gëtt, da kucke mer och, dass mer mat deem technesch Knowhow, dee mir hunn, déi Saache liwweren. An da wëll ech, dass mer am Konsens mat der gesamter Chamber, wann dat méiglech ass, do e Projet ficeléieren, deen dann och déi legislativ Prozedur, esou wéi et virgesinn ass, 2026 soll passéieren.

D'Madamm Adehm huet vun de Militärausgabe geschwat no der Visitt vun eenzele Kongressleit a Senateuren, déi am Kontext vun der 80-Joer-Feier vun der Rundstedt-Offensiv zu Lëtzebuerg waren. Jo, ech weess, mir mussen do gegebenefalls e Puffer am Budget halen, well wa mer do musse méi schnell eropfuere, huet dat e seriösen Impakt op de Budget.

Dat, wat ech mer géing wënschen, dat ass net onbedéngt, de Retour ze hunn. De Retour ze hunn, ass ëmmer gutt, mee mir kréien net de Retour, well mir net eng Waffenindustrie hunn, eng Munitionsindustrie, wéi dat an anere gréisseren europäesche Länner ass. Mee ech wier frou, wa mer wierklech op breeder Linn déi Ausgaben, déi mer maachen, dann och am Kontext vun de Militärausgabe gradewéi bei anere Länner och als solch géifen ugerechent kréien. Dat ass mäi Wonsch. An ech hoffen, dass mer dat och do an engem Konsens mat der Chamber kënnen a wëlle maachen.

Nach zu dem Här Bauler. Den Här Bauler war op zwee Punkten agaang. Dat war d'Mindestbesteuerung: Ech kann Iech och no intensiver Récksprouch mat der Steierverwaltung net soen, wat fir e reellen Impakt dat op eis Steierrecetten an Zukunft huet. Ech kann Iech dat net soen. Ech hu weeder déi Donnéeën nach hunn ech déi Berechnungen. An ech mengen, dass een dat och net kann einfach arithmetesch soen: „Ma déi do hunn elo esou vill bezuelt a wa se elo vun“, ech weess net, „12 % oder 13 % op 15 % eropginn, dann ass dat esou vill méi“, well grouss multinational Gruppen – dat sinn der hei, déi iwwer 750 Milliounen Euro Chiffre d'affaires hunn – natierlech och déi steierlech Gestaltungsméiglechkeet hunn, net nëmmen zu Lëtzebuerg, mee weltwäit, fir dann eventuell hir Benefisser esou hin- an hierzeféieren, wéi dat an hirem Interessi ass. An ech weess net, ob dat ëmmer am Interessi ass.

Op jidde Fall, mat aller Virleift fir all Gewerkschaften, mee einfach pauschal ze soen – ech hunn dat dann och gelies an esou enger Zeitung, déi dann eemol de Mount an d'Haiser kënnt –: „Mee dat ass eng Aubaine, déi bréngt zeg Milliarden Euro eran!“, also do sinn ech trotzdem méi vorsiichteg an ech géing einfach soen: Schéi wier et – mee ech sinn net esou iwwerzeugt, ob dat wierklech de Fall ass.

D'Loi Rau vun 1984: Jo, mir schaffen dodrun an ech gesinn eigentlech als Zäitrumm dat éischt Semester

dat nächst Joer. Ech soen Iech och ganz kloer, dass, wann een op europäeschem Plang schwätzt vu Kompetitivitéit, wann ee schwätzt vun Draghi-Rapport a Letta-Rapport, da musse jo déi Méiglechkeete fir de Champ d'application, also d'Uwendungsgebitt vun engem System, wou een eng steierlech Begünstigung kritt, wann ech als Privatpersoun an en Investmentfond oder eng SICAV investéieren, jo och méi breet ginn. An ech gesinn do och besonnesch Potenzial, Här Bauler, um Niveau vun de Startuppen.

D'Madamm Cahen huet gëscht eng Moossnam vun de Startuppen opgeléicht, dat waren déi sougenannte Stockoptions. Also, ech hu fënnf Joer laang géint Stockoptions plädéiert, well dee System, wéi en 2009, 2010 an 2011 agefouert ginn ass – iwwergens iwwer Steiercircularé vun dem Direkter –, total pervertéiert war. An da waren et net nëmmen déi Leit, déi a Risikokapital investéiert hunn oder sech an enger Gesellschaft engagéiert hunn, déi eng ongewëss Zukunft haten, mee herno huet all Mënsch dovun profitéiert. An dat war e System vun enger Defiskalitatioun fir d'Startuppen.

Wéi Der sot, bei de Startuppen, do kann et riicht ausgoen. Et kann awer och schifgoen, wann d'Iddi net fonctionéiert. Do sinn ech méi oppen. Op jidde Fall, dat, wat ech nach eng Kéier hei am Numm vun der Regierung och wollt soen: Ze mengen, dass mer elo géifen iwwer dee Wee vu Stockoptions bei de Startuppen erëm eng generell Legislatioun maachen, fir Stockoptions an der Economie ze maachen – do sinn ech ganz kloer: Dat wäert net geschéien! Dat ass och net nëmmen eng Fro vu Steieraussgaben, mee et ass virun allem eng Fro vu Steiergerechtegkeet.

An dann e leschte Punkt, dat ass de PIB vun dem Bien-être. Ech soen do nach eng Kéier dat, wat ech de Moie gesot hunn. Här Fayot, Dir hutt e richtege Punkt gemaach. Dat ass och jo schonns fréier ugeschwat ginn, och d'Gestion par objectifs. Ech sinn duerchaus oppen an ech stinn derzou, dass ech deem wëll an enger Upassung vun eiser Budgetgesetzgebung Rechnung droen.

Ob Der elo Är Motioun wëllt zur Ofstëmmung komme loosse, do huet d'Regierung näischt domat ze dinn. Dir sidd éischte Pouvoir. Ech kéint mir awer och virstellen, wann esou eppes an enger Finanzkommissioun wär: Ech ginn Iech mäin Engagement. Da musst Der mech u meng Wierder moossen.

Duerfir, zum Ofschluss wëll ech nach eng Kéier soen: Här President, Dir Dammen an Dir Hären, „Kurs op muer. E Muer fir jiddereen“, dat ass net nëmmen eng Verflüchtung, mee dat ass de Programm vun dëser Regierung, mat massiven Investier fir d'Leit, fir d'Land a fir d'Betriben an e séichert an e staarkt Land, a virun allem an e staarken Zesummenhalt an dësem Land, fir de Wuelstand, awer och d'Wuelbefanne vun de Leit, e Muer fir jiddereen, well dee geet a mengen an an eisen Ae just mat engem Matenee vu jiddwengem hei zu Lëtzebuerg.

An ech hoffen, dass de Budget rutscht. An da géif ech Iech och soen: Ech wënschen Iech schéi Feierdeeg an e gudde Rutsch an d'nächst Joer!

Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Ech gesinn, et gëtt Froen.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Finanzminister. Et sinn elo dräi Leit, déi gefrot hunn. Ech huele se, mengen ech, der Reiefolleg no, wéi se sech gemellt hunn. Deen Éischte war den David Wagner, duerno d'Sam Tanson an duerno de Franz Fayot. Här Wagner.

M. David Wagner (déi Lénk) | Merci, Här President. D'Budgetsdebatte mam Här Roth, mir haten der zwar net vill, awer e puer, déi sinn awer ëmmer interessant, well e sech ëmmer politesch auseruesetzt mat deem, wat d'Deputéiert soen, och vun der Oppositioun. An dat ass awer och ëmmer ze begrëissen.

En huet eis och erausgefuerdert. Den Här Finanzminister huet eis erausgefuerdert, ze soen, ob mer och ... Wien ass hei der Meenung, dass d'Steiere sollen eropgoen? Den Här Finanzminister, deen de Steiersystem besser versteet wéi ech, weess ganz genau, dass dat e bëssen eng plakativ Ausso ass, well natierlech gëtt et Barëmen an et ass jo net jiddereen, deen d'selwecht Steiere bezilt.

Mir bei déi Lénk si ganz kloer der Meenung – an ech hoffen, mir wäerten deemnächst driwwer diskutéieren –, dass nei Paliere misste geschafe ginn, fir dass mer erëm op dee selwechten Niveau komme wéi an den 90er-Joren, dat heescht, dass fir déi, déi méi verdéngen, de Spëtzezteiersaz soll eropgoen op 50 %, 52 %, voire 56 %, wéi dat schonn eng Kéier war. Dat betrëfft Leit, déi iwwer 200.000 Euro d'Joer verdéngen.

(Brouhaha)

Anerersäits si mer awer och der Meenung, dass d'Leit an de Mëttelschichten oder de méi klengen Mëttelschichten manner solle bezuelen, well déi gi warscheinlech ze vill besteiert. A mir sinn och fir nei Palieren, fir dat ze glätten.

Dat heescht, ass d'Regierung, ass d'CSV, ass d'DP genaousou wéi déi Lénk der Meenung, dass déi, déi méi verdéngen, méi solle besteiert ginn an déi, déi manner verdéngen, manner solle besteiert ginn?

M. Marc Baum (déi Lénk) | Dat ass eng gutt Fro!

(Hilarité)

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | An ech ginn Iech och eng ganz einfach Äntwert: De System ass elo schonn esou gestalt mat engem progressiven Taux, dat heescht, wann ech méi verdéngen, kommen ech a méi héich Steiertranchen, wou sech méi héich Prozentsätz applizéieren, fir dat vereinfacht ze soen, bis zu 42 %. An da si mer mat deenen 42 % jo net fäerdeg.

Et muss ee jo awer och nach soen, dass mer nach ëmmer eng Solidaritéitssteuer vun 9 % hu fir déi Leit. Dat sinn dann ..., also, et muss een 9 mat 0,42 multiplizéieren, dat heescht, do kommen nach eng Kéier iwwer 3,6 %, 3,7 % derbäi, da si mer scho bei iwwer 45 %.

A wann Der dann nach generell kuckt, quitte dass dat keng Steuer ass, mee da kënnt d'cotisation assurance dépendance nach derbäi, déi net plafonéiert ass.

(Interruption)

Do bezuelt Der 0,6 % op de gesamte Montant vun Ärem versteierbare Revenu, ouni dass en och am Privatsektor plafonéiert ass.

An de Regierungsprogramm gëtt eigentlech do eng kloer Äntwert. D'Progressivitéit, déi hale mer bäi. Eng Erhéijung vun de Spëtzezteiersätz, dozou kënnt et net. A mir féieren och keng Verméigenssteuer bei de Privatpersounen erëm an.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Minister. Madamm Tanson.

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Jo, et war e kloert Wuert. Mee och hei, vu dass ech Iech haut schonn esou vill zitéiert hunn, Här Minister, hat Der mol zu anere Momenter aner Positiounen a waart och der Meenung, notament hei bei enger Steuerdebatte,

dass een de Spätzesteiersaz nach kéint e bëssen an d'Luucht setzen, an ...

Une voix | O!

Plusieurs voix | A!

M. Sven Clement (Piraten) | Här Roth! „Zwei Seelen wohnen, ach! in meiner Brust“!

Mme Sam Tanson (déi gréng) | O, dat ass, mengen ech, nach keng zwee Joer hier.

(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

An dat war jo am Fong och d'Propos virdrun. Dir hutt mer virdru gesot, Dir géift meng Visioun net deelen. Dat heescht, am Fong deelt Der Är eege Visioun net vu virun net allze laanger Zäit, wat dann de faméisen Apel fir den Duuscht ubelaangt.

Ech wollt op e puer Saachen eng Kéier kuerz agoen, an ech wollt mech awer och deem uschléissen, wat den David Wagner elo gesot hutt, well Der Iech wierklech d'Méi gemaach hutt, am Detail op déi Saachen ze äntwerten, déi ech virdru gesot hunn.

Vläicht eng Kéier zu den Investitiounen. Dat ass jo e bëssen dat Gespills hei. Et hänkt jo ëmmer dervun of, wat ee mat wat vergläicht. An ech denken, Dir hutt mer gutt nogelauschert, ausser zu deem Punkt vun de 7 Milliounen. Ech hunn dat elo nach eng Kéier gekuckt, dat steet net a menger Ried an ech hunn dat och net gesot.

Mee Dir hutt mer gutt nogelauschert an ech hunn net den Invest verglach mat dem Invest, dee mir gemaach hätten. Ech hunn den Invest verglach – an et ass och deem Vergleich, dee gemaach gëtt an den Avisen, notament vun der Chambre des Salariés, mee net nëmmen – par rapport zu Ärem eegene Pluriannuel, deen dëst Joer scho gestëmmt ginn ass. Dat heescht, déi Zuelen, déi erofgeschrauft gi sinn, déi sinn erofgeschrauft gi par rapport zu deem, wat Der selwer virgesinn hutt.

A fir vläicht fortzekomme vun deem budgetäre Gespills, wat am Fong den Haaptreproche ass, deen elo am Raum steet, dat ass deen, dass keng Projeten do sinn. Et ass näischt, wat ugekënnegt ass, et ass näischt, wat sech auszeechent, wat sech iergendwéi ofzeechent. Et ass jo am Fong dat, wou Der herno och wäert dru gemooss ginn. Duerfir, Dir hutt elo nach véier Joer, da gesi mer, wat dann herno wäert derbäi erauskommen.

Ech wollt nach zum Logement kuerz eppes soen. Dir sot dauernd, Dir wëilt just d'Demande kuerzfristeg stimuléieren. Dir hat mer selwer an der Kommissioun gesot, dat misst limitéiert sinn. Elo si mer da scho bei engem Joer, wann et herno fäerdeg ass. Meng Fro ass: D'Zuele vun de VEFAen, hutt Der déi dann?

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Jo.

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Kënnst Der eis déi vläicht liwweren? Wou si mer dann elo dru mat de VEFAen? Ginn déi wierklech an d'Luucht? Ech hat am Detail den Artikel vum Här Wiltgen e Méinden am „Tageblatt“ gelies, deen am Fong bei Iech, mengen ech, nogefrot huet. An do ass erauskomm, si géifen net an d'Luucht goen.

An dann nach ee Punkt, fir dann nach eng Kéier bei mäin Apel hei zrëckzekommen: Dir hutt elo gesot, deemools, wéi d'Steiertabell déi leschte Kéier wierklech iwwerschafft ginn ass, wier et dem Staat en gros, fir et dann einfach auszedrücken, méi schlecht wéi haut gaangen. Éischtens hunn ech mech virun allem, och déi lescht Woch an och haut, mat der Baisse vum Recetté beschäftigt, déi Der duerch d'Baisse vun der Betriffssteuer provoziert, wou jo guer net virauszege-sinn ass, wou mer hikommen.

Zweetens ass awer e wichtegen Ënnerscheed – an Dir sot mer selwer, mir sollten net Äppel mat Biere vergläichen –: D'Situatioun 2018 an 2019 war awer definitiv eng aner wéi déi Situatioun, an där mer hei sinn. An dat ass jo d'Essenz vun deem, wat ech haut gesot hunn, an ech mengen, ech war net dat Eenze: Mir liewen a ganz onstabelen Zäiten! Mir wëssen net, wéi et weidergeet. Dir hutt selwer elo vun deene potenziellen 3 % Defense geschwat, déi op eis duerkommen. An dat ass am Fong dat, wat mer vermessen: dass an Zäiten, wou mer net wëssen, wou et higeet, fir den Apel fir den Duuscht gesuergt gëtt!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Tanson. Dat waren elo esou vill Froen, datt den Här Minister sech se huet missen opschreiwen, fir se all kënne ze beäntworten. Här Minister.

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Merci. Also, ech kommen dann zu den Investissementen. Et si jo eng ganz Rei Leit hei, déi hei och Gemengeverantwortung iwwerhuelen. An Dir wësst alleguerten, wann Investissementer gemaach ginn an Infrastrukturen, dann ass et net, dass Der op de Knäppchen dréckt a sot: „Mir bauen elo dat an dat“, an da fänke mer dat nächst Joer u mat bauen.

An et ass grad aus deem Grond, Dir Dammen an Dir Hären, firwat dës Regierung gesot huet: Wann et eng politesch Decisioun ass, eng Schoul ze bauen, eng aner ëffentlech Infrastruktur ze bauen, déi dréngend néideg ass, souwuel um Niveau vun de Gemenge wéi och um Niveau vun dem Staat, da musse mer déi Prozeduren acceleréieren, fir dass déi Prüfungen, déi musse gemaach ginn op Basis vun den Avant-projete vun den Architekten, am Zesummespill mat den Administratiounen, méi séier kënne virugeen, fir dass et och méi séier ka geneeme ginn. Well dat ass genau de Punkt: dass mer ëmmer Retarden hunn, souwuel um Niveau vun de Gemenge wéi och um Niveau vum Staat.

Zwëschtend deene Suen, déi ageschriwwen sinn um Niveau vun den Investissementen an deem, wat herno reell realiséiert gëtt, ass et beim Staat historesch gesinn esou – ech mengen, ech hunn déi Zuel am Kapp –, datt ronn 70 % vun dem Normalen, wat investéiert sollt ginn, de facto realiséiert gëtt. An ech mengen, et wier awer och richtig aus der Siicht vum Finanzminister, an dat hu mer och gekuckt an de Bilaterale mat deenen eenzelne Fachministeren, ze soen: Et huet kee Sënn, dass mer einfach pluriannuell Programmer hunn, wou mer Milliounen, fir net ze soen, Honnerte Milliounen, an Investissementen dräschewe fir Projeten, déi nach net räif sinn, fir dass se kënne an d'Prozedur goen. Dat heescht, mir musse kucken, dass mer an den Aschätzungen eng méi realistesch Approche hunn, déi sech méi mat der Realitéit deckt.

Dat ass am Sënn vun enger méi transparenter Budgetsprozedur. An dat ass dat, wat ech och wëll. Dat heescht net, dass manner realiséiert gëtt, mee dat heescht ...

(Interruption)

Dat kuckt Der dann. Mee dat heescht, dass déi Approche do muss stëmmen.

Jo, et ass richtig, mäin Häerz, dat schléit lénks, Äert och, an ...

(Hilarité et interruptions)

Dat ass esou! De Punkt ass deen: Jo, wéi ech nach do souz, do war et mol ëmmer eng Propos, ze soen, et wier nach Sputt, fir mam Spätzesteiersaz nach e bëssen an d'Luucht ze goen. Mee ech hu mech als Finanzminister um e Programm ze halen, an do halen ech mech drun. An dee gesäit net eng Erhéijung vum Spätzesteiersaz vir. Et ass wéi an enger Koppel, do

muss een negociéieren. An hei ass een och an enger Koalitioun, ...

(Brouhaha)

M. Marc Baum (déi Lénk) | Dat ass also wierklech kee gudd Programm!

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | ... wou ee muss negociéieren.

An da komme mer zu der Betriffsbesteuerung. Zur Betriffsbesteuerung wëll ech eppes ganz kloer soen, an duerfir deelen ech och déi Approche net, déi de Rechnungshaff gemaach huet. Ech respektéiere jiddwerengem seng Meenung. Ob dat elo Comptoirsge-sprécher sollte sinn, dat kommentéieren ech net. Ech hunn dozou meng Meenung.

(Interruption)

Ech hu se eng Kéier ugedeit, mee ech hu se net gesot. Ech konnt dat net.

Ech soen awer eppes Fundamentales, Madamm Tanson, an dat ass meng Iwwerzeugung, an dat bewei-sen och d'Zuelen, déi kënnst Der nokucke goen, iwwert d'Evolution vun de Steuerrecetté vun der Kierperschaftssteuer, dat heescht, déi d'Betriber bezuelt hunn: Allkéiers dann, wann d'Betriffsbesteuerung erofgefuer ginn ass – an déi ass jo net an engem Coup erofgefuer ginn, mee déi ass progressiv erofgefuer ginn –, war da mol eng Kéier eng manner grouss Steigerung, mee et war awer mat Sécherheet keen Ausfall, dee geschitt ass, wann d'Betriffsbesteuerung erofgefuer ginn ass.

A wa mer op dem Niveau vun der Kompetitivitéit kucken: Mir hu jo elo eng Betriffsbesteuerung, déi de Staat erofsetzt, mee zousätzlech kënnst awer nach d'Gemengesteier drop, dat heescht d'Gewerbsteuer, zugonschte vun der Stad Lëtzebuerg a villen aneren, déi och indirekt dervu profitéieren, ...

(Interruptions)

... an da leie mer an der Moyenne vun der OCDE nach licht driwwer. An et ass dat, wat ech wëll soen. Duerfir brauche mer dat. Net nëmmen, fir de Betriber Kaddoen ze maachen. Mir brauchen dat, fir dass d'Betriber heibleiwen, fir dass d'Betriber och weider investéieren. An da si kuerz- a virun allem laangfris-teg déi Steiereinname geséchert. Dat ass dat, wat ech do wëll soen. Et muss een also déi Upassung dyna-mesch a laangfristeg kucken.

An dann, wat nach d'Zuelen ...

(Interruption par Mme Sam Tanson)

Gelift?

Mme Sam Tanson (déi gréng) | D'VEFAen.

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | D'VEFA-Zuelen. Ech hunn déi leider elo net. Ech hunn d'Zuelen, mee ech hu se net bei mir am Detail. Déi lescht Zuelen, ech soen dat ganz kloer, déi mer vun dem Enregistrement hunn, wéi ech se am Kapp hunn, vun de leschten zwee Méint, dat heescht den November an den Dezember, virun allem do, wou ugekënnegt gouf, dass den Enregistrementstaux géing op der Hallschent nach gezu ginn, do sinn déi VEFAen awer staark an d'Luucht gaangen. Déi hu sech vun deem enge Mount op deen anere carrement verduebelt. Déi hu sech carrement verduebelt! Ech hat och Gesprécher mat der Chambre des Notaires – bon, dat huet natierlech och domat ze di gehat, dass d'Leit geduecht hunn, dass d'Moosname géingen um Enn vum Joer auslafen –, déi och soen, dass et do unzitt.

Een, deen dat selwecht confirméiert, ass d'Chambre immobilière, dat heescht, déi Leit, déi awer am Sec-teur schaffen. An et ass och confirméiert duerch déi verstärkt Demandé vu Prête bei deene Banken, déi

traditionell an deem Marché operativ sinn. Dat sinn déi Banken, wou och indirekt de Staat eng Participatioun dran huet.

(Interruption)

Wann Der déi Zuele liest, déi, mengen ech, haut och an engem digitale Medium vun der Chambre immobilière stinn – ech hunn dat de Moien nach séier gekuckt, déi hunn e Communiqué oder iergendeppes gemaach –, si schreift ...

(Interruption)

Dach, Dir musst kucken. Also, ech kann elo net hei ... Eng digital Plattform, déi mat „P“ wéi „Paper“ ugeet ...

(Hilarité)

... an déi mat „Duerjerneen“ ophält, jo, déi hunn e Communiqué, mengen ech, vun der Chambre immobilière, déi awer eng llicht aner Meinung huet, fir et da mol versichteg auszudrücken.

Ech engagéiere mech awer, Här President, dass ech déi Zuelen, déi mir vum Enregistrement hunn, der Finanzkommission esou schnell wéi méiglech ënnerbreeden.

M. Claude Wiseler, Président | Très bien. Merci, Här Finanzminister. Dann hu mer nach eng lescht Fro vum Här Fayot. An da komme mer zu de Motiounen. Här Fayot.

M. Franz Fayot (LSAP) | Jo, merci, Här President.

M. Claude Wiseler, Président | Den Här Cruchten och nach.

M. Franz Fayot (LSAP) | Ech géif gär den Här Minister Merci soe fir seng detailléiert Äntwerten an dass e sech effektiv deem Debat hei stellt op déi Aart a Weis, wéi en dat mécht.

Ech wollt reagieren op dat, wat Der gesot hutt zu der Madamm Tanson hirem „Apel fir den Duuscht“, wou Der gesot hutt, dass et Iech mat deenen Inflationsberengungen, déi Der gemaach hutt, am Fong drëm géif goen, haaptsächlech déi Leit ënnen an de Revenusklassen ze entlaaschten. An Dir hutt d'Comparaison gemaach mat der Reform vun 2017.

Dir wësst awer, dass mer 2017, contrairement zu deem, wat Dir gemaach hutt, vill méi differenziert virgaange sinn a ganz vill mat Crédit-d'impôt geschafft hunn. Wat mer Iech am Fong reprochéiert hu bei där Inflationsberengung, ass, dass dat am Fong on-differenziert duerch de ganze Barème geet an do proportionell déi héich Revenue méi staark profitéiere vun där Entlaaschtung wéi déi niddreg Revenuen. Dat heescht, déi Comparaison, déi Der do macht, ass an deem Sënn net ganz richtig.

Zweete Punkt, beim „Méi Netto vum Brutto“ bei den Energiepräisser: Et ass richtig, dass Der d'Energiepräisser net kontrolléiert. Déi gi vum Maat fixéiert. Dir kontrolléiert awer wuel d'Netzpräisser. An ech mengen, dat ass jo justement de Reproche, dee gemaach gëtt: Den ILR reglementéiert dat, mee et ass eng politesch Impulsioun derhannert, dass effektiv do éischters déi falsch Signaler gesent ginn zu enger Zäit, wou d'Leit am Fong encouragéiert ginn, sech ze elektrifizieren an hire Stot ze elektrifizieren, an doduerch Präisserhéijungen op se zoukommen, déi se am Fong net konnten erausliesen aus dem politesche Kontext.

An dann e leschte Punkt zu de Geschenker fir d'Promoteuren. Ech hunn am Fong de Moien do schonn eppes gesot, wou Marc Spautz. Mir hunn do eng fundamental aner Meinung derzou. Ech sinn der Meinung, de Problem, dee mer um Logementsmarché hunn an och am Bau haben, dat waren déi ze vill héich Präisser bei deene VEFAen. An ech mengen, de Fait,

dass Är Mesuren net esou gegräff hunn, wéi Der Iech dat vläicht erwaart hutt, huet ze di mat dem Fait, dass déi Präisser net erofgaange sinn an dass d'Promoteuren ëmmer nach un hire Margé gehaangen hunn. An do sinn ech der Meinung, dass déi Mesuren, déi Dir gemaach hutt, haaptsächlech déi Margen opgefaangen an agepräist hunn, wat och dat ass, wat den Här Reinesch a senger Interventioun sot an der Finanzkommission.

An dann e lescht Wuert, da brauch ech dat net méi ze soen, zu der Motioun, Här President.

M. Claude Wiseler, Président | Ok.

(Hilarité)

M. Franz Fayot (LSAP) | Zum PIBien-être: Ech halen do net mordikus op déi Motioun. Ech hunn dat vläicht par déformation professionnelle gemaach, fir dat festzezurren an engem Text, mee Dir gitt effektiv do sur pièce jugéiert. Dir hutt jo gesot, Dir géift dat maahe fir am Mee d'nächst Joer.

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Jo.

M. Franz Fayot (LSAP) | A mir kucken dann effektiv, dass Der dat och esou macht, wéi mer dat an deem Amendement u sech ugeduecht haben.

M. Claude Wiseler, Président | Hunn ech elo richtig verstanen, Här Fayot, datt Der déi Motioun zrëckzitt?

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Dir kënnt se och ...

M. Franz Fayot (LSAP) | Ech gesinn erëm eng Kéier d'Tentatioun vum Superfetatoire hei an der Chamber ...

(Hilarité)

... par rapport zu där Motioun bei de Leit, bei de Kolleege vun der Majoritéit. An nach eng Kéier, Dir hutt Iech do engagéiert, wat ech appreciieren. Dat kann een natierlech op eng méi oder manner contraignant Aart a Weis maachen. An da wäerte mer kucken, ob dat, wat Der da presentéiert, konform ass zu deem Amendement, deen ech presentéiert hat.

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Ok.

M. Claude Wiseler, Président | Très bien. Dat waren elo am Fong keng Froen, Här Fayot, mee, Här Minister, wann Der wëllt, kënnt Der e Kommentar maachen.

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Jo, ech maachen dat ganz, ganz séier. Dir hutt gesinn, Här Fayot, ech ginn Iech Recht. Bei där Steuerreform vun 2017, ech soen dat hei haut et fort, hunn ech déi Benotzung vun de méi cibléierte Steierkreditte fir ënner anerem déi Leit an deene méi niddrege Kategorië vun Akommessen ausdrécklech begréisst. An ech fannen dat eng gutt Technik. A wéi Der gesinn hutt, hu mer iwwert dat leschte Joer versicht, och iwwert de Wee vu Steierkreditte geziilt de Leit do méi entgéintzekommen. Ee Beispill ass de Crédit d'impôt barème, dee mer geholl hunn.

Ech wëll awer och ganz kloer soen: De Fait, dass d'Leit, virun allem d'Alengerzéier mat Kanner à charge, bis zu 3.800 Euro manner Steieren dat nächst Joer bezuelen, kënnt net nëmme duerch d'Upassung vum Barème, mee kënnt och, well mer de CIM, dat ass de Crédit d'impôt monoparental, weider an d'Luucht gesat hunn, fir genau op deem Wee cibléiert ze handeln.

An zum PIB du bien-être: Ech hunn Iech mäi Wuert ginn, dass mer kucken, dat ëmzesetzen. Dir jugéiert mech herno u mengen Akten. A sollt dat net esou wäit goen, wéi Dir Iech dat virstellt, ech mengen, dann ass et en demokratesche Prozess, dass Der nach ëmmer kënnt, le moment venu, eng Kéier dee

selwechten Amendement virbréngen an da muss ee sech och deem an engem politeschen Debat stellen.

An d'Verlängerung vun de Moosnamen, dat ass eppes, wou mer versichen, de Leit vun engem Secteur elo entgéintzekommen. Ech kann net alles op der Chambertribün soen, ech hoffe just, ech soen dat ganz éierlech, dass mer déi éischt véier bis sechs Méint dat nächst Joer an dem Bausecteur iwwerstinn – net unbeschadet, ech mengen, dat geschitt net, mee dass mer net allze vill Téitsche kréien. Well ech hunn eng Kéier gesot: De Bau ass eppes, wou se jo net alleguerate mateneeschaffen. Fir d'éischt gëtt den Aushub gemaach, an dann, no 18 Méint, kommen aner Corps-de-métieren. Dir wësst, déi lescht zwee Joer ass et net esou gutt gaangen, an ech hoffen, dass dat, am Interesse vum Land, iwwerstane gëtt.

Ech kann Iech just soen, Här Fayot, mat deene Gespréicher, déi ech hat am Ministère, dass ech gesot krut, an dat gëtt jo och no baussen ëffentlech vehiculéiert, dass awer eng Reduktioun vun de Präisser iwwert déi leschte Méint bis zu engem zweestellige Prozentberäich gemaach gouf. Ech sinn net Promoteur. Ech sinn och net Entrepreneur. Mee et ass awer dat, wat mir de façon concertée gesot gëtt. An ech muss deene Chiffere kënne fiéieren.

M. Claude Wiseler, Président | Voilà. Villmools merci, Här Finanzminister. Domat wär dann d'Diskussion zu deem Projet ofgeschloss.

Motions

An dann hu mer nach Motiounen hei leien, déi ech awer nach gär den Owend, wéi mer dat virdrun ofgemaach haben, géng zur Debat stellen. Dann hu mer muer och méi Zäit, fir duerch e relativ chargéierte Programm ze goen.

Motion 1

Déi éischt Motioun ass déi vun der Madamm Tanson. Madamm Tanson, wëllt Dir nach eng Kéier kuerz eppes driwwer soen?

(Négation)

Wie wëllt heizou Stellung huelen? D'Madamm Adehm, jo, d'Madamm Bofferding duerno. Madamm Adehm.

Mme Diane Adehm (CSV) | Merci, Här President. Mir hunn déi Motioun gekuckt. Mir sinn der Meinung, soulaang de Budget defizitär ass, solle mir keng zousätzlech Suen an iergendee Fonds souverain ...

M. Claude Wiseler, Président | Dir misst méi haart schwätzen!

Mme Diane Adehm (CSV) | A, entschëllegt. Mir hunn d'Motioun gekuckt a mir sinn der Meinung, soulaang de Budget defizitär ass, solle mer elo keng zousätzlech Suen an de Fonds souverain intergénérationnel erastiechen.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Adehm. Da war et d'Madamm Bofferding, déi d'Wuert gefrot hat.

Mme Taina Bofferding (LSAP) | Merci, Här President. Ech deelen déi Impressioun elo net esou, well mer hunn effektiv dee Fong, deen Zukunftsfong. Et ass jo e bëssen d'Spuerbéichs vun der Regierung, justement fir ze investéieren fir déi kommend Generatiounen. An dat Zil gëtt mat där Motioun hei genau sou erreecht: dass eeben d'Recetté solle fir déi kommend Generatiounen dee Moment ugeluecht ginn.

Ech ka mech erënneren, dass d'CSV deemools, wéi de Fonds eebe kreéiert gouf, nach gesot huet, dass dee Staatsfong nëmme Sënn maache géif, wann – ech hat et nämlech nach extra nogekuckt – aus dem Iwwerschoss de Budget dee Moment géif gespeist ginn.

Also, dofir gesinn ech elo hei net de Problem, fir dat dote kënne matzestëmmen. Mir wäerten dat op alle Fall matzestëmmen.

Just vläicht eng Remark prinzipiell zu de Previsiounen: Ech mengen, et wär gutt, wann déi an Zukunft, souwäit et eebe geet, vläicht e bëssen – wéi soll ech soen? – méi genau wäeren, fir dass dat eis och bei deenen Debatten, déi mer féieren, kéint hëllefen. Well allkéiers, egal wien am Endeffekt an der Regierung sëtzt, gëtt ëmmer mat Previsiounen ... Ech denken och un déi Note au formateur, déi zesumme gestallt gëtt fir déi nei Regierung. Do hu mer et ëmmer mat Previsiounen ze dinn, déi net ganz genau sinn, wou mer dann net emol ee Joer méi spët musse revidéieren.

Ech mengen, dat wär och eng Aufgab, déi ee sech nach sollt an Zukunft virhuelen, eeben ze kucken, dass mer och méi Genauegkeet an déi Chifferen do erakréien, fir dass mer eeben och déi Debatten awer méi seriö dee Moment kënne féieren, och am Sënn vun der Transparenz.

Voilà, dëst gesot, wäerte mer déi dote Motioun matzestëmmen.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Bofferding. Här Wagner.

M. David Wagner (déi Lénk) | Merci, Här President. Bon, mir wäerte leider déi Motioun net matzestëmmen, well ... Jo, de Fonds souverain intergénérationnel, dat huet den Här Gramegna och deemools agefouert. Mir ware scho ganz, ganz kritesch par rapport zu deem Fonds souverain, well e bëssen aneschters d'ailleurs och wéi beim Kompensationsfong ass et jo esou, dass awer déi Suen a Fongen investéiert ginn, déi och op der Bourse gehandelt ginn, wou een och schwéier Afloss kann dorobber hunn.

D'ailleurs, deemools ... Also, et misst een nokucken, wéi et elo ass. Dat weess ech och net. Mee et gouf och an d'Pétroliindustrie zum Beispill investéiert. Bon, hautzudaags weess ech net, inwiefern dat alles propper ass. Mee et ass immens schwéier. D'ailleurs, dat huet den Här Gramegna ëmmer a sengen Äntwerten op eis Froe gesot: dass een dat net esou richtig kéint kontrolléieren.

Duerno ... Anerersäits, ganz dovunner ofgesinn, souguer wann et propper ass ... Wat heescht „propper“? Also, et gëtt weiderhin och a Multinationallen investéiert et cetera, et cetera. Also, mir sinn der Meenung, dass ee misst fir d'éischt emol direkt investéieren. Mir brauchen déi Suen. Mir mussen direkt investéieren an net an dee Fong do investéieren.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Wagner. Här Clement.

M. Sven Clement (Piraten) | Jo, merci, Här President. D'Madamm Adehm huet u sech eppes ganz Wichtiges a Richteges gesot, nämlech dass mer, och wa mer méi Recettë maachen, weiderhin en Defizit hunn, an deementspriedend déi Motioun eis hei u sech invitéiert, mat Scholden ze spueren. Sou.

Dat mécht nëmmen an enger Hypothees Sënn – an dat wäert de Grond sinn, firwat mer eis enthalten, well dat net onbedéngt sécher ass, virun allem, wéi se aus dem FSIL herno erëm géifen erauskommen –: Wann een eng Arbitrageopportunitéit géif benotzen a seet: „Ma, eisen Invest generéiert méi Revenu duerch d'Zënse, duerch de Rendement, wéi eis d'Schold, déi mer doduerch mussen ophuelen, kascht“, dat heescht, dass mer u sech e positiivt Geschäft géife maachen.

Vu dass mer awer dofir keng Garantie hunn, kënne mer eis bei där Motioun hei net derfir ausschwätzen. Mir wäerten eis dofir enthalten.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Clement. Ech gesinn zu deser Motioun keng weider Wuertmeldungen. Wëllt d'Auteure nach d'Wuert huelen? Madamm Tanson.

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Jo, just ganz kuerz. Also, déi Diskussioun, fir déi, déi net dobäi waren, déi ass opkomm mam Här Bausch, deen do war, fir den Avis vum Conseil national des finances publiques virzestellen, am Kader vum Avis. An do hate mer eng ganz Diskussioun doriwwer, wéi d'Madamm Bofferding och elo grad richtig gesot huet, wéi een da kéint besser aschätzen, wéi eng Recetten erakommen.

An do hunn ech en du gefrot, mee wat hien dann als Iddi hätt, nieft eeben deene Saachen, déi mer erëm gesot ginn, fir och e besseren Echange ze hu vun Informatiounen. Dunn huet en eebe fonnt, dat dote wär e gudder Wee. An ech muss em wierklech Recht ginn. Ech hätt och nach kee Problem, wann ee géing soen: „Dann encadréiert een dat e bëssen.“

Ech fannen et e bësse schued, dass dat elo einfach ofgekanzelt gëtt, well et fir eis wierklech an déi richteg Richtung gaange wär. Mee mir sinn der Meenung, et wär essentiel, dass mer eis géingen, virun allem och fir déi zukünfteg Generatiounen, dee faméisen Apel fir den Dusch, deen ech dann elo haut fir d'lescht ernimmt hunn, wäerten halen. Ech gesinn, dass dat net onbedéngt erwünscht ass. Ech bedauern dat.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Tanson. Domat wär dann d'Diskussioun iwwert des Motioun ofgeschloss.

Da géinge mer d'Motioun zum Vott stellen.

Vote sur la motion 1

Ech maachen de Vott op. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 16 Jo-Stëmmen, 42 Nee-Stëmmen, 2 Abstentionen. Des Motioun ass also mat 42 Nee-Stëmmen géint 16 Jo-Stëmmen bei 2 Abstentionen rejetéiert.

Ont voté oui : M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Cloener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt (par M. Georges Engel), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Foyot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring.

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Diane Adehm), Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf (par Mme Stéphanie Weydert), Marc Spautz, Charles Weiler (par Mme Nathalie Morgenthaler), Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp) et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum (par M. Gusty Graas), Mmes Simone Beissel (par M. André Bauler), Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt (par M. Guy Arendt), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer et M. Gérard Schockmel ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus : MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Motion 2

Da komme mer zur zweeter Motioun vun der Madamm Tanson. Gëtt et dozou Wuertmeldungen? D'Madamm Hartmann, d'Madamm Weydert, d'Madamm Bofferding. Madamm Hartmann, da fänkt Dir un.

Mme Carole Hartmann (DP) | Jo, villmools merci, Här President. Déi Motioun hei, déi fret, dass d'Regierung soll eng Evaluatioun maache vun der Structure tarifaire, wat d'Stroumpräisser ugeet. E Sujet, dee mer jo och schonn hei diskutéiert hunn, wéi mer d'Weiderféiere respektiv d'Finanzéierung vum Stroumpräisdeckel hei diskutéiert hunn.

Et gëtt awer en Ënnerscheid an deenen zwou Motiounen. Dir referéiert Iech hei op déi eng Motioun, wou Der am Fong och schonn eng Evaluatioun gefrot hutt vun deem Energiepräisdeckel. An hei frot Der awer d'Evaluatioun eigentlech méi prezis fir d'Structure tarifaire.

Dat si fir mech zwou verschidden Demanden, well an där éischter Demande, déi mer jo och an d'Kommissioun verweisen hunn, do schwätze mer explizit vun der Limitatioun op 30 % Augmentatioun vun der Elektrizitéit. An do ass eng Decisioun vun der Regierung, d'Stroumpräisser eeben ze limitéieren. A mir hunn hei an der Chamber eigentlech de Finanzement vun deem Stroumpräisdeckel festgehalen.

D'Structure tarifaire ass eng Tariffstruktur, déi vum ILR als onofhängegem Gremium festgeluecht gouf. A mir hate jo eng länger an eng ganz interessant Kommissiounssitzung, wou mer, mengen ech, och vum ILR dee ganze Prozedere laang erkläert kritt hunn, wéi et zu där Structure tarifaire komm ass, déi da vun deem onofhängege Regulateur, och op Propos ebe vun deenen eenzelne Gestionnaires, opgestallt ginn ass, an dass do u sech de Minister och gesot huet: „Ech gräifen do och net an an déi Proposen, déi ech vun deem onofhängege Regulateur kréien.“

Duerfir géif ech hei nach eng Kéier op d'Onofhängegkeet vun dem ILR hiweisen a géif dowéinst och proposéieren, dass mer déi Motioun hei net géifen unhuelen, well mer eeben als Chamber, an d'selwecht wéi d'Regierung och, net sollten an déi Aarbecht vun dem ILR als Regulateur, wat hei d'Elektrizitéit ugeet, agraifen.

Merci.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Hartmann. Madamm Weydert.

Mme Stéphanie Weydert (CSV) | Villmools merci, Här President. Jo, ech mengen, d'Madamm Hartmann huet scho wichteg Saache gesot. Hei ass en neie System vun enger dynamescher Tariffstruktur an enger optiméierter Notzung vun den Infrastrukturen a vum Netz, deen den 1. Januar wäert a Kraaft trieden. Mir hunn net méi spët wéi virun 14 Deeg den ILR an der Ekonomieskommissioun gehat, wou dat wierklech en long diskutéiert gouf an och erkläert gouf, wéi déi Tariffer do zustane kommen, wéi dee ganze Prozess dovunner ass.

An dann déi Motioun, déi de 4. Dezember dra war, do hunn ech gelies, dass mer do gesot hunn, mir géifen „analyser les différents instruments tarifaires et interventions réglementaires nécessaires pour garantir un prix d'électricité abordable et compétitif pour les ménages“. Dat ass fir mech eigentlech dat selwecht, wat elo hei gefrot gëtt, wou mer soen: „Mir maachen eng Evaluatioun dovun.“ An dowéinst ass dat hei fir eis en double Emploi. An dowéinst soe mir och, dass mer déi Motioun hei net wäerte matzestëmmen.

Ech soen Iech Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Weydert. Madamm Bofferding.

Mme Taina Bofferding (LSAP) | Merci, Här President. Et ass richtig, wéi d'Madamm Hartmann op déi Differenzen hei higewisen huet. Ech mengen och, dass d'Madamm Tanson sech däers bewosst war. Mee wat hei jo just gefrot gëtt, ass, dass eng Evaluatioun dovunner soll gemaach ginn – net vun der Decisioun, déi d'Politick geholl huet, mee eeben hei iwwert d'Struktur vum Tariff, déi vum ILR eeben zesummegestallt gëtt.

An hei geet et jo just drëm, ze kucken, wéi een Impakt dat elo huet fir déi Menagen, well mer jo wëssen, dass am Januar de Stroum fir jiddereen hei am Land an d'Luucht wäert goen. Dofir hu mer jo och d'Gesetz virun zwou Wochen net matgestëmmt. An ech mengen, et ass awer wichtig, ze kucken, wéi dat sech elo weider entwéckelt.

An da kënn jo eréischt d'Politick an d'Spill, fir gegebenefalls nach eng Kéier un den Deckel ze goen oder soss eng Mesür ze huelen. Et geet jo just drëms, einfach ze kucken, wéi d'Menagen eeben elo där neier Hausse vun de Stroumpräisser ausgeliiwert sinn, an ze kucken – ech mengen, mir schwätze jo haut vun der responsabiler Politick, déi mer wëllen huelen –, ob mer eventuell do mussen de Menagen ënnert d'Äerm gräifen.

Dofir, mengen ech, ass déi Differenz hei scho ganz kloer. Et ass dat, wat domadder gemengt ass, an dat wäerte mer och domadder ënnerstëtzen.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Bofferding. Här Keup.

M. Fred Keup (ADR) | Merci, Här President. Jo, dat, wat gesot ginn ass, ass richtig. Et ass menger Meinung no awer och ganz schwéier, no sechs Méint eng Etüd ze maachen oder en Impakt ze moossen iwwert den Avancement de la transition énergétique opgrond vun där neier Structure tarifaire. Ech weess guer net, wéi een dat géif maachen, ob dat iwwerhaupt méiglech ass, well dat hängt jo vun esou vill Parametere of, wéi schnell dann Är Transition énergétique weidergeet.

A bei de Consideranten, do ass och ee Punkt vläicht méi déifgräifend, deen awer an d'A fällt. Dat ass den Tiert 5: „que la transition énergétique nécessite des prix d'électricité abordables“. Also, mengem Verständnis no ass d'Transition énergétique eppes, wat immens deier ass an also automatesch och héich Energiepräisser mat sech bréngt.

(Interruptions)

Wéi kann dann déi Transition énergétique méiglech si mat niddrege Präisser? Dat bäisst sech jo. Also, a mengen Ae geet dat net. Wann een eng Transition énergétique mécht, ginn d'Präisser eebe méi héich. Voilà!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Keup. Här Clement.

M. Sven Clement (Piraten) | Jo, merci, Här President. Als Éischt emol, ech mengen, wien nach ëmmer net den Elektrizitéitsmaat verstanen huet a weess, dass erneierbar Energien zu engem groussen Deel déi bëllegsten Energie sinn, déi ee ka kafen am Verglach mat allen aneren Energiequellen, deen huet net nëmmen an der Economie net opgepasst, mee en huet sech och einfach hannert iergendengem Stee verstoppt a wëll d'Realitéit net gesinn.

(Interruption par Mme Sam Tanson et hilarité)

A genau dowéinst ass et bei dëser Motioun hei och, mengen ech, wichtig a richtig, dass mer se unhuelen, well se eeben erméiglecht, vum Bauchgefill

fortzekommen, wat den Impakt dovunner ass, an zu Fakten ze kommen an op Basis vu Fakten dann och eng Entscheedung kënnen ze huelen, ob dann elo dat, wat mer fäerten – wat haaptsächlech d'Oppositioun fäert, Här Roth –, antrëtt oder ob dat, wat d'Majoritéit am Moment seet, dass dat kee gréisseren Impakt wäert hunn, da wäert antrieden. Ech mengen, dass et hei herno drëm geet, an d'Këscht ze kucken an ze wëssen, erauszefannen, ob dem Schrödinger seng Kaz da lo leeft oder net.

An ech mengen, wéi kann een dat moossen? Dat ass och ganz einfach ze moossen: Gi méi Wärmepompele verkauf wéi virdrun oder ginn der manner verkauf? Do gëtt et jo Vergläichsperioden. Gi méi Elektroautoen oder Hybride verkauf oder ginn erëm méi Verbrenner verkauf? Alles dat si ganz kloer Fakten, déi ee kéint innerhalb vun deenen nächste sechs Méint eng Kéier kucken. Deementspriedend wéisst een dann och, ob de PNEC nach agehale gëtt oder net.

Dowéinst ass dat heiten eng Motioun, déi een u sech matstëmme muss.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Clement. Här Wagner.

M. David Wagner (déi Lénk) | Merci, Här President. Jo, mir wäerten déi Motioun absolutt matdroen. Ech mengen, d'Madamm Bofferding huet jo och e groussen Deel vun der Argumentatioun ginn. Et ass jo erkläert ginn, dass d'Präisser festgesat gi vum ILR, nodeems den ILR sech och an enger éischter Phas mat de Gestionnaires ofgeschwat huet.

An duerno, dat krute mer jo och erkläert vum Energie-minister, dem Här Delles, d'äerf de Minister trotzdeem nach agräifen. En huet säin Accord ginn. Ok, dat ass e politesche Choix. En dierf awer agräifen, andeems en dat awer begrënt. Voilà. Mee en huet dorobber verzicht.

A mir gesinn: Esou eng Evaluatioun géif jo justement och engem Minister hëllefen, fir kënnen ze begrënne respektiv net ze begrënne – dat ass him iwwerlooss –, mee datt en zum Beispill awer och schwaarz op wäiss eng Begrënnung hätt, fir ze soen: „Hei nee, ech opposéiere mech zu där neier Tarifkatioun“, oder: „Ech opposéiere mech net.“ Dat heescht, dass ass en Hëllefsmittel, fir dat ze maachen. An da gesi mer och justement an der Transitioun, maja, déi Leit, déi hiren Elektroauto owes wëllen oplueden et cetera, inwiefern dat gehollef huet oder och net.

An ech wollt ganz kuerz och nach soen: Et ass net, well den Invest deier kascht, fir eng Transition énergétique ze maachen, fir méi propper Energien ze hunn, dass duerno d'Energie méi deier gëtt. Nee, se gëtt méi bëlleg! Mee den Invest ... Fir d'Éischt muss een investéieren, jo! Mee duerno profitéiere mer all dovunner.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Wagner. An da kritt d'Auteure nach eng Kéier d'Wuert. Madamm Tanson.

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Jo, merci, Här President. Ech muss soen, déi Motiounsdiskussiounen, dat sinn ëmmer plus ou moins déi spannendst Momenter, déi mer heibannen hunn, ...

(Interruptions et hilarité)

... well ech sinn awer elo relativ paff iwwert de Verlauf vun där Diskussioun. Firwat hunn ech déi Motioun deposéiert de Mëtten?

Une voix | A!

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Ech hunn Iech dat virdu gesot, jo! Mee dat ass, well den Här Spautz, de Chef vun där gréisster Partei heibannen, an och, mengen ech, bal ëmmer en Deel vun der Majoritéit,

genau dat proposéiert huet de Moien a senger Ried, wat ech elo hei a meng Motioun geschriwwen hunn. Dat heescht, dass mer no sechs Méint sollten eng Evaluatioun genau heivunner maachen, Madamm Hartmann, ...

(Interruption)

... net vun de Präisser, net just vun dem Deckel op den Energiepräisser.

An do, Här Roth, ech hunn dat elo virdrun net och nach prezisiéiert, mee: Mir maachen esou oft Saachen, wou mer kritiséiert ginn op europäeschem Niveau – den Deckel um Elektresch, ech mengen, do wier et elo wierklech net drop ukomm. Klamer zou.

Mee wat elo dat heiten ubelaangt: Wat hätte mer gär? Mir hätte gär – an ech ginn dem Här Spautz absolutt Recht, dass dat wierklech wichtig wär –, dass mer kucken, ob dat, wat elo decidéiert ginn ass a wat awer wierklech holterdiepolter elo hei ëngesat gëtt, och dat gewënschten Zil erreecht.

(Interruption)

An dass d'Regierung dat net wëll wëssen oder dass mir ass Chamber soen: „Mir wëllen dat net wëssen, den ILR soll dat kucken“, ...

(Hilarité)

... well si hunn dat jo elo wierklech magistral hei gemeeschtert, fannen ech wierklech ganz erstaunlech!

An da kënn nach eppes derbäi: D'Regierung ass och vertrauden an Aarbechtsgruppen um Niveau vum ILR. Dat heescht, et ass jo guer net esou, wéi wann d'Regierung guer näischt do dermat ze dinn hätt. Och wann de Minister am Moment am léifsten hätt, en hätt näischt dermat ze dinn, sou huet en eppes dermat ze dinn!

An net wëllen ze wëssen, ob – wann een d'Leit méi bezuelen deet mat Tariffer, déi en plus esou ausgefouert sinn, dass et net schrecklech vill méi rentabel ass, wann een an den ieweschte Kategorien ass, effektiv an der Nuecht ze lueden an esou weider an esou fort – een dee Lenkungseffekt och erreecht – an dat kann een och no sechs Méint scho kucken, Här Keup, an do kann een nach ganz aner Saache kucken –, dat verstinn ech wierklech net!

An dann, Här Keup: Jo, ech weess, dat si sou Sujeten, déi interesséieren Iech null!

M. Fred Keup (ADR) | Dach, dach! Ganz vill, ganz vill! *(Brouhaha)*

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Eppes, wat Iech awer wierklech misst interesséieren, ...

(Interruption et hilarité)

... an ech gesinn, ...

(Interruption par M. Sven Clement et brouhaha général)

M. Claude Wiseler, Président | Sou, wannechgelift! Madamm Tanson.

Mme Sam Tanson (déi gréng) | ... an ech gesinn och, Här Keup, nach alt erëm eng Kéier e Risenënerscheed tëschent Iech an ons: Mir hätte gär, dass d'Elektreschpräisser fir d'Leit méi niddreg ginn. Dir gesitt dat anescht. Dont acte.

M. Fred Keup (ADR) | Gréng gëtt deier!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Tanson. Domat wär d'Diskussioun zu dëser Motioun ofgeschlossen a mer géingen zum Vott vun der Motioun kommen.

(Brouhaha)

Vote sur la motion 2

Ech maachen de Vott op. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschlossen.



D'Resultat vum Vott ass: Jo-Stëmmen: 20, Nee-Stëmmen: 40, Abstentoun: 0. Dës Motioun ass also ofgeleent mat 40 Nee-Stëmme géint 20 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui : M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt (par M. Yves Cruchten), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles (par Mme Octavie Modert), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf (par Mme Diane Adehm), Marc Spautz (par Mme Stéphanie Weydert), Charles Weiler (par Mme Nathalie

Morgenthaler), Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp) et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel (par M. Gusty Graas), Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt (par M. André Bauler), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer et M. Gérard Schockmel ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | An de soziale Fligel ass schonn erëm eng Kéier gestutzt ginn!

Une voix | O!

Motion 3

M. Claude Wiseler, Président | Wann ech elo richteg verstanen hunn, da brauche mer net iwwert déi drëtt Motioun ze schwätzen, well den Här Fayot dem Här Minister op dësem Punkt – just op dësem Punkt – emol

traut. A bei groussem Souci de prévention vum Superfetatoire géinge mer dann haut net iwwert dës Motioun ofstëmmen. Da géing se net zum Vott kommen. Hunn ech dat esou richteg verstanen?

(Assentiment)

Den Här Fayot wénkt Jo. Tipptopp.

(La motion 3 de M. Franz Fayot est renvoyée à la Conférence des Présidents.)

Da si mer, léif Kolleeginnen a Kolleegen, um Schluss vun eiser Diskussioun vun haut ukomm. De Staatsbudget fir d'Joer 2025 an d'Programmation financière pluriannuelle 2024-2028 stelle mer muer de Moien zum Vott, dat, nodeems de Projet de loi 8403 iwwert de Compte général vum Exercice 2023 diskutéiert a gestëmmt gouf.

Domat si mer um Enn vun dëser Sëtzung ukomm. Déi nächst Sëtzung ass muer de Moien um 9.00 Auer.

D'Sëtzung ass opgehuewen.

(La séance publique est levée à 18.09 heures.)

Questions au Gouvernement

Sommaire

Objet	N°	Auteur	Page	Objet	N°	Auteur	Page
Contrats VEFA	1259	Paulette Lenert, Franz Fayot	63	Espaces de verdure et de plantations	1306	Joëlle Welfring	73
Bénéficiaires de protection internationale dans les structures de l'Office national d'accueil	1263	Claire Delcourt	63	Biotopes et couvert boisé	1307	Joëlle Welfring	73
Régime d'aides « Klimabonus Mobilité »	1271	Liz Braz	64	Ambiance de travail à l'administration communale de Contern	1308	Djuna Bernard, Meris Sehovic	74
Portail myguichet.lu	1278	Marc Goergen	64	Enquête de la CSSF dans l'affaire Caritas	1310	Laurent Mosar	74
Remboursement par la CNS	1279	Laurent Mosar	64	Procédure d'arbitrage investisseur-État	1312	Sven Clement	74
Fusion de la Nordstad	1282	Meris Sehovic	65	Évaluation de lois dans le domaine de la finance	1313	Sven Clement	75
Paquet de mesures dans le domaine de la lutte contre la criminalité liée aux stupéfiants	1283	Paulette Lenert, Dan Biancalana	65	Nouvelle ambassade et bureau de coopération au Proche-Orient	1314	Liz Braz	75
Soumissions publiques	1289	Sven Clement	67	Propos du pape concernant l'avortement	1315	Taina Bofferding, Paulette Lenert	75
Exportation de déchets plastiques vers des pays non membres de l'OCDE	1293	Mars Di Bartolomeo, Claire Delcourt	67	Ventes de terrains communaux sur le marché privé	1316	Dan Biancalana	75
Boues des stations d'épuration	1294	Mars Di Bartolomeo, Claire Delcourt	68	Plurinationalité	1317	Fred Keup	76
Groupe d'intervention pénitentiaire	1295	Dan Biancalana	68	Plan d'action national « Prostitution »	1318	Mars Di Bartolomeo	76
« European Judicial Organised Crime Network »	1296	Dan Biancalana	69	Hôpital de Wiltz	1319	André Bauler, Gilles Baum	77
Institut de formation pénitentiaire	1297	Dan Biancalana	69	Personnes disparues	1320	André Bauler, Luc Emering	78
Leçons tirées de l'épidémie de fièvre catarrhale	1298	Joëlle Welfring	70	Utilisation d'antibiotiques	1322	Alexandra Schoos, Jeff Engelen	78
Aménagements raisonnables des salles de classe	1299	Francine Closener	71	Campagne anti-littering concernant les sachets de nicotine	1323	Mars Di Bartolomeo, Claire Delcourt	79
Accessibilité au brevet de technicien supérieur pour les personnes en situation de handicap	1300	Francine Closener	71	Responsabilité des huissiers de justice lors de l'accomplissement de leurs missions	1324	Dan Hardy	79
Élèves à besoins spécifiques	1301	Francine Closener	72	Vide-greniers privés	1325	Tom Weidig	79
Cadeau officiel offert au Pape François	1302	Liz Braz	72	Organisation des cycles de gardes de pharmacies luxembourgeoises	1326	Mars Di Bartolomeo, Liz Braz	79
Archives de l'Administration du cadastre	1303	Franz Fayot	72	Demande pour un titre de séjour d'un artiste iranien	1328	Taina Bofferding	80
Mesures de sécurité à l'Aéroport de Luxembourg	1304	Liz Braz	73				